



Marge-de-manoœuvre an anere Politikberäicher kënn, eleng duerch den Automatismus, deem iwwert deen dote Wee besteet.

Ech wëll och nach eng lescht Zuel nennen. Wann ech vergläiche mam Kont 2011, dat sinn also déi lescht Fixzuelen, an ech kucken elo d'Previsioun fir 2013, dann hunn d'Gemeenge matgedeelt kritt, dass si zimlech genau 2013 mat deene Sue kënnen rechnen wéi virun zwee Joer. Dat heescht, 0% derbäi, e kleng Minus souguer par rapport zu 2011. Dem Stat seng Einnahmen, seng lafend Einnahme ginn awer an d'ärselwechter Period, wann ech do de Kont 2011 vergläiche mam Budget 2013, ëm 8% an d'Luucht.

Do ass sech amgaangen eng Schéier ze bilden, déi bedenkelech ass a wou et wichteg ass ze reagéieren. Dofir mengen ech, dass et gutt ass, dass déi Fro vun de Gemeengefinanzen an der Diskussioun ass. Si ass vläicht net um richtegen Enn ugepaakt gi vun der Subventionéierung, mä och doriwwer muss ee schwätzen, dat däréi och keen Tabu sinn.

Mä nach wie vor mengen ech, dass et wichteg ass, dass mer dee Blocage, deen iwwer Jore besteet an där doter Fro, ewechkréien an dass mer zerguttst iwwer eng Neigestaltung vun der Steuerlandschaft bei de Gemeenge schwätzen.

► **Une voix.**- Très bien!

► **M. Alex Bodry (LSAP).**- Här President, Dir Dammen an Dir Hären, et ass a Moud natierlech, d'Regierungspolitik ze kritiséieren. An de Rapporteur huet et och gesot: Deenen enge geet se ze wäit, deenen anere geet et net wäit genuch. Wat virun allem mer opfällt, ass awer déi Virulenz, mat där eigentlech hei kritiséiert gëtt. Ech mengen, ech gesti gären an, dass munches an der Virbereedung vun den Décisiounen, munches och an der Kommunikatioun vun deenen Décisiounen net esou gelaf ass, wéi dat wünschenswäert gewiescht wär. Dat muss een hei frank a fräi agestoen.

Ech mengen awer nach wie vor, wann ech d'Resultat elo kucken a wann ech d'Haupt-, déi grouss Chiffere kucken, déi eis hei virleien, dass d'Resultat awer richtig ass an dass mer eis elo eng Aarbechtsmethod och ginn, fir déi nächst Joren eng Radiografie ze maachen an deenen eenzelne Politikberäicher, eng Evaluéierung ze maachen, wat mer scho jorelaang froen, vun deenen eenzelne Moossnamen, déi d'Regierung hält, fir kënnen och déi richtig Décisioun ze huelen an déi och rationell no bausse kënnen weiderzeverméttelen. Dat ass d'Aufgab, mengen ech, op déi Politik ze kucken.

Ech hu bis elo gespëtzt, ech si virwëtzeg, wat nach kënn et Alternativen. Ech hunn dem Här Meisch hei nogelauschtert. En huet viles ugekënnegt: „Mir wäerten..., mir müssen...“, mä dat alles sinn allgemeng, onverbindlech Id-dié gewiescht, déi jiddweree vläicht an där enger oder anerer Form hei kéint soen.

D'Regierung ka sech deen dote Luxus net leeschten. An des Koalitioun ka sech dee Luxus net leeschten a si huet sech dee Luxus net gelescht, bei allgemeng verbindlechen Aussoen (veuillez lire: bei allgemengen, onverbindlechen Aussoen) ze bleiwen, fir Niwwelbommen hei ze zünden, wou kee Mënsch weess, wat sech hannendru verstoppt.

D'Regierung huet Faarf bekannt mat enger Rei vu Moossnamen, wou keng populär ass! Wou keng populär ass! Dat wësse mer. Mir maachen dat jo net, well mer eis wëlle wéiden, well mer de Leit wëlle wéiden, well mer net frou mat de Leit wäeren. Mä mir maachen dat, well mer dat an deem Moment als eng richtig Äntwert emfannen.

Mir mengen och, dass mer et ronnbruecht hätten, an der leschter Mouture vun dem Steuerpak besonnesch, en Équilibre hierstellen och

tëschen Privatleibbesteuerung a Besteuerung vun de Betriber, deen eis wichteg war.

Mir mengen, dass mer et fäerdegbruecht hunn, déi ënnescht Schichten, déi kleng Leit - déi si fir mech emol fir d'Éischt wichteg, da kucke mer no de Mëttelschichten -, déi kleng Leit schadlos ze halen, wat all déi Moossnamen ugeet, déi mussen getraff ginn, fir eis öffentlech Finanzen hei am Gläichgewicht ze halen.


Ech hätt mer haut erwaart, et géif méi Konkretes komme wéi dat allgemengt Geplätschers, wat mer schonn x-mol héieren hunn, wat hei virgefouert ginn ass. Ech erkennen hei keng valabel Alternativ zu deser Koalitioun an deser Regierungspolitik, déi hei gemaach gëtt. An dofir wäert d'LSAP-Fraktioun och geschlossen dese Budget stëmmen.

Merci.

► **M. le Président.**- Merci dem Här Bodry. Domadder wär d'Riednerléicht fir de Moien erschöpft a mir géifen de Mëtteg um zwou Auer virufuere mat de Budgetsdebatten.

D'Sitzung ass opgehewen.

(Fin de la séance publique à 11.25 heures)



Présidence: M. Laurent Mosar, Président • Mme Lydia Mutsch, Vice-Présidente

Sommaire

6497 - Projet de loi portant modification

- de la loi modifiée du 4 décembre 1967 concernant l'impôt sur le revenu;
- de la loi modifiée du 16 octobre 1934 concernant l'impôt sur la fortune;
- de la loi générale des impôts modifiée du 22 mai 1931 («Abgabenordnung»);
- de la loi modifiée du 30 juin 1976 portant 1. création d'un fonds pour l'emploi; 2. réglementation de l'octroi des indemnités de chômage complet;
- de la loi modifiée du 22 décembre 2006 promouvant le maintien dans l'emploi et définissant des mesures spéciales en matière de sécurité sociale et de politique de l'environnement;
- de la loi modifiée du 12 février 1979 concernant la taxe sur la valeur ajoutée;
- de la loi modifiée du 30 juillet 2002 déterminant différentes mesures fiscales destinées à encourager la mise sur le marché et l'acquisition de terrains à bâtir et d'immeubles d'habitation (suite)

6500 - Projet de loi concernant le budget des recettes et des dépenses de l'État pour l'exercice 2013 (suite)

- Discussion générale commune (suite): M. François Bausch (dépose une motion, interventions de M. Fernand Boden et de M. le Ministre Luc Frieden, M. Marc Spautz pose une question, M. Xavier Bettel intervient), M. Gast Gibéryen (M. Luc Frieden et M. Camille Gira posent des questions; M. Luc Frieden intervient, M. Camille Gira, M. Luc Frieden et M. Félix Braz interviennent, M. Robert Weber pose des questions), M. Serge Urbany, M. Michel Wolter (M. Gast Gibéryen et M. Jean-Marie Halsdorf interviennent), M. Fernand Etgen, M. François Bausch (M. Robert Weber pose une question)

- M. Luc Frieden, Ministre des Finances

- Vote sur l'ensemble du projet de loi 6497 et dispense du second vote constitutionnel

- Vote sur l'ensemble du projet de loi 6500 et dispense du second vote constitutionnel

- Vote sur la motion 1 modifiée (adoptée)

Au banc du Gouvernement se trouvent: Mme Mady Delvaux-Stehres, MM. Luc Frieden, François Biltgen, Mars Di Bartolomeo, Jean-Marie Halsdorf, Claude Wiseler, Mme Octavie Modert, MM. Romain Schneider et Etienne Schneider, Ministres.

(Début de la séance publique à 14.03 heures)

► **M. le Président.**- Ech maachen d'Sitzung op.

Huet d'Regierung eng Kommunikatioun ze maachen?

(Négation)

Dat schéngt net de Fall ze sinn.

Mir fueren dann de Mëtteg viru mat der Diskussioun iwwert d'Budgete respektiv iwwert de Projet de loi 6497. Ech hu fir de Mëtten nach ageschriwwen folgend Riedner: déi Häre Bausch,

Gibéryen, Urbany, Wolter an Etgen. Als éischte Riedner haut de Mëtteg kritt dann elo den Här François Bausch d'Wuert. Här Bausch, Dir hutt d'Wuert.

6497 - Projet de loi portant modification

- de la loi modifiée du 4 décembre 1967 concernant l'impôt sur le revenu;

- de la loi modifiée du 16 octobre 1934 concernant l'impôt sur la fortune;

- de la loi générale des impôts modifiée du 22 mai 1931 («Abgabenordnung»);

- de la loi modifiée du 30 juin 1976 portant 1. création d'un fonds pour l'emploi; 2. réglementation de l'octroi des indemnités de chômage complet;

- de la loi modifiée du 22 décembre 2006 promouvant le maintien dans l'emploi et définissant des mesures spéciales en matière de sécurité sociale et de politique de l'environnement;

- de la loi modifiée du 12 février 1979 concernant la taxe sur la valeur ajoutée;

- de la loi modifiée du 30 juillet 2002 déterminant différentes mesures fiscales destinées à encourager la mise sur le marché et l'acquisition de terrains à bâtir et d'immeubles d'habitation (suite)

6500 - Projet de loi concernant le budget des recettes et des dépenses de l'État pour l'exercice 2013 (suite)

Discussion générale commune (suite)

► **M. François Bausch (déi gréng).**- Här President, Dir Dammen an Dir Hären, véier Joer Wirtschafts- a Finanzkris hunn däitlech Spuren an de Lëtzeburger Statsfinanzen hannerlooss. Déi direkt Käschten duerch des Kris schloen zu Buch duerch steigend Sozialausgaben, virun allem bei de Chômage-Indemnitéiten, déi méi héich mussen ausbezuelt ginn. Héich Bäiträg, déi mer hu misse bezuelen, fir Banken ze retten, an och Risiken, déi mer nach droen duerch Garantië bei enger Bank.

Ech wëll drun erënneren, datt mer d'lescht Joer am Kader vum Budget eng Statsgarantie vun 2,7 Milliarden - also „mir“, Dir hutt déi gestëmmt; mir hu se net gestëmmt - gestëmmt hu fir d'Dexia, fir datt d'BIL kéint aus der Dexia erausgeholl ginn. Dat sinn 2,7 Milliarde Statsgarantien, wou de Moment eis, loosse mer soen, nach näischt kascht hunn, mä eis nach ëmmer kënnen eppes kaschten.

Mä d'Kris huet och dozou gefouert, datt eis Steiereinnahmen, eis Recetten zrëckginn. Si kennzeechen sech awer och duerch stagnéierend oder falend Realléin. An natierlech och duerch déi schlecht Konjunkturlag kréie mer manner Recetten eran, well d'Benefisser vun de Betriber, net all, mä mindestens awer deelweis, zrëckginn.

Wann een eleng d'Mehrausgabe fir de Stat duerch de steigende Chômage kuckt, da gesäit ee schonn, wéi séier a wéi rapide datt verschidden Dépense geklomme sinn. Mir haten 2008 nach e Chômage vu 4,8%, am Joer 2012 leie mer bei 6,1%. De Budget 2011 huet de Chômage eis nach 536,7 Milliounen kascht, am Budget 2012 waren et der scho 638,1 an d'Previsioun fir 2013 läit bei 682,6 Milliounen.

Dat heescht, hei ass awer och nach ze soen, datt dat éischter, géif ech emol soen, nach optimistesche Schätzunge si fir d'Finanzen, well heiranner si sécherlech net agerechent den Aarbechtsplatzofbau, deen zum Beispill kënn bei der KB, bei der Cargolux oder anere Betriber, déi de Moment net ganz gutt dostinn, soudatt een dovun aus ka goen, datt déi Previsioun fir 2013 vu 682,6 Milliounen éischter méi héich wéi méi niddreg wäert ausfale vun Dépensen.

Da gesäit een, datt de Mehrkäschtepunkt bei de Chômage-Indemnitéiten also tëschen, eleng tëschen 2011 an 2013 146 Milliounen Euro pro Joer ausmécht. Dat sinn enorm Onkäschten, déi, wéi gesot, mam steigende Chômage verbonne sinn.

Lëtzebuerg, de fréiere Musterschüler am PIB-Wuesstum an der EU, ass bei dem Wirtschaftswuesstum uerg ënnert d'Rieder geroen an dat huet natierlech déck Répercussione sougutt op den Emploi wéi och op d'Recettésäit beim Stat. Wann een d'Wuesstumsmoyenne kuckt tëschen 1995 an 2008, do hate mer eng Wuesstumsmoyenne vu 6%, tëschen 2008 an 2013 komme mer nach knapp op 1% an der Moyenne, mat souguer engem Joer derbäi, wou mer Minuswuesstum haten, also wou mer am Minus louchen.

Ganz signifikant a problematesch ass fir eis awer, datt zënter zwee Joer mer souguer hannernt engem vun eise gréissten Nopeschlänner leien, an zwar deem, wou mer och déi wichtigst Handelsbeziungen hunn, Däitschland. Zënter zwee Joer leie mer, wat de Wuesstum ugeet, hannert Däitschland. Do muss ee laang zrëckkucke goen an der Geschicht, fir dat ze fannen. Wann ech kucken, 2012 hat Däitschland e Wuesstum vun 0,8%. Mir leie virausiichtlech bei 0,4%. Fir 2013 ass an Däitschland e Wuesstum prognostizéiert vun 0,8%. Mir wäerten do bei 0,7% leien.

Dat heescht, dat ass schonn en alarmant Unzeechen, datt zu Lëtzebuerg zënter 2008 d'Welt sech wesentlech geännert huet par rapport zu deene 15 oder souguer 20 Joer virdrun.

Niewent den direkten Effekter vun der Kris schleefe mer awer och nach eng ganz Rei strukturell Problemer mat eis erëm, déi en net onwesentlechen Effekt op d'Statsfinanzen hunn. Des hunn och näischt mat der Kris ze dinn, mä d'Kris huet se just méi siichtbar gemaach.



Sou sinn an deene leschten 20 Joer eng ganz Rei, ech nenne se emol sougenannten „Sozial-mesuren“ décidéiert ginn, déi duerch hir Onselektivitéit haut de Budget staark belaauchten. Ech wëll stellvertriedend duerfir eng erauszeien, well déi besonnesch erausstécht, dat ass déi ominéis Mammerent, déi d'CSV 2001 aus bëllegem elektoralem Gewënn duerchgedréckt huet; et hat kee se gefrot.

(Interruptions diverses)

Et hat kee se gefrot, mä d'CSV huet se, wéi gesot, aus elektorale Grënn duerchgedréckt. Déi kascht haut de Statsbudget 70 Milliounen...

(Interruption)

Gelif? Dach, mir hunn dergéint gestëmmt, Här Boden. Dir kënnt lech dat vläicht net méi erënneren, mä et war awer esou.

(Brouhaha)

Déi kascht de Statsbudget haut 70 Milliounen Euro.

Mir schleefen awer och nach eng ganz Rei geféierlech strukturell Problemer, Här President...

► **M. le Président.**- Hei, ech géif lech bieden, lech e bëssen ze berouegen an dem Här Bausch elo emol nozelauschteren! Herno kann nach jiddwereen d'Wuert kréien.

► **M. François Bausch** (*déi gréng*).- Si kënnen och all mat mir schwätzen, mä se sollen hei net nach vis-à-vis matenee schwätzen, well soss verstinn ech definitiv näischt méi.

(Brouhaha)

► **M. Lucien Clement** (CSV).- Wou ass Äre Buergermeeschter, Här Bausch?

► **M. François Bausch** (*déi gréng*).- Gelif? Sidd Dir ewell... Dir sidd awer net Buergermeeschter, Här Clement.

► **M. Lucien Clement** (CSV).- Neen, Äre Buergermeeschter!

► **M. François Bausch** (*déi gréng*).- Eise Buergermeeschter, wien ass dat dann?

(Hilarité)

Den Här Kox? Den Här Kox, oder wien?

(Interruptions)

Mir schleefen awer och nach eng ganz Rei geféierlech strukturell Problemer op eise Recettë mat eis ronderëm, déi eis risquéieren an den nächste Joren op de Kapp ze falen. Ech wëll do haaptsächlech der dräi eraushuelen.

Dat éischt ass den Tanktourismus. Den Tanktourismus mécht 7,8% vun eise Recetten am Moment aus, an et gëtt villfälteg Grënn, firwat den Tanktourismus wäert zrëckgoen. Et gëtt sécherlech ekologesch Grënn, firwat e muss zrëckgoen, mä et gëtt awer och ekonomescher, déi ganz kloer drop hindeiten, datt en zrëck wäert goen, soudatt déi Nisch Tanktourismus lues a lues wäert verschwannen a mer net méi kënne mat deenen Einnahme rechnen.

Dann hu mer dodru gekoppelt den Tubaktourismus, dee mécht 4,8% vun eise Statseinnahmen aus am Moment, och eng Recette, déi an deenen nächste Jore ganz kloer éischter d'Tendenz wäert hunn, zrëckzegoen.

An da kënnt de Commerce électronique, dee 5,7% am Moment vun de Statseinnahmen ausmécht. Do fale 70% mindestens ab 2015 zrëck.

Dat heescht, mir wëssen haut schonn, datt mer Honnerte Milliounen manner Recetten hunn ab 2015, an et gëtt awer esou gemaach, wéi wann dat de Moment net de Fall wär. De Budget gëtt diskutéiert, wéi wann déi Recetten nach bis éiweg kéinte weiderdauern.

Mir schleefen awer och zënter Laangem en anere bekannten, awer enorme strukturellen Defizit mat eis ronderëm, nämlech deen, datt mer e wirtschaftleche Monolithismus hunn, eng Ofhängegkeet vun engem Wirtschaftssektor, déi enorm ass, nämlech de Finanzsektor. Dat ass näischt Neits, dat ass zënter 20 Joer bekannt.

D'Regierung huet, déi hei Regierung a virun allem eng vun deene Parteien, déi an där Regierung hei ass, weess dat schonn zënter 35 Joer an huet an deene leschten 20 Joer déi Situatioun einfach schleefe gelooss an näischt dozou gemaach.

Déi problematesch Situatioun vun eise Statsfinanzen huet deemno ganz ënnerschiddlech a facettäräich Ursachen.

► **M. le Président.**- Ech bieden lech wierklech, e bësse seriö elo hei nozelauschteren! Et ka jiddwereen herno nach intervenéieren, all Fraktioun huet nach méi wéi genuch Zäit. Mä loosst wann ech gelif d'Riedner ausschwätzen!

► **M. François Bausch** (*déi gréng*).- Här President, ech soen lech Merci, datt Der Äre Kolleegen hei riets e bësselchen an d'Gewësse riet.

► **M. le Président.**- Et sinn net nëmmen d'Kollege riets, Här Bausch.

(Brouhaha)

► **M. François Bausch** (*déi gréng*).- Déi héieren ech awer am härtesten! Déi héieren ech awer am härtesten.

► **M. Marc Spautz** (CSV).- Déi héiert Der am lëfsten.

► **M. François Bausch** (*déi gréng*).- Gelif?

► **M. Marc Spautz** (CSV).- Déi héiert Der am lëfsten.

► **M. François Bausch** (*déi gréng*).- Dat hänkt dovunner of, wat se soen, Här Spautz.

(Hilarité)

Déi problematesch Situatioun vun eise Statsfinanzen huet, wéi gesot, deemno ënnerschiddlech a ganz facettäräich Ursachen. Et gëtt externer, dat ass d'Kris, mä et gëtt awer och hausgemaachtener, an déi si scho laang bekannt an déi sinn duerch d'Kris, wéi gesot, just méi siichtbar ginn.

Duerfir ass och dem Finanzminister seng Rechtfertigungsschinn, fir ze maachen, wéi wann hien a seng Partei, déi elo, wéi gesot, ëmmerhin zënter 1979 onënnerbrach an der Regierung ass an onënnerbrach de Finanzminister stellt, wéi wa si keng Schold un där problematescher Lag fir d'Land hätten, déi ass falsch. Villes, wat haut als Begléckungsmomenter iwwert de Statsbudget finanziert gëtt an ni richtig duerchduecht war, ass ënner CSV-Responsabilitéit agefouert ginn.

► **Une voix.**- Bal alles.

► **M. François Bausch** (*déi gréng*).- Vill... Jo, bal alles, dat ass richtig, bal alles!

(Interruptions)

Dir maacht awer just haut, wéi wann Der ni eppes domadder ze di gehat hätt.

► **Une voix.**- Dat ass net wouer!

(Brouhaha)

► **M. François Bausch** (*déi gréng*).- Vill strukturell Problemer, vill strukturell Problemer vun haut...

(Brouhaha)

Här President, ech brauch haut zwou Stonne Riedezäit, esou wéi et ausgesäit.

► **Une voix.**- Mä Dir provoziert eis.

► **M. le Président.**- Fuert elo emol virun, Här Bausch!

► **M. François Bausch** (*déi gréng*).- Vill strukturell Problemer vun haut sinn ënner bal 35 Joer CSV-Regierungspolitik ausgesat ginn an net ugepaakt ginn.

► **Une voix.**- Richtig!

► **M. François Bausch** (*déi gréng*).- D'CSV-Politik um Scheckheft a vum Aussëtzen huet eis an déi heite Situatioun manövréiert, an duerfir ass et bal net auszehalen, wann de Finanzminister sech a seng Partei hei ëmmer wëllt duerstellen, wéi wa si déi wieren, déi d'Debatten iwwert d'Zukunft vum Land géife fördern.

(Interruptions)

Elong an deene leschten dräi Joer hu sech an der CSV bal op alle Punkte Leit fonnt, déi dat eent an och de Contraire gesot hunn, wann et drëms gaangen ass, konkret ze handeln, fir d'Land aus der Kris ze féieren. An ech wäert nach mat Beispiller genuch kommen.

Nu ginn ech dem Rapporteur... Iwwregens muss ech soen, et war e ganz interessante Rapport. De Rapporteur huet e Rapport dëst Joer gemaach, deen ech mindestens deelweis als en Oppositionsrapport ugesinn hunn. An e kritt natierlech paradoxerweis - mä dat kennzeichent dës Regierung jo och schonn an dës Majoritéit och schonn -, kritt en och nach vu sengem Koalitionspartner derfir geklappt. Dat ass wahrscheinlech bonne mine au mauvais jeu gewiescht, wat hei gemaach ginn ass.

Mä, wéi gesot, en huet eng Rei Saachen am Rapport gesot, déi net falsch sinn. An ech ginn em duerfir och net onrecht, wann e seet, Katsotrophismus wier falsch un der Plaz an datt Lëtzebuerg haut am Verglach mat aneren EU-Länner relativ gutt dostéing - nach -, wat d'Schold ubelaangt, déi öffentlech Schold ubelaangt.

An iwwerhaapt, muss een och soen, ass et veréck, mat wéi enger Vehemenz d'international Scholdesituatioun an der Europäescher Unioun a virun allem an der Eurozon ugeprangert gëtt, wann een d'Realitéit kuckt a muss feststellen, datt d'Eurozon zum Beispill wäit manner verschëllt ass wéi England oder d'Vereenegt Staaten. Et gëtt duerfir och net wéineg Ekonomisten, wéi zum Beispill den däitsche Wirtschaftsweise Peter Bofinger, dee mengt, mir sollten ophale mat der Spuerwut, mä elo emol

fir d'Éischt d'Kris bekämpfen, fir Wuesstum suergen an dann d'Scholden ofbauen.

Dat ass och deene Gréng generell hir Meinung. Mir müssen awer oppassen, well, wéi gesot, mir hunn eng Rei strukturell Problemer, déi näischt mat der Kris ze dinn hunn, déi och scho virdu bestanen hunn, a mir müssen déi awer ugoen.

Zum Beispill eis enorm Ofhängegkeet vun engem eenzege Wirtschaftssektor, dem Finanzsektor, déi mécht eis besonnesch ufälleg. Well déi aktuell Kris vum Finanzsektor ausgaangen ass, a well donc d'Léisung vum der Kris och an der Aschränkung vun den Excèsen an der Liichtsënnegkeet vun der Finanzwelt leien, wäert dat natierlech staark Répercussionen op eis Statsfinanzen hunn.

Well datt mer méi Reglementéierung am Finanzsektor brauchen, well soss mer vun enger Kris an déi nächst schlidden, mat ëmmer méi desastréise Konsequenzen, dovu misst d'Politik, hoffen ech, iwwerall an Tëschenzäit iwwerzeegt sinn. Mä wann de Finanzsektor méi staark reguléiert gëtt, da wäert dat fir eis awer als Resultat hunn, datt dat gëllent Kallef, wat tëschent 1990 an 2008 Lëtzebuerg esou vill Mehreinnahmen eragespult huet, bäi Wäitem manner wäert ofwerfen.

Dat heescht, deemno wa mir net haut fir muer investéieren, fir kënnen ze diversifiéieren, da kréie mer an Zukunft seriö Problemer. Wa mer et net fäerdegbréngen, de Finanzsektor, dee Monolithismus do, fir deen ewechzekeréien, datt mer méi diversifiéiert opgestallt sinn, gëtt et wierklech ganz eescht fir eis Recetten.

Mir hunn awer och, wéi gesot, eng Rei wichteg Recetten - ech hu se virun opgezielt -, déi wäerten eis ewechbriechen. Mir wëssen zum Beispill, datt de Commerce électronique 2015 ëm déi 500 Milliounen manner wäert an d'Statskeess eraspullen. 500 Milliounen! Dat ass enorm! Dat muss ee sech emol nach eng kéier vläicht am Kapp ronderëmgoe loosse, fir dat ze verënnnerlechen.

Et ass och duerfir méi wéi erstaunlech, datt mer Budgeten diskutéieren ëmmer nëmmen ausge-riicht op dat nächst Joer a wëssend, datt eng riseg Mauer virun eis steet 2015, déi mer am Moment awer pertinemment einfach ignoréieren. An och, wa mer duerfir keng Panik wëlle maachen, sou beonrouegt eis awer ganz staark, datt mer an esou enger delikater Phas fir eist Land eng Regierung hunn, déi entweder handlungsonfäeg ass, ze spéit reagiert oder chaotesch reagiert.

Et gëtt awer och konkret Grënn, firwat eis Regierung handlungsonfäeg ass. An ech muss duerfir e klengen Historique maachen, fir vläicht ze rappéléieren, wéi dës Regierung zustan komm ass. Dat explizéiert nämlech relativ vill, firwat datt mer an där Situatioun sinn.

2009 no de Wahlen, wéi d'CSV an d'LSAP ugefaangen hunn, Koalitionsverhandlungen ze féieren, do hat de Jean-Claude Juncker als Premierminister just eppes wëlles, nämlech am Schnellverfahren déi Koalitionsverhandlungen do zu engem Enn ze bréngen. Well hien hat nämlech deemools eng ganz aner Agenda.

► **Une voix.**- Dee wollt net!

► **M. François Bausch** (*déi gréng*).- Den deemolege Formateur Juncker hat nämlech eng ganz aner Agenda, an déi huet sech ofgespiilt tëschent Juni 2009 an Dezember 2009. Et ass nämlech dunn eng Entschuedung gefall op europäescher Ebene, wie sollt deen éischten EU-Präsident ginn, an de Jean-Claude Juncker hat jo do ganz kloer Ambitiounen. An et ass duerfir och an deenen éischte sechs Méint wéineg Zäit bliwwen, fir sech ëm d'Statsfinanzen ze këmmen. Dat huet wéineg Leit, virun allem hien a seng Partei, net vill interesséiert.

D'Resultat, dat kenne mer! De Jean-Claude Juncker huet de Posten net kritt an en huet sech du missen am Fréijoer 2010 ëm de Lëtzeburger Statsdefizit këmmen. Du sinn Tripartiten agesat ginn, an d'Regierung ass an déi gaangen ouni Strategie an ouni Konzept. An d'Resultat, dat war net nëmmen en Échec vun den Tripartiten, mä och eng Majoritéit an eng Regierung, jo souguer an der CSV sinn d'Widderspréch oppen ausgebrach.

Den Här Frieden stoung op eemol ganz eleng mat senger Spuerprogrammer, souguer vu sengem eegene Premier ass en désavouéiert ginn. An op dem LSAP-Kongress huet den Aarbechtsminister Nicolas Schmit mat gehuewener Fauscht an internationalem Hannergrond zum Ugrëff op dem grausame Frieden seng Spuerpolitik geblosen.

Enn 2010 ass dunn...

(Brouhaha général)

Enn 2010 ass dunn zum Virschäi komm...

► **Une voix.**- Een esou am Ree stoen ze loosse!

(Brouhaha)

► **M. François Bausch** (*déi gréng*).- Ech maachen eng kleng Paus. Bis dohinner hu se sech berouegt.

Enn 2010 ass zum Virschäi komm, datt bei de Koalitionsverhandlungen 2009 näischt ausdiskutiert gi war an datt déi zwou Parteien och grondverschidden Usiichten iwwert d'Kris an d'Scholden an d'Spueren hätten, an datt de Premier eigentlech keng Loscht méi hat, fir sech nach eng ganz Legislaturperiod mat Lëtzebuerg ze ploen.

2010 an 2011 huet de chaotesche CSV/LSAP-Veräin du gemengt, d'Konjunkturverbesserung géif hinne vill Misär erspueren a si bräichte sech erëm manner ëm den Defizit ze këmmen. An effektiv huet d'Konjunktur 2010 op eemol erëm schnell ugezunn, a si hu gemengt, de Wuesstum wier erëm do an duerfir bräichte se sech dann elo net méi esou vill mat de strukturelle Problemer vum Land erëmzeploen.

Héichpunkt dovunner waren d'Riede beim État de la nation 2011. An et ass jo och derwäert, datt een déi emol erëm eng kéier rappéléiert...

► **M. le Président.**- Ech géif lech bieden, wierklech awer elo e bëssen nozelauschteren!

► **M. François Bausch** (*déi gréng*).- 2011, Här President, beim État de la nation, do hunn eng Rei Riedner vun der Majoritéit hei vum Enn vun der Kris geschwat a si gläich drop, a si hu gemaach, wéi wann alles erëm kéint normal fonctionnéieren, wéi wa mer erëm kéinte fonctionnéiere wéi virun.

An den Héichpunkt dovunner, dat war den Accord salarial mat der Fonction publique, dee vum Summer 2011 ofgeschloss ginn ass, wou ganz locker vum Hocker 2% - 2%! - Gehaltserhéijung fir 2014 fir d'Fonction publique versprach ginn ass. Iwwregens erëm zwee CSV-Minister, déi déi Verhandlung gefouert hunn an déi deen Accord do ofgeschloss hunn.

Ech hunn deemools mech gewonnert an d'Hänn um Kapp zesummegeschloen, wou ech mech gefrot hunn, wou ee kéint esou eppes versprechen, wëssend jo, datt, an och gesinn, all Mënsch huet gesinn, datt déi Kris net konnt eriwuer sinn. Mä leider ass dunn alles, 2012 alles erëm anescht komm, d'Kris huet op en Neits voll duerchgeschloen an den Drock op d'Regierung ass erëm méi grouss ginn, fir müssen ze handeln, an den Defizit selbstverständlech och.

Dobäi sinn et net wéineg Ekonomiste ginn, déi och schonn 2011 gewarnt hunn do virun an déi gesot hunn, et kéint een dovun ausgoen, datt mer e sougenanntene ekonomeschen „double-dip“ géifen erliewen an datt dee Konjunkturschwong, dee mer haten 2010 bis Ufank, bis souguer 2011, datt deen natierlech zu engem Deel bedéngt war duerch déi Antikrise-Konjunkturmessen, déi an Europa geholl gi sinn, an datt, soubal déi géifen ageschränkt ginn, mer dann erëm géife ganz séier a Richtung Rezession rutschen.

Mä dat schéngt awer d'Koalitionären net vill interesséiert ze hu vu CSV an LSAP, well mindestens hu si, wéi gesot, 2011 an enger anerer Welt gelieft a si hunn erëm scho monter ugefaangen, de Budget ze engagieren op der Dépensésäit fir d'Zukunft, ouni sech doriwwer Gedanken ze maachen.

Dat, wat mer dëst Joer beim Budget 2012 erlieft hunn, ass e weideren Akt an dësem trageschen Theaterstück. De Finanzminister presentéiert ouni Loscht e Budget, deen deeselwechten Dag nach vu senger eegener Majoritéit zerappt gëtt. Während Woche gëtt hie richtig virgefouert, a wat dunn no deene wochelaangen neie Koalitionsverhandlungen als Resultat erauskomm ass, dat ass - och, wa mer net mam Gesamtergebnis averstane sinn, ech kommen nach dorobber zrëck - zumindest e Paradigmewissel.

Fir d'éischte kéier huet sech duerchgesat, datt mer och en zolitte Problem bei der Recettésäit hunn. Wann een all déi Diskussione virdu kuckt, do war jo ëmmer d'Prämiss, an den Här Frieden huet sech ëmmer derfir engagéiert, datt zwee Drëttel misst op der Dépensésäit gemaach ginn an een Drëttel op der Recettésäit. An no de Verhandlungsergebnisse tëschent de Koalitionsfraktiounen am Hierscht ass fir d'éischte kéier e Resultat erauskomm, wou dat Verhältnis ganz ëmgedréit war.

Wann een elo d'Gesamtergebnis kuckt, mat der net ugepasster Steiertabell un d'Inflation, wéi den Här Bodry dat de Moien zu Recht hei beschriwwen huet, da leie mer bei engem Verhältnis ongeféier 50/50. Dat ass e kloer Paradigmewissel par rapport zu virun. Wéi ge-



sot, och wa mer d'Gesamtresultat nach net ganz gegléckt fannen.

Mä wann een dann déi Steiermesurë kuckt, déi getraff gi sinn, da wonnere mer eis, firwat et net méiglech war, wann ee festgestallt huet, wat richteg ass, datt mer net nëmmen en Dépenséproblem hunn, mä och e Recettëproblem, firwat mer net vun der Situatioun oder der Geleeënheet profitéiert hunn, fir insgesamt iwwer Steiergerechtegkeet ze diskutéieren an en anere Steiermodell, iwwer eng gesamt Steierreform.

Well wann ee kuckt, wat elo décidéiert ginn ass, da muss ee jo awer feststellen, och wann dës Kéier versicht ginn ass, zum Beispill bei der Betriebsbesteuerung, och eng Rei Saachen ze maachen, datt d'Belaaschtung insgesamt ganz ongerecht verdeelt ass, Haushalter zum Beispill versus Betriber.

Well et muss ee jo awer derbärechnen, datt, wann ech eleng d'Solidaritätssteier kucken, sou ass déi fir déi Leit, déi géint Loun a Gehalt schaffe ginn, vun 2,5 op véier an dunn op 7% eropgaangen. Dat heescht, dat sinn 2,8-mol méi wéi virdrun. Fir d'Betriber ass se vu véier op fënnef an dann op siwen eropgaangen, dat ass nëmmen 1,75%-mol méi. Dat heescht, dat ass schonn eng manner héich Belaaschtung wéi fir normal Haushalter.

Mä virun allem bei den Haushalter muss een eng ganz Rei aner Saachen awer derbärechnen. Den Här Lux huet natierlech recht, ech fannen et abenteuerlech, fir d'Indexmodulation hei dranzerechnen. Mä et muss een awer zum Beispill d'Sträichung vu Sozialtransferten an Héicht vun 103 Milliounen arechnen. Et muss een d'Erhéijung vun den Akzisen derbärechne vu 35 Milliounen; eng Aussetzung vun der Rentenupassung vu 70 Milliounen; d'Kilometerpauschal, déi awer ageschränkt gëtt, wat och 35 Milliounen ausmécht.

A wann ech dat dann am Géigesaz kucken zu der engersäits Solidaritätssteier fir d'Betriber oder d'Mindeststeier vun de Betriber mat 50 Milliounen oder d'SOPARFle 50 Milliounen, da gesäit een awer, datt deen Déséquilibrer, dee scho bestanen huet virdrun, éischter nach eng Kéier verschlémmert gëtt duerch déi Mesuren, déi hei décidéiert gi sinn, an net verbessert gëtt.

An och dat Argument, fir ze soen: „Jo, mä mir hunn zu Lëtzebuerg eng Situatioun, wou souwisou 40% vun den Haushalter keng Steiere bezuelen.“ Dat ass net richteg, well déi 40% vun den Haushalter, déi bezuele keng direkt Steieren, mä déi bezuelen alleguer indirekt Steieren. A mir wëssen, datt d'indirekt Steiere 36% vun de gesamte Steiereinnahme vum Stat duerstellen, soudatt d'Belaaschtung fir déi Leit...

(Interruption)

Gelif? Gelif?

► **M. Fernand Boden** (CSV).- Sinn déi indirekt Steieren an d'Luucht gaangen?

(Interruption)

► **M. François Bausch** (déi gréng).- Déi sinn net an d'Luucht gaangen, mä ech soen, ma neen...

► **M. Fernand Boden** (CSV).- Dann ass keng Méibelaaschtung do.

► **M. François Bausch** (déi gréng).- Jo, mä, Här Boden, ech soe just, d'Argument vun der Logik vun deenen, déi behaupten, 40% vun de Leit géife keng Steiere bezuelen, ass falsch. Ech hunn dat just zitëiert, fir ze soen, datt et net richteg ass, datt 40% vun de Leit keng Steiere bezuelen. Well déi 40% bezuele just keng direkt Steieren, mä déi bezuelen indirekt Steieren, an déi maachen awer nun emol 36% vun de Recettë vum Stat aus.

► **Plusieurs voix**.- Oh!

► **M. François Bausch** (déi gréng).- Jo, bein, also, ech wëll lech just soen, datt grad déi do-ten...

(Brouhaha général)

Dat héiert Der net gär, mä grad déi dote Kategorië vu Leit,...

(Interruption)

...dat si grad déi Leit, déi schlecht an der Gesellschaft dru sinn, an do ass et wierklech net, fir de Kapp ze rëselen doriwwer, dat soll ee vläicht e bësselche méi eescht huelen.

► **Une voix**.- Très bien!

(Interruption)

► **M. François Bausch** (déi gréng).- Duerfir, wéi gesot, wann een déi Gesamtbelaaschtung kuckt, déi hei gemaach gëtt, da stellt een awer ganz kloer fest, datt mer wäit ewech si vu Steiergerechtegkeet an datt par contre d'Verlagerung, déi mer zënter Joren erliewe vun de Betriber op d'Haushalter oder vu Besteuerung vu Verméigen oder vu Kapitalerträg op d'Haushalter, datt déi Verlagerung nach méi schlëmm gëtt.

Ech hunn d'Tabell nach eng Kéier hei. Wann Der nëmmen eleng d'Évolution tëscht 2000 an 2009 kuckt, do war et esou, datt 2000 d'Betriebsbesteuerung nach bei de Steiereinnahmen 42% uitgemaach huet an d'Akomessteier 58%. Do war nach en eenegermoossen Équilibre. 2009 leie mer bei 36% fir d'Betriebssteieren a 64% fir d'Akomessteier, dat heescht, do gesäit ee ganz kloer, wéi deen Équibler absolut amgaang ass ze kippen.

Nach vill méi dramatesch ass et, wann ech d'Kapitalakomes kucken. Do gëtt et iwwerhaapt keng Balance méi, well mir hunn, zum Beispill, jo d'Verméigesteier fir d'Privatpersoun ofgeschaaft, an d'Kapitalakomessteier, also d'Grundsteier, wat wichteg Besteuerungsinstrumenter sinn, fir Verméigen ze besteieren, déi sinn esou lächerlech niddreg zu Lëtzebuerg, datt se am Gesamtakomes vun der öffentlecher Hand quasiment keng Roll spillen.

Soudatt déi ganz Leit, dat ass am Avis dra vun der Chambre des Salariés, och an aneren Avisen, déi soen, mir hunn zu Lëtzebuerg e reelle Problem, datt niddreg Revenuen a mëttel Revenuen déi sinn, déi am meeschte müssen d'Fraisë vun der Kris bezuelen. Dat ass net vun der Hand ze weisen. A wa mer esou weiderfueren, gëtt dat ëmmer méi dramatesch an da rëtschen d'Mëttelschicht ganz kloer ëmmer méi no ënnen erof respektiv verschwannen.

Ech wëll lech och soen, datt net méi spéit - dat ass och iwwregens kee Phenomeen nëmmen zu Lëtzebuerg -, net méi spéit wéi haut ass an Däitschland...

Här President, ech muss soen, ech hu jo wierklech kee Problem, wann d'Leit mer Froe stellen, dertëscht stellen, mä et wär awer net schlecht, wann d'CSV-Fraktioun sech e bësse géif packen, fir datt ech mäin eegent Wuert nach hei um Pult verstinn.

► **M. le Président**.- Ech géif lech alleguerete bieten, lech ze packen, souwuel riets wéi lénks vu menger Säit!

(Hilarité)

► **M. François Bausch** (déi gréng).- Ech wëll lech just soen, datt net méi spéit wéi haut eng Studië erauskomm ass vum Deutschen Institut für Wirtschaft an Däitschland, wou an Däitschland deen nämlechte Phenomeen festgestallt gëtt, wou gesot gëtt, datt an deene leschten zéng, 15 Joer haaptsächlech d'Mëttelschichten extrem ënnert d'Rieder gerode sinn an datt effektiv déi Schicht risquéiert, erofgedréckt ze ginn éischter an déi ënnescht Lounskalaen an éischter natierlech ëmmer méi un de Rand vun der Aarmut gedréckt gëtt. Déi Studië ass haut erauskomm, an ech ginn emol dovunner aus, datt se an Däitschland wäert largement kommentéiert ginn. Et wär, mengen ech, zu Lëtzebuerg sécherlech net anesch.

An dat ass och ee vun eise grouse Problemer bei der Besteuerung. Firwat soe mir, datt et kee Wäert huet, un eenzelne Steierschrauwen ze dréien?

Ma, dat huet e puer Grënn. Den éischte Grond ass, datt et natierlech ëmmer riskant a geféierlech ass, wann een en enger Schrauf dréie geet, well een net weess, wat d'Konsequenze kënnen dovunner sinn. Mä deen zweete Grond ass awer vill méi wichteg. Mir hunn zu Lëtzebuerg keen uerdentlech statistesch Material iwwert déi Verdeelung an iwwert d'Froe vu Steiergerechtegkeet oder -ongerechtegkeet respektiv Transparenz an eise Steiersystem. Mir missten endlech eng seriö Analys maache loosson dovunner, fir kënnen och déi néideg a richteg Konklusiounen ze zéien an dann eng global Steierreform ze maachen.

An, Här President, mir haten duerfir och schonn d'lescht Joer mat der DP zesummen eng Motioun eraginn, wou mer gesot hunn, datt esou eng Analys soll gemaach ginn an datt déi eis soll dann an eng global Steierreform féieren. Ech wëll och duerfir profitéieren, vu datt mer jo haut de Moien héieren hunn, datt de Rapporteur zumindest an och nach eenzel aner Leit der Meinung sinn, datt esou eng Steierreform muss kommen, fir déi Motioun nach eng Kéier ze déposéieren, soudatt mer déi hei hofentlech da kéinten unhuelen, fir datt mer op de Wee ginn endlech vun enger richteger Steierreform, déi deenen Elementer vu Steiergerechtegkeet och Rechnung dréit.

(Interruption)

Motion 1

La Chambre des Députés,

- *considérant la nécessité de renforcer l'équité sociale de notre système fiscal;*

- *considérant le manque de capacités analytiques de la fiscalité au niveau du débat politique;*

- *considérant la nécessité de renforcer la qualité de la planification des recettes fiscales;*

- *considérant la complexité particulière des politiques fiscales au Luxembourg dans le contexte de la place financière;*

- *considérant l'impact potentiellement considérable de l'évolution des politiques fiscales européennes sur celle du Luxembourg;*

- *souhaitant rendre le débat sur les questions de fiscalité au Luxembourg plus transparent et plus objectif;*

invite le Gouvernement à

- *mener une recherche ouverte et contradictoire avec des modèles de simulation pour les diverses propositions en matière fiscale actuellement discutées et d'analyser à cet égard plus particulièrement:*

- *l'effet de ces mesures sur les revenus fiscaux,*

- *leur impact sur la progressivité de l'imposition pour les différents déciles des tranches de revenus,*

- *l'impact sur le pouvoir d'achat des revenus des classes moyennes et inférieures,*

- *l'utilité des différentes mesures d'allègement fiscal, telles les abattements, modérations d'impôt,*

- *les effets possibles d'un renforcement de l'écofiscalité dans le système fiscal luxembourgeois,*

- *les contradictions possibles entre des mesures de la fiscalité nationale d'un côté et l'attractivité de la place financière de l'autre;*

- *envisager de façon concrète l'instauration au Luxembourg d'une instance d'analyse des politiques fiscales afin de disposer à terme d'un centre de compétences et une capacité d'analyse et de modélisation ouvertes et accessibles au débat politique;*

- *présenter à la Chambre des Députés les résultats de ces efforts lors du débat sur le budget de l'année 2013 à la Commission des Finances et du Budget.*

(s.) *François Bausch, Claude Adam, Félix Braz, Fernand Etgen, Viviane Loschetter, Claude Meisch.*

Ech wëll och da soen, Här President, datt eng Motioun vun der Demokratescher Partei virun engem Joer uegoholl ginn ass - well mir vergiesse jo an deem Parlament oft, wat hei ugeholl oder ofgelehnt ginn ass -, wou verlaangt ginn ass... Dat war zwar deemools an der Debat iwwert den Euro respektiv iwwert d'Finanztransaktionssteier, do hat den Här Meisch eng Motioun erabruucht, wou e gesot huet, wou dra festgehalte ginn ass, datt d'Regierung bis Enn des Joers soll eng Etüd virleeren iwwert déi Besteuerung an deem Zesummenhang. Enn des Joers, dat ass an, ech mengen, emol keng zwou Woche méi. Ech hu bis elo net héieren, datt d'Regierung sech bis elo op de Wee gemaach hätt, fir déi Etüd do an Optrag ze ginn.

Den Här Frieden, Här President, wëllt eis do eng klong Informatioun dozou ginn.

► **M. le Président**.- Här Minister, wann ech gelif.

► **M. Luc Frieden**, *Ministre des Finances*.- Här President, dat ass ganz richteg, an déi Motioun ass net vergiesse, mä de Finanzministère, deen huet ganz genee zwielef Beamten an der Carrière supérieure. Déi schaffen Dag an Nuecht, an déi Honnerttausend Dossieren, déi mir musse maachen, hunn eis net erméiglecht - déi Etüd, déi maache mir intern, do besti schonn eng 50, 60 Säiten driwwer -, fir déi ofzeschlëssen.

Ech bréngen et einfach net fäerdeg, mat esou vill Leit all déi Projet-de-loien, all déi Direktiven ëmzesetzen, déi Eurokris ze maachen, d'Bankenunioun ze maachen. Ech wëll lech soen, duerfir bieten ech ëm e bëssen Indulgence.

Mir sinn dorunner um Schaffen, mä mir bräichten op d'mannst 20, 30 Leit méi, fir alles dat ëmgasat ze kréien, y compris dat vun der Bankenunioun. Ech kommen herno dorobber zréck a menger Ried.

Är Motioun, weder déi vum Här Meisch nach déi, déi Dir matgestëmmt hutt, ass vergiesse. Mä ech soen lech, dat ass net eng einfach Aarbecht. Dat huet esou vill Ressourcen humaines och an de Verwaltunge verlaangt, datt d'Leit gesot hunn, wa mer där do Motiounen nach dräi hunn, da kënnen mer hei de Buttek zoumaachen, well dat ass enorm vill Aarbecht, fir dat ze maachen.

Mä déi kritt Der, déi kritt Der an deem nächsten Trimester.

► **M. François Bausch** (déi gréng).- Här President, ech soen da Merci fir déi Explikatiounen. Se stelle mech awer net ganz zefridden, well vu datt et bei der Steierpolitik jo net ëm en Nieweschauplatz geet, grad och an der Krisenbekämpfung, mengen ech awer, datt dat eng gewësse Prioritéit misst genëssen, an da misst d'Regierung kucken, entweder, wa se net genuch Beamten huet an engem Ministère, déi dat kënnen maachen, da gëtt et och Méiglechkeeten, fir vläicht ze kucken, ob dat net vu bausse ka gemaach ginn.

Mir hunn entre-temps jo och eng Uni Lëtzebuerg. Do gëtt et e staarken Departement haaptsächlech an de Finanzen, an ech kéint mer awer virstellen... Ech hat iwwregens och eng Kéier e Brëif geschriwwen un d'Uni Lëtzebuerg scho virun enger Rei Joren, ech hat dat och schonn eng Kéier hei gesot -, ob d'Uni Lëtzebuerg sech net kéint domadder befaassen, fir esou eng Analys ze maachen iwwer eise Steiersystem. An do hunn ech geäntwert kritt, selbstverständlich, wann den Departement vun der Uni Lëtzebuerg dozou géif gefrot ginn, géife se dat gäre maachen.

Duerfir mengen ech, wann d'Regierung net genuch Leit a Manpower an hiren eegene Ministeren huet, da soll se vläicht op Hëllef vu bausen zréckgräfen. Ech mengen awer, datt déi ganz Fro vun de Steieren eng wichteg Fro ass an där Kris, wou mer sinn, an duerfir hoffen ech awer dann, datt mer relativ séier déi néideg Studien an Zuelematerial do kréien.

► **Une voix**.- Très bien!

► **M. François Bausch** (déi gréng).- Da kommen ech zu de Sozialtransferten. Den Här Spautz huet de Moien hei gesot iwwert déi Studië, déi gemaach ginn ass vun der grénger Stéftung an Zesummenaarbecht mat der Caritas, do wier festgehalte ginn, déi Studië géif just gesinn, datt ee kéint eppes maache bei Leit, déi fënnemol de Mindestloun géife verdéngen.

Här Spautz, ech géif lech uroden, déi Studië emol wierklech am Detail nach eng Kéier ze liesen. Wat an där Studië gemaach ginn ass, dat ass, datt d'Sozialtransferten insgesamt analyséiert gi sinn. An do ass festgestallt ginn, datt zum Beispill beim Kannergeld een do kéint dat da maachen an an déi do Richtung goen.

(Interruption)

Mä, jo, mä d'Konklusioun vun der Studië ass jo awer eng ganz aner. An der Konklusioun steet eben dran, datt een dat net soll maachen an datt et vill méi en effikasse Wee gëtt, fir datt déi Leit, déi effektiv Saache kréien, déi se warscheinlech net brauchen, oder kréien, well se souwisou eigentlech genuch hunn, fir et emol e bëssen esou auszudrécken: Dat ass eng uerdentlech progressiv Besteuerung.

► **Une voix**.- Très bien!

► **M. François Bausch** (déi gréng).- Dat ass d'Konklusioun, déi an där Studië do kënn, datt gesot gëtt, datt zum Beispill, wann een eng uerdentlech progressiv Besteuerung huet, an déi kritt een awer nëmmen, wann een déi global Steierreform mécht, mat enger genauer Analys, wann ee gesäit, wou ee muss usetzen, fir datt och d'Progressioun do gräift, wou se soll gräifen, an net do, wou se net soll gräifen. Well et kann ee séier villes falsch maachen, jee nodeem, wat een do mécht. Ma da spillt herno d'Progressioun bei deene Leit, déi héich Revenuen hunn automatesch, an da kënnen se en Deel vun de Prestatiounen, déi se kréien, iwwert dee Wee zréckginn.

Dat ass och dee Wee, dee mir zënter éiweg befürworten. Mir hu schonn hei méi wéi eng Kéier gesot, datt, wann ech iwwert d'Kannergeld zum Beispill diskutéieren, mir och der Meinung sinn, datt ee sech kann d'Fro stellen, ob et e Sënn mécht, datt ab engem gewëssene Revenu, ob een dann nach muss dat nämlechte Kannergeld kréie wéi Leit, déi vläicht manner gutt dru sinn.

Mir waren ëmmer der Meinung, datt ee soll déi Fro léisen iwwert d'Besteuerung an net iwwer Plafonnemeter, zum Beispill, vun de Leeschtungen, well dat éischters net esou einfach ass, fir dann d'Definitioun ze ginn, wou ee genau usetzt, an ee ganz séier och Härtefall schaaft. Mä wéi gesot, d'Besteuerung ass do ganz sécher dee richtige Wee.

Mä ech muss awer soen, wann ech kucken, wéi Dir mat Sozialtransferten ëmgitt! Dir hutt zum Beispill fir d'Ennerstëtzung fir d'Familljen jo de Chèque-service agefouert. Bon, wann ech kucken, wat Dir duerno décidéiert hutt mam Chèque-service, oder wat Der elo décidéiere wëllt mam Chèque-service, da stellen ech awer fest, datt Dir lech net schrecklech kohärent sidd. Bon, éischters emol deemools, wéi Der dat agefouert hutt, hutt Der jo gesot, dat ass déi éischt Stuf, fir a Richtung ze goe vun enger gratis Kannerbetreuung.

Iwwregens hutt Der dat och 2008 gemaach, just virun de Wahlen vun 2009. Dat ass jo och



natierlech deemtspriechend belount ginn 2009.

Elo stellt Dir zwar dat alles erëm a Fro, wat Dir gemaach hutt. Mir hunn deemools gesot, bei där Debatt hei, datt mer de Wee zur gratis Kannerbetreierung eigentlech géife richteg fannen, fir datt d'Familljen- an d'Beruffsliewe kënne vereinbart ginn, oder fir Famillje mat Kanner, datt déi mussen extra behandelt ginn.

Mir hunn awer gradesou gutt ëmmer gesot, mir fannen de Wee, fir iwwer Chèques-services ze goen, net onbedéngt dee glécklechten, mä mir waren éischter derfir, fir de Wee ze goen, wéi et an de skandinavesche Länner gemaach ginn ass, wou gesot ginn ass, et gëtt d'gratis qualitativ Kannerbetreierungsstrukturen an iwwer d'Steierprogressioun mussen déijéineg mat derzou bäidroen, déi vill Suen hunn, datt dat och ka finanzéiert ginn.

Elo gitt Dir hin a wat Der agefouert hutt 2010, wëllt Der schrëttweis, sidd Der elo amgaangen, erëm ofzeschaffen. An da schaaft Der dat och nach total inkohärent of! Dir gitt hin an Dir fänkt elo un, Dir sot, Dir géift ufänken, datt Leit mat méi héije Revenuë misste méi staark bedeelegt ginn. A wann ech dann awer kucken, wat dat an der Praxis ausmécht, da stellen ech fest, datt Leit, déi méi wéi 4,5-mol de Mindestloun hunn, am Verhältnis manner staark be- laascht ginn, wéi Leit, déi tëschent dräi- an 3,5-mol de Mindestloun verdéngen.

An Dir hutt et och fäerdegbruecht, Mesuren hei op den Instanzwee ze schécken, déi Leit, wat se méi Kanner hunn, verhältnisméisseg gesinn défavoriséiere par rapport zu Leit, déi manner Kanner hunn.

Dat heescht, Dir hutt emol nach keng Logik an deem, wat Der maacht. Do gesäit een eigentlech och, datt Dir dat doten Hals iwwer Kopf iwwer Nuecht décidéiert hutt. Dir hutt natierlech missen iergendwou Weeër fannen, wou Der Spuerpotenzial kéint sichen, an da maacht Der Saachen, déi total inkohärent sinn an déi am Endeffekt géint Famillje mat Kanner sinn. Dat ass sécherlech net de Wee, deem een eigentlech soll goen.

Par contre gëtt et sécherlech eng ganz Rei aner Beräicher bei de Sozialtransferte respektiv wat vläicht net direkt Sozialtransferte sinn, mä indirekter, iwwert déi ee kéint diskutéieren. Mä déi wëllt Der net upaken, well dat lech ze vill waarm Eise sinn. Duerfir maacht Der da Saache wéi déi do, wéi gesot, déi net schrecklech kohärent sinn.

(Interruption)

Gelif?

► **Une voix.**- Wat fir eng sinn dat?

► **M. François Bausch** (*déi gréng*).- Ma zum Beispill, wann ech een eraushuelen, dat ass jo kee Sozialtransfert, mä dat ass awer eigentlech och eng gewësse Leeschtung, déi do bruecht gëtt. Dat ass d'Kilometerpauschal. Do maacht Der elo eppes hei, wat wierklech nëmmen e ganz klenge Worf ass. Mir sinn zënter éiweg der Meenung, datt een d'Kilometerpauschal soll ganz ofschafen, well mir hu fonnt, datt dat souwisou vun Ufank u kontraproduktiv war.

Och am Sënn, wéi de Moien den Alex Bodry gesot huet, mir musse wëssen, mir sinn eng Gesellschaft, wou mer net méi kënne zum Beispill mengen, den öffentlechen Transport ze förderen - oder den Här Meisch hat dat gesot -, a gläichzäiteg awer nach Honnert Mesurë maachen, fir och nach an engems den Individualtransport ze förderen, also ze finanzéieren iwwert de Statsbudget. An dat hei ass ganz sécher eng Mesure, déi kascht de Statsbudget, dat ass geschätzt ginn, ëm déi 50 Milliounen. Ma, do hätt Der...

► **M. Lucien Lux** (*LSAP*).- Honnert Milliounen!

► **M. François Bausch** (*déi gréng*).- Honnert Milliounen, pardon, pro Joer. Do hätt Der kënne méi substanzuell eppes maachen, wat eppes bruecht hätt. An dann hätt Der op där anerer Säit vläicht nach kënne an méi intelligent Saache maache wéi déi, déi Der gemaach hutt beim öffentlechen Transport, wou Der elo einfach d'Tariffer erhéije gitt, ouni eng Tarifreform ze maachen, an dat och nach zu engem ganz ongëschtegen Zäitpunkt. De Rapporteur huet dat iwwregens och a sengem Rapport zu Recht kritiséiert. Do hätt Der, wéi gesot, eppes méi Intelligentes kënne maachen.

D'Chambre de Commerce huet zum Beispill proposéiert, datt een d'Kilometerpauschal soll ganz ofschafen an amplaz duerfir de gratis öffentlechen Transport am Berufsverkéier aféieren. Dat fannen ech sécherlech méi eng gescheit Léisung, wéi dat, wat Dir hei proposéiert hutt.

Mä wéi gesot, dat huet alles domat ze dinn, well Der iwwer Nuecht, Hals iwwer Kopf, dat alles décidéiert hutt a mat wéineg Kohärenz.

Da kommen ech zu der Investitiounspolitik. Mir feelen nach ëmmer oder eis feelen nach ëmmer d'Prioritéit vun dëser Regierung. Mir hu gesot, eis Prioritéiten, dat wiere ganz kloer Schoul, Fuerschung, Kannerbetreierung, Wunnenspolitik a Mobilitéit.

Firwat? Ma well dat déi Beräicher sinn, déi fir d'Weiderentwécklung vu Lëtzebuerg extrem wichteg sinn. Schoul, Bildung a Fuerschung, dat ass evident, dat huet mat der Diversifikatioun ze di vun eiem Wirtschaftsstanduert, och fir jonke Leit besser Chancen ze ginn um Aarbechtsmaart. Dat huet mat Chômagebekämpfung also och ze dinn.

Wunnensbaupolitik, do brauch ech jo sécher kengem ze erklären, firwat mer dat als Prioritéit gesinn. Do huet de Premier jo selwer gesot, dat wier ee vu senge gréissten Échecen a senger Politik, a senger politescher Laufbahn hei zu Lëtzebuerg.

(Interruption)

An dann, d'Mobilitéit, mengen ech, misst ech eigentlech och kengem méi erklären, well den Nohaltegekeetsminister vun der CSV huet, wéi en de MoDu presentéiert huet, genau beschriwwen, wat d'Problemer zu Lëtzebuerg sinn a wat mir och riskéieren ze erliewen, wa mir déi Problemer net ugin, dat heescht, wa mir dat Konzept MoDu do net ëmsetzen.

Bei der Regierung, bei der Majoritéit wësse mer nach ëmmer net genau, wat d'Prioritéit sinn, an dat féiert jo och dann derzou, datt jiddweren alles zu all Moment erëm kann a Fro stellen.

Da sinn ech beim Här Spautz mat sengem Brëif, deem e geschriwwen hat, a mat senger Interventioun och vun de Moien. Dee ganze Projet MoDu, dee kann nëmme fonctionnéieren, wa mer all Elementer dovunner ëmsetzen. Dat huet den Nohaltegekeetsminister méi wéi eng Kéier scho beschriwwen an en huet och mat Zuele beluecht, firwat.

Ech verstinn och guer net, wou iwwerhaupt nach ee kann op d'Tribün kommen a soen, et misst ee sech déi Froe stellen, well déi brauch ee sech net méi ze stellen. Wann een déi Zuele kuckt, déi sinn esou alarmant an esou kloer, an et ass esou däitlech, wat ee muss maachen an der Mobilitéit, wéi gesot, an et ass och grad-esou kloer, datt de Minister ëmmer zu Recht seet, datt, wann een een Element aus dem MoDu erauszitt, dat Ganz net méi fonctionnéiert.

Dat heescht, Här Spautz, wat Der de Moien hei gesot hutt, ass natierlech richteg. Et ass wichtig, datt mer de schinnegebonnene Verkéier vum Süden, vum Norden, vun iwwerall hier ausbauen a Richtung Zentrum zum Beispill, well an der Stad eleng sinn nun emol 40% vun den Aarbechtsplazen am Land, a wann ech d'Émland mat derbärechnen, da leie mer wahrscheinlech éischter bei 60% vun den Aarbechtsplazen am Land. Da heescht, et muss een de schinnegebonnene Verkéier ausbauen.

Mä gradesou wichteg ass awer och dann, datt een dat, wat fir d'Feinverdeelung soll suergen, och muss derbäi ausbauen, well soss bréngt dat eis net schrecklech vill. Da kommen d'Leit soss mam Zuch vun der Grenz oder vu wou och ëmmer bis an d'Peripherie gefuer, an dann: Wat maache se? Gi se de Rescht ze Fouss? Oder wéi solle se sech do déplacéieren?

Well mir wësse jo entre-temps - dat ass jo och dat, wat de Minister zu Recht seet -, datt mer déi Feinverdeelung mat de Bussen net méi kënne maachen, well de Bussystem einfach net déi Capacitéit huet, fir dat ze maachen. Et brauch ee méi héich Capacitéiten, fir dat ze maachen, an duerfir, wéi gesot, déi Zuele leien um Dësch.

Ech kann eigentlech wierklech net verstoen, datt een de Prinzip vum Gesamtkonzept ëmmer erëm kann a Fro stellen, ausser natierlech - ausser natierlech -, an dat ass dat, wat ech lech ënnerstellen, datt Der natierlech wësst, datt d'Mobilitéit an dee ganze MoDu-Konzept ganz komplex sinn an datt, firdeen ze erklären - de Minister huet, wéi en an der Stad d'Konzept virgestallt hat, annerhalfe Stonn gebraucht, fir ze erklären, mat ville Sliden a mat ville Powerpointen -, dat natierlech komplizéiert ass. An et ass populistesch vill méi einfach, fir iergendepes erauszéien an ze soen, mir brauchen zum Beispill den Tram net,...

► **M. Marc Spautz** (*CSV*).- Dat hunn ech net gesot.

► **M. François Bausch** (*déi gréng*).- ...dat ass e Gadget, dee just d'Stad Lëtzebuerg wëllt, well - ech weess net - hinnen näischt Besseres afält, a wa se dat elo wëllen, da solle se dat och selwer finanzéieren.

► **Une voix.**- Jo!

► **M. François Bausch** (*déi gréng*).- An duerfir ënnerstellen ech lech ganz kloer,...

(Interruption)

...datt Der hei bëlleegste Populismus bedriwwen hutt. Dir mengt op alle Fall domadder, andeems Der och esou eppes schreift, dat kéim bei de Leit gutt un, an Dir setzt domadder natierlech op d'Spill de ganze Konzept MoDu.

(Interruption)

A wann Der de Konzept MoDu op d'Spill setzt, da setzt Der och d'wirtschaftlech Zukunft vu Lëtzebuerg op d'Spill, well wa mer an der Mobilitéit keng Ännerunge kréien a wa mer net investéieren an déi do Infrastrukturen, dann ass et relativ kloer, da wäerte mer de Wirtschaftsstanduert,...

► **M. le Président.**- Den Här Spautz wëllt lech eng Fro stellen.

► **M. François Bausch** (*déi gréng*).- ...da wäerte mer de Wirtschaftsstanduert net kënne weiterentwéckelen.

Selbstverständlech, Här President.

► **M. le Président.**- Här Spautz, Dir hutt d'Wuert.

► **M. Marc Spautz** (*CSV*).- Här Bausch, ech wëll nach eng Kéier soen, ech hunn de Moie scho gesot, fir d'Alleréisch muss een Zéisseng an et muss een Houwald bauen, an datt een dann eng Verbindung mécht mam Tram, dat ass alles an der Rei, mä dann ass d'Fro och do vum Finanzement.

De Finanzement vum Tram, deem de Moment virläit an där Resolutioun, wou Der richteg haut de Moien ënnerstrach hutt, déi ech matgestëmmt hunn, heescht, 315 Milliounen géif et kaschten, et géif zu engem Drëttel vun der Stad Lëtzebuerg an zu zwee Drëttel vum Stat gemaach ginn, herno och bei de Frais d'exploitation. Ech hunn et matgestëmmt, hunn ech jo gesot. Mä da kann een awer och elo an dëser Finanzsituatioun driwwer diskutéieren, ob dat muss esou sinn, wou deem ee Reserven huet, deem aneren huet keng Reserven,...

► **M. Xavier Bettel** (*DP*).- Dir hutt falsch gestëmmt.

► **M. Marc Spautz** (*CSV*).- ...an datt een driwwer muss eng Diskussioun féieren.

► **M. Xavier Bettel** (*DP*).- Dat wor viru sechs Méint och de Fall, Här Spautz. Dat wor viru sechs Méint och de Fall. Haalt elo op, Populismus hei zu maachen!

► **M. le Président.**- Här Bettel, den Här Spautz huet elo d'Wuert, fir eng Fro ze stellen.

(Brouhaha général)

► **M. Marc Spautz** (*CSV*).- Oh, Här Bettel, et ass just d'Fro, wie Populismus mécht.

(Interruption)

► **M. François Bausch** (*déi gréng*).- Also, herno kommen ech nach eng Kéier am Detail op d'Gemegefinanzen zrëck.

Just awer fir hei lech do eng Äntwert ze ginn, wëll ech lech do soen, Här Spautz...

(Brouhaha et interruption)

Ech wëllt lech just soen, Här Spautz...

(Interruption et hilarité)

Ech wëll lech just soen, ech wëll lech soen, Här Spautz, déi Reserven, déi d'Stad Lëtzebuerg huet, de Moien huet och den Här Bodry gemengt, déi Reserven, déi hätten nëmmen domadder ze dinn, datt d'Stad Lëtzebuerg esou héich Recettë gehat hätt, an d'Stad Lëtzebuerg an de Schäfferot oder de Gemengerot hätte kee Mérite dorun. Dat ass jo net esou!

De Punkt ass natierlech deem, datt mir zënter 2000... Mir hätte jo och kënne dat maachen, wat verschidde Gemenge gemaach hunn. Mir hätte kënne, amplaz datt mer déi Reserven do uleeë fir verschidde Projeten, wichteg Investitiounsprojeten, ënner anerem och den Tram, dee mer matfinanzéieren, fir déi nächst Joren, hätte mer jo och kënne soen, mir maachen aner Saache mat deene Reserven.

Et gëtt och vill Gemengen, déi keng Reserven hunn, net well se keng Recetten haben, mä well se Saache gebaut hunn, déi hannen a vir kee Sënn erginn. Ech weess eng oder zwou Gemengen, déi hunn zesummen e Wellnesscenter gebaut vir bei der Stad,...

(Interruption)

...dee kascht den Ament déi Gemenge pro Gemeng véier Milliounen Euro d'Joer Fonctionnementskäschten. Jo, wann een natierlech esou Saache mécht,...

(Interruption)

Wann een natierlech esou Saache mécht,...

(Interruption)

...- dat ass jo net wéinst de Bierger vun deenen zwou Gemengen, wou dat gemaach ginn ass -, da kann een...

(Brouhaha général)

Här President!

► **M. le Président.**- Hei, ech bieden lech awer, elo net hei ee mat deem anere vis-à-vis ze diskutéieren, da komme mer net virun.

(Brouhaha général)

► **Une voix.**- Et ass eng national Schwämm! Et ass eng national Schwämm!

► **M. le Président.**- Här Bausch, ech géif elo den Här Bettel an den Här Wolter bieden...

(Interruptions diverses)

Also, Här Bausch, fuert elo emol virun, an ech bieden lech, elo nozelauschteren!

(Interruptions diverses)

► **M. François Bausch** (*déi gréng*).- Här President, ech mengen, Dir musst mir d'Schell eriwverginn, well dat geet méi einfach, da kann ech selwer schellen.

(Hilarité)

Nach eng Kéier, ech probéieren et dann nach eng Kéier.

► **Une voix.**- Se hunn et nach net verstanen.

► **M. François Bausch** (*déi gréng*).- Déi Gemengen, d'Stad Lëtzebuerg huet Reserven. Hätt Der da léiwer gehat, wéi gesot, d'Stad Lëtzebuerg hätt, amplaz datt se déi Suen effektiv op d'Säit gesat huet fir Investissementer, déi se an Zukunft wëllt maachen, net nëmme vun der Stad, mä vum Land...?

Well den Tram, wëll ech drun erënneren, wëll ech lech just soen, wa mer den Tram géife baue just wéinst de Besoinë vun deenen Honnerttausend Awunner vun der Stad, da bräichte mer en net ze bauen!

Mir bauen lech deem Tram net wéinst de Stater Bierger an der Stad, wéinst deenen Honnerttausend Leit. Mir hunn och de Busdängscht an der Stad net wéinst deenen Honnerttausend Leit. Mir hunn e Busdängscht, dee 35 Milliounen Passagéier pro Joer transportéiert. Dat ass net wéinst de Stater Leit, dat ass wéinst den Aarbechtsplazen, déi mer an der Stad hunn. A well mer eis natierlech eiser Verantwortung als Wirtschaftsplatz bewosst sinn, als Nerv, als Wirtschaftsmoteur vum Land bewosst sinn, maache mer dat am nationalen Intérêt.

Et ass aus deem Grond eraus, wou mer och en Drëttel iwwerhaupt bäileeë beim Tram, well ech muss lech jo soen, et ass jo och net esou, soss kéint ee jo och soen, d'Gare centrale, déi läit an der Stad, an all déi Leit, déi op der Gare centrale ukommen, do profitéiert jo d'Stad dovunner, an donc muss d'Stad Lëtzebuerg och op eemol bäileeë bei dem Finanzement vum klasesche Schinneréseau. Dee fiert och duerch d'Stad zu engem groussen Deel, wa mer d'Leit an d'Stad bréngen.

Dat ass jo awer eng abstrus Iddi, fir ze mengen, d'Stad Lëtzebuerg misst elo bei allem matfinanzéieren, wat schinnegebonnen ass. Deen Tram gëtt gebaut an engem nationale Konzept, wat MoDu heescht a wat e gutt Konzept ass, mä et ass een nationaalt Konzept.

An da soen ech lech just eent: Sidd frou - sidd frou! -, datt d'Stad Lëtzebuerg esou virsiichteg mat hire Suen ëmgaangen ass an déi Suen op d'Säit geluecht huet fir Investissementer an d'Zukunft vum Land.

Hätt Dir dat och gemaach vläicht an den 90er Joren a bis 2008, da bräicht Der elo net esou vill Schold opzehuelen, Här Spautz.

► **Plusieurs voix.**- Très bien!

(Interruptions diverses)

► **Une voix.**- Dir hutt ëmmer alles matgestëmmt.

► **Une autre voix.**- Wien huet da gestëmmt!?

► **M. le Président.**- Här Bausch, fuert virun, wann ech gelift, well all Kéiers wann Dir méi roueg sidd, da geet riets a lénks erëm d'Opreegung un. Här Bausch, fuert virun!

► **M. Fernand Etgen** (*DP*).- Dir rennt gären an d'Kontemauer, Här Spautz!

► **Une voix.**- Oh, Här Etgen. Oh lala!

(Interruptions)

► **M. François Bausch** (*déi gréng*).- Hues de e puer Këschten Temesta bei Dir de Mëtteg?



► **M. le Président.**- Also, ech géif lech elo wierklech bieden, e bësselchen nozelauschteren! Wéi gesot, et ka jiddwereen nach, esou laang wéi e wëllt, herno intervenéieren.

► **M. François Bausch** (*déi gréng*).- Selbstverständlich. Ech kommen dann natierlech ofschléissend, Här President, zu dem Volet Gemengefinanzen.

► **Plusieurs voix.**- Aaahhh!

► **M. François Bausch** (*déi gréng*).- Ech mengen, Här President, ech dierf gläich net méi ootmen, soss geet schohn en „Ah“ hei riets d’Luucht aus.

Et war jo dës Woch net vun ongeféier, datt déi zwou Säiten an enger grousser Lëtzeburger Dageszeitung stoungen, fir e gewësst Bild ze ginn iwwert d’Gemengefinanzen.

Mä ech muss soen, éischstens si jo déi Zuelen natierlech richtig, wat d’Recetten ubelaangt, déi dostinn. Mä éischstens betreffe se nëmmen d’Recetten, wat eng zimlech seltsam Aart a Weis ass, fir eppes ze kucken, wann een nëmmen d’Recettësäit kuckt. Dat wär d’nämlecht, wa mer géifen iwwert de Statsbudget diskutéieren a mir géifen nëmmen iwwert d’Recetten- oder nëmmen iwwert d’Dépensesäit schwätzen, wa mer iwwer Schold oder Netschold diskutéieren. Zu engem Budget gehéiere Recetten an Dépenses, an do stoungen natierlech an deem Artikel nëmmen d’Recetten - éischstens.

Zweetens ass ee Joer erausgesicht ginn, wat d’Joer 2011 war, wat natierlech en exzeptionellt Joer war an deem Sënn, well de Stat am Joer 2011 massiv Steierretarden agegriwwen huet, an deementspreechend mer genau jo wëssen, datt am Joer 2011 déi Steieren an déi Recetten, déi do erakomm si fir d’Gemengen insgesamt an och fir d’Stad Lëtzebuerg, datt déi op zwee, dräi Joer opgebaut waren, net eleng op d’Joer 2011. Well normalerweis hutt Der e Verhältnis bei der Gewerbesteier an engem Joer, esou war et emol virdrun, virun der Kris, zwee Drëttel vun der Recette ass opgebaut op d’lafend Joer an een Drëttel op Soldé vu Jore virdrun. 2011 war dat Verhältnis 50/50.

Dat heescht, et ass ganz kloer, datt hei vu gudde Jore massiv Steiere cumuléiert agegriwwen gi sinn, an dat huet gemaach, datt dat Joer trotz der Kris esou exzeptionell war. Et huet also näischt mat der Realitéit vun 2011 ze dinn.

A wat den Här Bodry de Moie gesot huet, dat ass absolut richtig. Zënter 2008 ginn d’Recettë vun de Gemengen net erop, mä erof, wann een d’real Recettë kuckt. Dat ass e Fait, am Contraire zum Beispill zum Stat, wou se mindestens nach geklomme sinn.

An dann, wéi gesot, wann een iwwert d’finanziell Situatioun vun de Gemengen insgesamt schwätzt, da muss een och iwwert d’Dépenses diskutéieren. An da muss ee vläicht awer och emol sech d’Méi ginn, ze kucken, wat mer dann diskutéiert hu virun zéng Joer, wou mer ugefaangen hu feststellen, datt een effektiv eng Gemengefinanzreform brauch.

Dat hu mer jo net nëmme gemaach, well mer elo gesot hunn, et gëtt déi eng oder déi aner aarm Gemeng am Land an et gëtt déi eng oder aner méi räich Gemeng am Land, mä mer hunn dat gemaach, well mer gesot hunn, d’Gemengefinanzen spillen eng wichteg Roll an der Réforme territoriale, an der Landesplanung, a mir müssen duerfir och eng Reform maache vun de Gemengefinanzen, fir datt mer eng besser Landesplanung kréien, fir datt mer d’Réforme territoriale kënnen eescht huelen.

An da misst een natierlech emol un alleréischter Stell iwwert d’Missiounen vun de Gemengen diskutéieren, Här President, Dir Dammen an Dir Hären.

D’Missiounen vun de Gemenge vun haut, déi baséieren nach op engem Text aus dem 19. Johonnert, aus der Postkutschenzäit, wéi mäi Frënd Camille Gira ëmmer seet. Mir sinn ons jo awer eens, datt mer haut net méi mat der Postkutsch duerch d’Landschaft reiden a fueren, mä datt d’Welt geännert huet, an donc kann een natierlech och net méi d’Gemengemissiounen ausschliesslech gesinn op deem Text, deem haut besteet.

(*Interruption*)

An da stellen ech fest, datt mer an deene villen Dokumenter, déi den Innenminister, sougutt den Här Wolter fréier nach, wéi en Innenminister war, wéi och duerno säin Nofolger eis virguelucht hunn, datt mer gesot hunn, mir wëllen an deem Land hei eng Rei Regionnen esou entwéckelen an eng Rei Regionnen aneschtens entwéckelen. An déi Regionnen, déi gezielt hunn

zu de Wirtschaftszentren, dat war nun eemol Esch/Belval, dat war d’Stad Lëtzebuerg mat de Randgemengen an d’Nordstad Ettelbréck/Dikrech.

Derniewent hu mer CDAen definéiert, dat waren dann Déifferdeng an Diddeleng, dat heescht, aner méi kleng Wirtschaftspôlen, déi eng gewësse Bedeitung haten. A mir hunn deemools gesot, datt et wichteg ass bei enger Gemengefinanzreform, datt mer dat alles berücksichtigen, well dovunner hängk jo natierlech och d’wirtschaftlech Entwécklung vum Land of.

Duerfir, wa mer iwwer Gemengefinanzen diskutéieren, da geet et net nëmmen drëms, ob elo d’Stad Lëtzebuerg Verflchtungen als Hauptstadt huet, mä et geet och drëms, driwwer ze diskutéieren, datt et eenzel Regionne gëtt, eenzel Gemenge gëtt, déi einfach wirtschaftlech gesinn de Moteur an den Nerv vum Land sinn an doduerch eng aner Bedeitung hunn, doduerch och aner Missiounen musse kréien.

A wa mer bei de Missiounen da sinn, dann ass et jo awer relativ kloer. Ech hunn den öffentlichen Transport virdrun opgezielt. Dat ass eng Missioun, déi steet net de Moment als Gemengemissioun festgeschriwwen an den Texter, mä an der Realitéit gëtt et se awer. Well ech brauch jo awer kengem auszemolen, wann d’Gemeng Lëtzebuerg... Et huet emol eng Kéier ee mir am Innenministère gesot, wéi ech dat opgeworf hunn, sot en: „Jo, den öffentlichen Transport, deen ass net virgesinn. Wann eng Gemeng dat mécht, dann ass dat e Luxus, dee se sech leescht.“

(*Interruption*)

Mä Dir kënnt lech jo awer virstellen, wat géif geschéien, wa mer an der Stad Lëtzebuerg de Bus géifen nëmmen een Dag net fuere loosse. Da kann ech lech soen, dann hunn d’Banken hei an der Stad ee gréissere Problem. Dann hunn d’Betriber hei an der Stad a ronderëm d’Stad ee gréissere Problem.

Duerfir, déi Missiounen, déi do definéiert gi sinn, do gëtt et der ganz neier derbäi, déi huet awer net jiddwereen. Eng Gemeng, wéi den Här Lux opgezielt huet, wéi Beefort, déi brauch natierlech keen öffentlichen Transport ze organiséieren. Selbstverständlich hunn d’Gemeng Beefort an déi Leit, déi do wunnen, och en Recht op uerdentlech Déngschtleeschungen, déi an eng Gemeng gehéieren, ob dat d’Kannerbetreuung oder Waasser ass. An da muss een dat alles och deementspreechend diskutéieren.

Mä et kann een net beim beschte Wëllen d’Gemengefinanzen eleng diskutéieren unhand vun de Recetten an dann hei opzielen, datt et eng Rei Gemenge gëtt, déi dann, wann ee reng d’Recettë kuckt pro Kapp-Awunner, esou vill Recetten hätten an aner nëmmen d’Halschent dovunner hätten. Dat ass eng falsch Diskussion. An déi féiert eis och net weider. Wann ee se esou féiert, dann huet se ausschliesslech zum Zil an zum Zweck a zum Sënn, fir herno just Jalousie ze fördern an effektiv eng Gemeng géint déi aner auszespillen.

A si huet zum Hannergrond, datt de Stat... Well wa mer iwwert d’Gemengefinanzen diskutéieren, an den Här Bodry huet dat de Moien zu Recht gemaach, da geet et jo net nëmmen drëms, ze kucken, wéi mer déi Sue bei de Gemengen, déi vun de Gemengen agezu ginn, méi gerecht verdeelen, mä et geet och drëms, ze kucken, en vue vun de Leeschtungen, déi d’Gemengen haut musse bréngen, a vum Gesamtkuch, dee mer als Land, als Stat hunn, wéi vill Prozent de Stat verwalt do an ausgëtt a wéi vill d’Gemengen hunn. A muss de Stat net och vläicht een Deel méi Suen ofginn un d’Gemengen? Dat ass och eng Fro, déi ee muss diskutéieren.

Natierlech, wann een dat net wëllt a wann ee sech d’Liewe wëllt einfach maachen, da kënnt ee just mat de Recettë gefuer an da kritt een herno eng ganz falsch Diskussion.

Den Här Bodry huet de Moien zu Recht gesot, et gëtt Gemengen, déi hunn eleng ëm déi 50% Fraisen, wou se emol guer net kompriméiert kréien, well dat si reng Personalfraisé wéinst Déngschtleeschungen, déi ugebuede ginn. Dat stëmmt. D’Stad Lëtzebuerg zum Beispill huet 58% vun hiren ordinären Ausgabe Personalfraisen. Dat heescht, dat sinn net Suen, déi mer einfach vun Dommheet ausginn. An do hannendru stiechen natierlech eng Hällewull vun Déngschtleeschungen. Do stiechen och Déngschtleeschungen dran och erëm eng Kéier, déi mer am Intérêt vum Land maachen.

Eise Pompjeesservice an der Stad oder den nationalen Theater, dee mer an der Stad hunn, de Conservatoire, alles dat si jo Kulturinstituter, déi mer dach net nëmme maache wéinst der Stad Lëtzebuerg a wéinst den Awunner vun der Stad eleng.

Duerfir muss een awer wierklech ophalen, esou eng Diskussion ze féieren, wéi se zum Beispill de Moie vun Här Spautz hei lancéiert ginn ass. Déi huet just zum Zil, fir ofzelenke vun deem,

ëm wat et eigentlech geet.

An um Endeffekt och ofzelenken, Här Spautz, dovunner, datt Dir an Äre Minister an deene leschten zéng Joer hei kläglechst versot hutt, fir hei eng Strategie op den Dësch ze leeën, déi Kapp a Fouss huet a kohärent ass. Ech erënnere nëmmen un déi aarmséileg Diskussion, déi mer haten an der Finanzkommissioun, wéi Äre Minister eis wollt déi Subsidien do virleeën, wou en emol selwer d’Chifferen net wousst, wéi e se gefrot ginn ass an der Kommissioun, déi en eis konnt ginn, wat dat als Konsequenzen hätt.

Also wierklech, kommt net heihinner a fängt un, vu Gemengefinanzen ze schwätzen, well et si genau Dir an Äre Ministeren, déi an deene leschten zéng Joer versot hunn, fir do eng uerdentlech Reform ze maachen!

► **Une voix.**- Keng zéng Joer hei.

► **Plusieurs voix.**- Très bien!

► **M. François Bausch** (*déi gréng*).- Här President, Dir Dammen an Dir Hären, ech muss soen als Konklusioun, ech deelen oder mir deelen all deenen hir Meenung, déi soen, datt et sécherlech kee Wäert huet, Katastrophismus ze maachen. Mä et ass awer gradesou kloer, wéi gesot, datt mer eng Rei strukturell Problemer hunn, déi mer müssen ugoen.

Wat awer dramatesch ass, dat ass, datt d’Leit dobaussen immens duerjernee sinn; datt d’Leit just nach eng Regierung erliewen, déi chaotesch Steieren erhöcht, Aschneidunge mécht bei verschiddene Leeschtungen, fir de Budgetsdefizit erofzedrécken, a keen dobausse méi kann novollzéien, wat dann eigentlech d’Visioun vun dëser Regierung fir Lëtzebuerg ass, fir dëst Land, wou et soll higoen.

Ech mengen, datt vill Leit am Land sech bewosst sinn, datt mer hei zu Lëtzebuerg net op enger Insel liewen an datt och jiddweree bereet ass, matzeéien, wann et drëms muss goen, d’Äerm e bësse méi eropzestréppen, fir ze hëllefen, datt mer aus där Kris hei erauskommen.

Mä wat d’Leit awer brauchen, dat ass eng positiv Visioun. Eng Visioun, wou se och kënnen dru gleewen, wou se gesinn, datt et drëms geet, datt dat Land sech soll weiterentwéckelen, datt investéiert gëtt a Secteure vun der Zukunft, datt hir Kanner an hir Kandskanner och eng Chance hunn. Déi Visioun, déi feelt de Leit dobaussen. An duerfir gleeft och kee Mënsch méi un dës Regierung.

An et ass och duerfir, Här President, kloer, Dir Dammen an Dir Hären, datt mir dës Budget net wäerte stëmmen.

Merci.

► **Plusieurs voix.**- Très bien!

► **M. le Président.**- Merci dem Här Bausch. Als nächste Riedner ass den Här Gibéryen agetroen. Här Gibéryen, Dir hutt d’Wuert.

(*Interruption*)

► **Une voix.**- Wéi dann?

► **Une autre voix.**- Si stëmmen de Budget net.

► **M. Gast Gibéryen** (*ADR*).- Merci, Här President. Léif Kolleeginnen a Kolleegen, fir d’Éischt e Wuert vu Mercien un déi zwee Rapportereuren, de Kolleeg Lucien Lux fir de Rapport iwwert de Budget an de Kolleeg Gilles Roth fir de Rapport iwwert de Pak vun de Steuerreformen.

Här President, de Budget 2013, dee läit an der Kontinuitéit vun deene Budgete virdrun: D’Defiziter bleiwen an d’Schold gëtt méi grouss. Et ass traureg, datt mer elo iwwer Joren déiselwecht budgetär Entwécklung hei materliewen, iwwer Jore vun de Majoritéitsparteien erkläert kréien, datt een net däerf ze vill Defizit maachen, datt een net däerf ze vill Schold maachen, a vu Joer zu Joer gëtt den Defizit méi grouss an d’Scholden och.

De Budget 2012, dee sollt mat engem Defizit ofschléisse vun 1,1 Milliarden. D’Joer ass nach net eriwwer a mir wëssen awer elo schohn, datt den Defizit däerft bei 1,6 Milliarde leien.

De Moien huet de Kolleeg Bodry hei versicht, wéi laang ze erklären, datt dat méiglech ass, datt deen Defizit vun 1,1 op 1,6 Milliarden ugeklommen ass, an dass virun allem se iwwerrascht waren an deene leschten dräi Méint, wéi op eemol den Defizit esou grouss ginn ass.

Ech hu mer duerfir d’Méi gemaach an der Mëttesstonn, well ech gemengt hunn, ech hätt eppes vergies, d’Budgetsdebatte vum leschte Joer nozelies, an ech sinn net fäerdeg ginn do mat liesen,...

(*Hilarité*)

...wéi d’Oppositionsparteien d’lescht Joer scho gesot hunn, datt dee Budget, dee mer fir 2012 virgeluecht kritt hunn, op falsche Chiffere

géif baséieren, op falschem Wuesstum géif baséieren an datt dee Budget doudsécher géif méi defizitär ginn, wéi e beim Dépôt bestoung. An och d’Avisé vun de Chambres professionnelles, vum Statsrot, vun der Cour des Comptes, vun der Banque centrale hunn alleguerte gesot,...

(*Interruption*)

...hunn alleguerte gesot, dee Budget vun 2012 wier falsch opgestallt an hätt zum Schluss méi ee groussen Defizit.

An, ech ka mech erënnere, datt heibannen diskutéiert ginn ass, datt dee Budget misst amendéiert ginn, datt e misst der Realitéit ugepasst ginn, an datt d’Regierung an hir Majoritéit refuséiert hunn d’lescht Joer, fir doriwwer ze diskutéieren nach fir eppes um Budget ze änneren. An haut komme se heihinner a kucken esou domm aus der Wäsch a soen: „A wéi ass dat méiglech? Elo hu mer dach méi Defizit, wéi mer geplangt haten!“

Dat wosst Der virun engem Joer! Dir wollt et just dunn net akzeptéieren. An duerfir, kommt haut net heihinner a maacht esou schäinhelleg, wéi wann elo iergendwéi eppes Schrecklech dëst Joer hei am Land geschitt wier, wou kee Mënsch eppes dervu gewosst hätt! Dir wosst et ganz kloer d’lescht Joer an et ass d’Resultat vun Ärer Politik.

► **Une voix.**- Très bien!

► **M. Gast Gibéryen** (*ADR*).- De Budget vun 2013, dee mer haut hei diskutéieren, soll mat engem Defizit liicht iwwer enger Milliard ofschléissen. E Resultat, wat sécherlech och wäert méi héich a méi schlecht ginn, wann d’Joer eriwwer ass. Eng Milliard Defizit, obwuel d’CSV/LSAP-Majoritéit an dëser Legislaturperiod schohn zwee Austeritéitsprogrammer mat deem vun dësem Joer décidéiert huet oder haut décidéiere wäert!

Firwat mir als ADR der Iwwerzeegung sinn, datt och de Budget 2013 méi schlecht wäert ausgoen, ofschléissen, wéi hei proposéiert, an déi nächst Budgeten, déi duerno kommen, och wäerten defizitär sinn, wëll ech unhand vun enger Rei vu Beispiller an Argumenter beweisen.

Eleng duerch d’Tatsaach, datt dës Budget op engem Wuesstum vun 1,7% vum PIB etabliert, deen awer an der Zwëschenzäit vum Statec scho staark no ënne revidéiert ginn ass, an zwar nëmme méi tëschent 0 an 0,7%, wäert derzou féieren, datt den Defizit méi grouss wäert ginn an dësem Budget vun 2013, wéi dat elo virgesinn ass.

Mir sinn also an darselwechter Situatioun, wéi mer d’lescht Joer ëm dës Zäit waren. An d’nächst Joer wäerte mer erëm an darselwechter Situatioun sinn, datt d’Majoritéitsparteien aus dem Staunen net erauskommen, datt d’Joer 2013 erëm méi schlecht ofgeschloss huet, wéi dat am Budget virgesi war. D’Vergaangenheet huet bewisen, datt d’Realitéit méi schlecht gëtt, wéi se hei virgestallt ginn ass. National wéi international Previsiounen si fir dat nächst Joer éischer schwach, dat souwuel um Weltniveau wéi och um europäeschen Niveau.

Duerch d’Politik vun CSV/LSAP sinn d’Risiken, datt déi finanziell Situatioun vum Stat an den nächste Joren nach méi schlecht wäert ginn, grouss. An doduerch lafe mer als Land konsequenterweis och d’Gefor an de Risiko, datt mer geschwënn d’Maastrichter Kritären net méi däerften erfüllen. D’Maastrichter Kritären, déi am Fong en Defizit vu maximum 3% vum PIB a fir d’Scholden héchstens 60% vum PIB virschreiwen. D’Administration centrale huet 2012 en Defizit vu minus 3,8. Also, reng als Stat leie mer iwwert de Maastricht-Kritären, wat den Defizit ubelaangt. Fir 2013 soll et minus 2,3 sinn. A wann d’Joer ëm ass, wäerte mer och erëm iwwer 3% leien.

D’Gemenge leie quasi global gesi bei null Schold. An et ass haut schohn ugeklongen: Eng Rei vu Gemengen, déi hu Reserven, an de Gros vun de Gemengen hu Scholden. Mä global gesi leien d’Gemengen op null.

D’Sécurité sociale läit mat engem Plus do vun 1,4%, soudatt mer global gesinn, d’Administration centrale, d’Gemengen an d’Sécurité sociale, fir d’Administration publique nëmmen - kann een da soen - 0,3% Defizit hunn; bedénkt duerch déi positiv Resultater awer vun der Sécurité sociale.

Déi nächst Jore wäerten d’Benefisser bei der Sécurité sociale awer lues a lues zrëckgoen. Bei der Pensiounskeesereform hu mer laang doriwwer diskutéiert, an et ass am Fong gesot ginn, datt mer am Joer 2020 ongeféier op deem Punkt ukommen, wou déi jährelech Recetten nach just déi jährelech Dépenses decken. Dat kann och ee Joer éischer oder ee Joer méi spët sinn, mä iergendwéi an där Géigend wäert et sinn. Et kann och zwee Joer méi spët ginn. Et weess een et net.



Mä kloer ass dann, datt also an deenen nächste siwen, aacht Joer, déi virun eis leien, déi Iwwerschëss, déi elo nach, mengen ech, bei 800 Milliounen doruechter leien, lues a lues op null erofginn an dann eng negativ Auswirkung op d'Maastricht-Kritäre wäerten hunn. Et kann een och elo scho kucken, an deene leschte Joren: D'Iwwerschëss bei der Sécurité sociale waren am Joer 2008 nach 2,7%; 2011 1,9%; 2012 1,7%, an 2013 1,4%. Also, an deene leschte Jore sinn d'Iwwerschëss scho vis-à-vis vum PIB zrëckgaangen. An, wéi gesot, an deenen nächste Jore wäert dat weider esou goen.

Datt huet dann en negativen Afloss op d'Maastricht-Kritären. An duerfir ass et elo och scho sécher, datt d'Zil, wat d'Regierung sech gesat huet - et gëtt jo vun der Regierung mëttlerweil agestanen -, fir bis 2014 op null ze sinn, wat d'Administration publique ubelaangt, net dierft realiséiert ginn.

Den FMI huet eng Etüd gemaach iwwert de Solde public iwwer zéng Joer vun enger Rei vu Länner, vun 2007 bis 2017. Bei Politique inchangée vun der Administration publique louch Lëtzebuerg am Joer 2007 als éischt, dat beschte Land do. A laut dem FMI géif am Joer 2017 Lëtzebuerg als dat schlechteste Land doleien. Länner wéi d'Belsch, Frankräich, Däitschland, Italien, Spuenien a souguer Griichenland géifen am Joer 2017 besser doleie wéi Lëtzebuerg. All déi aner Länner bauen hir Defiziter of, just Lëtzebuerg ass dat eenzegt Land, deem seng Defiziter weider klammen. Trotz sougenannte Spuerprogrammer, trotz Sozialofbau, trotz Steiererhéijungen.

D'CSV/LSAP-Regierung kritt mat hirer Politik d'Statsfinanzen net an de Griff.

D'Verhältnis tëschent de Recetten an den Dépenses: Iwwer Jore maache mer méi Dépense wéi Recetten; iwwer Jore maache mer méi Dépense wéi de Wirtschaftswuesstum. Déi Rechnung kann net opgoen. Et kann een een, zwee Joer, fir a Krisenzäiten antizyklesch ze wirken, domadder averstane sinn, mä et dierft net eng permanent Situatioun sinn, wéi mer dat elo hei am Land schonn e puer Joer amgaange sinn. Hei läit de grouse Feeler vun dëser CSV/LSAP-Majoritéit.

Och fir 2013 ginn d'Dépense mat 3,5% an d'Luucht, bei engem Wirtschaftswuesstum, deem dierft tëschent 0 an 0,5% leien an dee sécherlech nach am Laf vun deenen nächsten zwielef Méint wäert erofgoen. D'Dépense sinn also fënnemol méi héich wéi deen zousätzleche wirtschaftleche Wäert, dee mer d'nächst Joer hei wäerte realiséieren.

De cumulativen Aspekt iwwert d'Jore gesi beweist op e puer Joer, datt d'Situatioun quasi dramatesch ass. Vun 2008 u sinn d'Dépenses an der Administration centrale, also beim Stat, vun 2008 u bis haut ëm 34% geklommen. An darselwechter Zäit sinn d'Recetten nëmmen ëm 23% geklommen. D'Konsequenz vun dëser falscher Politik ass: defizitär Resultater an deene leschte Joren a fir déi kommend Joren.

Wat fir Risiko bestinn dann nach fir d'Finanzsituatioun vum Stat?

Éischtens, den E-Commerce. 2015 trëtt d'EU-Direktiv a Kraaft, wou mer en Deel vun de Recetté vum E-Commerce net méi kënnen hei am Land behalen. Den E-Commerce huet an deene leschte Joren eng enorm staark Progressioun erlieft. Bal 100 Milliounen d'Joer ass e geklommen. Am Abléck läit en tëschent 700 an 800 Milliounen. An et wäert een dervun ausgoen, datt e bis d'Joer 2015 nach wäert weider uklamme bis eng Milliard.

Et muss ee sech dee Chiffer a Relatioun mat de Gesamtstatsrecetté vum Joer mat 13 Milliarde virstellen - am Abléck 700, 800 Milliounen vun 13 Milliarden -, da gesäit een d'Wichtigkeet vun där Steuer fir de Statsbudget.

Am Joer 2015 dierft se, wéi gesot, op eng Milliard ukomm sinn. An da muss mer 70% vun der Milliard un déi aner Länner, wou de Konsum stattfënn, oféieren. Dat sinn ongeféier 700 Milliounen, déi mer dann an engem Joer verléieren.

2017 gi 70% op 85% erop. Dat wiere laut haut de Berechnungen nach eng Kéier 150 Milliounen. An 2019 gi se op 100% erop. Dat wieren dann nach eng Kéier 150 Milliounen. Da wier déi Milliard fort, déi mer dann als Stat verluer hunn. Also, datt huet net nëmme Konsequenze fir de Budget vun 2015, mä och nach fir déi Joren duerno: 2017 an 2019.

Den aktuellen Defizit ass an de leschte Jore konstant bliwwen, mat enger Milliard an 1,6 Milliarden dëst Joer. 2015 kommen also 700 Milliounen derbäi. Mir wëssen also, wat op eis zoukënn. A wa mer wëssen, wat am Joer 2015 op eis zoukënn, da géif ee jo mengen, datt eng Regierung bei engem Budget fir d'Joer 2013 der Chamber an dem Land scho géif soen, wéi se deem zousätzlech staarke finanziellen Abroch 2015 - dat ass wuel no de Wah-

len - géif entgéintwierken. Mä bis haut huet een dovunner kee Wuert héieren! Et huet ee kee Wuert héieren, wéi d'Regierung gedenkt, deem staarke Steuerabroch am Joer 2015 entgéintwierken. Näischt hu mer bis haut vun der Regierung héieren!

En zweete Punkt, deen d'Steierrecetten an Zukunft wäert belaschten, dat sinn d'Steierretarden, déi mer bei de Betriber hunn oder besser gesot haten. Dat war am Fong nach eng zousätzlech Mouk. Well d'Betriber bis zu fënnf Joer rückwirkend kënnen ofgerechent ginn, louchen do nach eng Rei vu Suen, déi an deene leschten zwee Joer awer gréisstendeels agedriwwen si ginn, soudatt déi Recetten, déi mer an deene leschten zwee Budgete kritt hunn, och zu engem Deel bestanen hunn aus Retarden aus Joren, déi d'Ekonomie an deene Jore virdu verdéngt huet. Wa mer déi Mouk net gehat hätten, wieren d'Defiziter an de Joren 2012 an och 2011 an nach e bëssen 2013 nach méi grouss ginn. Mä déi Mouk ass och elo opgeschafft.

En drëtte Punkt, deen d'Finanze wäert an der Zukunft belaschten, dat sinn d'Fongen. Am Abléck mécht de Stat Investitiounen fir d'Joer 2013 vun 1,7 Milliarden. Mir huelen och d'nächst Joer en Emprunt op vun 1,5 Milliarde fir an de Budget. Do kann een also soen, an de Kolleg Bodry huet dat de Moien och schonn hei gesot, datt d'Investitiounen praktesch integral iwwer Emprunt finanzéiert ginn.

Wou sinn dann, muss ee sech da froen, a vill Leit am Land froe sech, wou sinn dann déi Reserven, vun deenen d'CSV virun de Wahlen ëmmer geschwat huet? Wa Reserven do wieren oder gewiescht wieren, bräichte mer keng Emprunten ze maachen. Mä, wéi gesot, et ass kee Geld do! Mir hunn dat als ADR virun de Wahlen ëmmer gesot. Mir hunn et gesot, mir haten de Courage a mir hunn no de Wahle recht kritt.

Den Här Spautz huet de Moien hei gesot, 2010, wat d'Reserven ubelaangt, d'Déppen hätten... si hätten 2010 festgestallt, d'Déppen ass net méi voll, sot hien de Moien. Ech wollt den Här Spautz froen: Wat heescht dat, d'Déppen ass net méi voll? Kloer géif et heeschen, d'Déppen ass eidel!

(Hilarité)

D'Déppen ass eidel. Et brauch een net ze soen, d'Déppen ass net méi voll; d'Déppen ass eidel, an zwar war et schonn 2010 eidel no de Wahlen. A wann d'CSV éierlech gewiescht wier, dann hätten se de Leit net virun de Wahle gesot, mir hu Reserven, en Apel fir den Duuscht - den Här Spautz huet dat Wuert de Moien och nach eng Kéier gebraucht -, mä dann hätten se scho virun de Wahle gesot, d'Déppen ass eidel. Mä virun de Wahlen ass gesot ginn, mir hu Reserve geschaf, mir hunn en Apel fir den Duuscht.

(Interruptions diverses)

An et sinn nach Kadoe virun de Wahle gemaach ginn, et sinn nach Stämme kaaft ginn. An haut kréien d'Leit d'Quittung! Haut kréien d'Leit d'Quittung ze bezuele vun deene Wahlkadoen, déi d'CSV virun de Wahle gemaach huet.

E véierte Punkt, deen d'Statsfinanze wäert negativ belaschten, dat ass eise Finanzsecteur. Eise Finanzsecteur ass an der Baisse an e wäert sech ni méi esou erkréien, wéi dat virun der Kris war. Eng Well vun neie Reglementatiounen, d'Fro vun der Finanztransaktionssteuer, de Versuch, generell d'Finanzplaz ënner eng europäesch Kontroll ze setzen, alles dat geet op d'Käschten an op d'Attraktivitéit vun der Lëtzeburger Finanzplaz. An domadder geet et och op d'Käschte vun de Steuerrecetten an op d'Käschte vun den Aarbechtsplazen hei zu Lëtzebuerg.

Eis Regierung huet an deene leschte Jore systematesch noginn a Saachen zougestëmmt, déi op d'Käschte vun der Lëtzeburger Finanzplaz ginn. An och elo gëtt schonn erëm versicht, fir ze maachen, fir wann dat doten alles kënnt, wéi wann dat net esou negativ wier, wéi wann dat trotzdeem nach kéint gutt sinn an et kéint souguer nach Virdeeler fir d'Finanzplaz hunn. Dat hu mer an der Vergaangenheet all Kéiers, wann zousätzlech Belaaschtungen fir d'Finanzplaz komm sinn, hu mer dat esou erkläert kritt, mat dem Resultat, datt d'Finanzsituatioun haut, d'Finanzplaz vu Lëtzebuerg haut esou staark ënner Drock steet wéi ni!

E fënnfte Punkt fir de Statsbudget ass d'Desindustrialiséierung vum Land. D'Industrie huet am Joer 2011 nach just 6,8% vum PIB gemaach. Am Joer 1995 waren dat nach 12%. Also an engem Zäitraum vu sechs, siwe Joer praktesch eng Halbierung vum Afloss vun der Industrie op de PIB. D'Desindustrialiséierung zu Lëtzebuerg ass vill méi rapide wéi bei eisen Nopeschlänner an och méi séier wéi an der Moyenne vun der Eurozon. Dat ass besuergniserregend a mécht eis nach méi ofhängeg vum Finanzsecteur, deen, wéi gesot, sech gläichzäiteg och an engem Ofwärtstrend befënn.

Dee sechste Punkt, deen d'Statsfinanze belascht, sinn d'Scholden, d'Emprunten. D'nächst Joer huele mer en neien Emprunt op vu 4,5 Milliarden: 1,5 Milliarden, fir de Budget an den Équiliber ze bréngen, zwou Milliarde fir de Refinanzement vum Emprunt vun der BGL, eng Milliard fir d'Eurorettung an de Refinanzement vun der Zentralbank. 4,5 Milliarden neien Emprunt 2013, bei engem Budget, deen 13 Milliarde Recetten huet. Et muss een also d'Héicht vum Emprunt emol an d'Relatioun setze mat deem, wat mer an engem Joer erakréien. Mir mussen d'nächst Joer 4,5 Milliarde léien.

D'Cour des Comptes rappeléiert, datt laut dem Programme de stabilité weider Emprunt fir déi nächst Jore musse virgesi ginn, an op d'mannst eng Milliard 2014, 1,5 Milliarden 2015, 1,5 Milliarden 2016. Nodeems d'Statsschold tëschent 2008 vu 791 Milliounen op 6.290.000.000 elo explodéiert ass, wäert d'Statsschold sech laut der Cour des Comptes tëschent 2013 oder 2012 bis 2016 mat 12,3 Milliarden nach eng Kéier verduebelen! An dëser Legislaturperiod ass d'Statsschold vu 5% op 26% eropgaangen an an der nächster Legislaturperiod geet se doudsécher, wann net schonn an dëser, iwwert d'Grenz vun 30%.

Mir wëssen allegueren, wat dat fir eng kleng Ekonomie wéi Lëtzebuerg bedeit. An am Fong, wa mer op virun zwee, dräi Joer zrëckkucken, wéi mer dann heibannen diskutéiert hunn, da war parteiwwergräifend ee Konsens, datt gesot ginn ass, mir dierfen net mat der Schold iwwert déi 30% erauskommen, well dat net fir eng kleng Ekonomie vertriebar ass. Mir hunn et awer elo gepackt, an enger Legislaturperiod un déi 30% ze kommen, a mir wäerten doudsécher an där nächster Legislaturperiod iwwert déi 30% erausgoen!

E siwente Punkt, deen eis Statsfinanzen an Zukunft wäert belaschten, ass d'Netzrëckbezuere vun der Schold. Ech hunn dat nach all Joers hei gesot, datt de Stat nëmmen Zësen zrëckbezilt a kee Kapital. All Gemeng, all Privatmann, all Betrib, dee Scholde mécht, dee bezilt net nëmmen Zësen, mä dee bezilt och Kapital zrëck. De Stat bezilt nëmmen Zësen zrëck, hëlt en Emprunt op zéng Joer op a seet dann, an zéng Joer bezuelen ech dann d'Kapital an enger Kéier zrëck.

Do geroode mer an eng Scholdespiral eran, an ech hunn dat och hei scho gesot am Numm vun der ADR, datt dat eiser Meenung no och - well et ass net de Lëtzeburger Stat, deen dat eleng mécht, dat si generell d'Staten, déi esou verfueren -, datt dat d'Hauptursaach vun der Eurokris, d'Hauptursaach vun der Iwwerverschuldung vun de Staten ass. Mir hunn dat ëmmer kritiséiert a mir bleiwen och derbäi.

Dës Kéier komme mer elo d'nächst Joer an deen éischte Punkt eran, well de 4. Dezember d'nächst Joer sinn déi zwou Milliarde fälleg, wou deemools gesot ginn ass, wéi mer duerfir Aktië kaaft hu bei der BGL: Ma, wann dat kënnt, da verkafe mer se erëm, mat Benefiss eventuell, da kënnen mer dat rembourséieren. Elo wësse mer awer, datt déi Situatioun net esou ass. An d'nächst Joer huele mer dann en Emprunt, wéi gesot, op vun zwou Milliarden, fir déi ze refinanzéieren.

Mir kommen elo also an déi éischt Etapp, wou mer müssen engersäits Emprunten ophuelen, fir den normale Budget am Équiliber ze halen, an d'niement en Emprunt ophuelen, fir een alen, fir en aneren Emprunt, deen ofleeft, ze refinanzéieren. An d'Cour des Comptes schreift och an hirem Avis: «Le Luxembourg (...) va entrer pour la première fois (...) dans un cycle de refinancement de sa dette par l'émission de nouveaux emprunts obligataires.»

An duerno, muss ee wëssen, ass et net gedoen. Mä duerno komme praktesch, déi Joren duerno, ëmmer erëm nei Emprunten, déi fälleg ginn: 2016 400 Milliounen, 2018 700 Milliounen, 2020 zwou Milliarden, 2022 eng Milliard, 2023 4,5 Milliarden, 2024 eng Milliard an 2015 (veuillez lire: 2025) 1,5 Milliarden. Dat ass d'Ierfschaft, déi mer de kommende Generatiounen hannerloossen!

Bei där finanzieller Aussicht vum Stat, wéi ech se elo grad beschriwwen hunn, wësse mer, datt an all deene Joren do net déi Iwwerschëss wäerten do sinn, fir déi Emprunten, d'Kapital ze refinanzéieren. Mä déi, déi dann d'politesch Responsabilitéit hunn a déi dann d'Steiere müssen hei am Land bezuelen, dat sinn déi, déi da müssen nei Emprunten ophuelen, fir déi erëm ze refinanzéieren. An esou geet déi Scholdespiral lues a lues virun. An da komme mer an zéng Joer an déi drëtt Etapp, wou mer müssen ufänken, zwee Emprunten ze refinanzéieren. An da gi mer riicht op déi griichesche Verhältnissen zou!

Den Här Bodry huet de Moien hei gesot, datt eng Gemeng sech dat net kéint erlaben, fir mat Emprunt praktesch integral d'Investitiounspolitik ze finanzéieren. Dat stëmmt. Mä wat eng

Gemeng sech och net kann erlaben, fir hir Schold net zrëckbezuelen. Eng Gemeng muss och, wa se en Emprunt ophëlt, mat hirem ordinäre Budget net nëmmen d'Zësen, mä och d'Kapital zrëckbezuelen. An dat ass och richtig esou. Dat heescht, den Här Bodry hat dat nach de Moien hei vergiess.

A wann de Stat misst higoen an e misst och d'Kapital vu senger Schold zrëckbezuelen, dann hätte mer all Joers am Abléck eng zousätzlech Dépense vu 500 bis 600 Milliounen d'Joer. Dat ass dat, wat de Stat misst opbréngen, wann e wierklech géif gären och säi Kapital zrëckbezuelen. An dat misst am Fong d'Regel sinn, datt, wa mir Schold maachen, mer och géifen eis Schold zrëckbezuelen, amplaz datt mer där nächster Generatioun déi iwwerloossen.

Dat ass dee gréisste Feeler, deen et an der Finanzpolitik gëtt, datt de Stat seng Schold net zrëckbezilt. Wéi gesot, mir misste 500 bis 600 Milliounen weider all Joers ausginn, wa mer d'Kapital géifen zrëckbezuelen, wéi all normale Mënsch an all Betrib dat muss maachen.

Wann déi Situatioun do weidergeet, da kënnt deen aachte Punkt, deen eis wäert finanziell belaschten. Dat ass dann nämlech de Verloscht vun der ekonomescher Attraktivitéit. Wa mer esou weiderfueren, dann ass de Risiko grouss, datt mer den Triple-A dierft verléieren. Dat hätt néfaste Konsequenze fir d'Attraktivitéit vum Standuert Lëtzebuerg.

Et hätt och néfaste Konsequenze fir d'Zësen op der Statsschold. Et géif manner budgetäre Spillraum ginn, et géife méi Scholde ginn, et géife méi Zëse ginn, Zësen, déi elo schonn iwwer 200 Milliounen d'Joer leien an déi sech an deenen nächsten zwee Joer wäerte bal verduebelen. Et muss ee wëssen, zwou Milliounen, dat sinn aacht Milliarden aler Frang, déi mer haut un Zëse bezuelen, oder et kéint een zwee Lycéee baue pro Joer eleng vun deenen Zësen, déi mer am Abléck musse bezuelen.

Haut gi mer hin, mer sträiche Lycéeeën, mer setze se zrëck, well mer iwwer Joren eng falsch Finanzpolitik gemaach hunn an haut müssen Zëse bezuelen, amplaz Investitiounen kënnen ze maachen.

Dat Ganzt féiert dann, an dat ass deen néngte Punkt, dee kritesch ass fir d'Zukunft, dat féiert dann zum Verloscht vun der politescher an der budgetärer Souveränitéit. Wa mer d'Stabilitétskritären net méi erfüllen, verléiere mer déi politesch an déi finanziell Souveränitéit. Dann décidéieren net méi mir hei an der Chamber, da gëtt zu Bréssel decidéiert iwwer eis Akommes an iwwer eis Dépenses politiques. Dann décidéieren net méi mir iwwert d'Sozialpolitik, mä da gëtt zu Bréssel decidéiert, wat fir eng Sozialpolitik mer hei maachen. Beispiller gëtt et genuch. Ech brauch nëmme Griichenland ze nennen.

Mir müssen also hei eis Hausaufgab maachen. D'CSV an den Här Juncker hunn ëmmer hei gesot, mir dierfen déi nächst Generatiounen net hypothéquéieren. A genau dat gëtt awer mat där aktueller Politik gemaach. Déi aktuell Politik verlagert déi ganz Laascht op déi kommend Generatiounen.

Mir hunn als ADR duerfir scho virun engem Joer e ganze Pak vu Spuermoosname proposéiert. Déi éischt ass, datt mer gesot hunn, ier de Stat Steiererhéijunge mécht, ier de Stat Sozialofbau mécht, muss de Stat emol fir d'Éischt seng Hausaufgab maachen. An eng vun den éischte Froen a Punkten ass, datt de Stat emol muss déi Steieren encaisséieren, déi e laut Gesetz zegutt huet.

Eng Regierung ass do, fir d'Gesetzer ze applizéieren. Wa Steuerbeamte bei d'Parteie pilgeren an deene soen: „Mir ginn net a même gesat, fir kënnen déi Steieren ze encaisséieren, déi de Stat zegutt huet, an zwar net bei deene klengen Leit oder bei deene klengen Betriber, mä bei deenen, wou et wierklech géif Geld era-bréngen. Mä déi kënnen mir net, mir dierfen déi quasi net kontrolléieren“, an do gi massiv Zomme vu Steiergelder net agedriwwen, da muss dat engem ze denke ginn, well d'Steierverwaltung, d'Leit, d'Fonctionnaire selwer déi Démarché bei d'Parteie maache ginn a soen: „Mir ginn net en mesure gesat, fir kënnen déi Steieren anzedriwwen, déi mer kéinten a wéilen andriwwen. Mä d'Politik gëtt eis net déi Moyenen, d'Politik gëtt eis net déi Leit, fir kënnen déi Steieren anzedriwwen.“

Et muss ee sech do d'Fro stellen: Firwat? Firwat ass dat esou?

► **M. le Président.**- Här Gibéryen, den Här Minister stellt lech gären eng Fro.

► **M. Gast Gibéryen** (ADR).- Selbst-



verständlich.

► **M. Luc Frieden, Ministre des Finances.**- Kann den Här Gibéryen hei wann ech gelift widderhuelen e Saz, deen, wann ech richtig héieren hunn, hie gesot huet, datt d'Beamte vun der Steierverwaltung géifen dru gehënnert ginn, fir Kontrollen ze maachen?

Da géif ech gäre wëssen, wien, wat fir ee Minister wat fir ee Beamte gehënnert hätt, fir Kontrollen ze maachen. Et ass nämlech eng konstant Linn vu mir, fir ze soen, datt mer d'Steiere mussen andreiwen.

Duerfir wéisst ech hei gäre ganz genee, ob ech richtig héieren hunn.

D'Zuel vun de Beamte kann een ëmmer diskutieren. Mir hunn déi lescht Joren déi dräi Verwaltungen ausgebaut. Déi hu Leit bäikritt. A wéi all Verwaltungen hätte se nach ëmmer gäre méi Leit. Mir hunn d'Informatisation gemaach.

Ech géif hei ganz gäre vum Här Gibéryen wëssen, ob en hei gesot huet, datt een e Beamte gehënnert hätt, eng Kontroll ze maachen.

► **M. Gast Gibéryen (ADR).**- Här Minister, ech hunn hei ganz kloer gesot, dat ass à peu près, wéi Der et elo ausgedréckt hutt.

(Brouhaha général)

Neen, neen, neen, neen, neen, neen, ech hu guer kee Problem domat.

Ech wollt just, ob ech elo genau dee Saz..., mä ech wëll lech en duerfir nach eng Kéier widderhuelen, fir datt et genau ass. Also, bei eis an der Fraktioun ass d'Delegatioun gewiescht vum Personal vun der Steierverwaltung. An déi hunn eis ganz kloer gesot, si hätten net Leit genuch a si géife scho jorelaang Leit froen a si hätten déi Leit net kritt.

(Brouhaha général et interruptions)

► **Une voix.**- Aaahhh!

► **M. Gast Gibéryen (ADR).**- Neen, neen, lauschttert! Lauschttert, lauschttert meng Konklusioun! Loosst mech ausschwätzen, meng Konklusioun, a si kréichen déi Leit net, déi si brächten, fir verschidde Leit, fir verschidden Entreprises ze kontrolléieren, wou massiv Steieren anzedreiwte wieren.

Si hunn also net d'Moyenë kritt, si kréien also net d'Moyenen, fir déi Steieren anzedreiwte, déi se kéinten andreiwen, déi geschëllt si laut Gesetz a wou d'Regierung eng Responsabilitéit, eng Verflichtung huet,...

► **M. Camille Gira (déi gréng).**- Très bien!

► **M. Gast Gibéryen (ADR).**- ...fir Gesetzer, déi dëst Parlament stëmmt, fir déi Steieren och anzedreiwte.

(Interruption)

An dann hunn ech gesot, da stellt ee sech d'Fro: Firwat gëtt eng Regierung enger Verwaltung net genuch Leit, fir datt déi kann hir Missionen maachen an all déi Steieren do andreiwen?

An zwar hunn ech gesot, net bei deene kleng Leit, net bei deene kleng Betriber, mä si hunn eis ganz kloer gesot, et sinn déck Betriber a ganz räich Leit, déi hei zu Lëtzebuerg net méi géife besteiert ginn. Ganz kloer.

Ech ginn nach méi kloer. Déi hunn eis gesot, déi ginn emol net méi kontrolléiert. A wann ee vun deenen - elo zitieren ech ganz genau: „A wann ee vun deene bannent 50 Joer an eng Kontroll géif falen, dann hätt e Pech gehat.“ Dat ass d'Situatioun Wuert fir Wuert, esou huet d'Delegatioun vun der Steierverwaltung eis et gesot. „Wann ee géif a 50 Joer kontrolléiert ginn, dann hätt en ebe Pech gehat.“ Dat wier d'Realitéit. An do wier nach masseg...

► **M. le Président.**- Här Gibéryen, erlaabt Der, datt den Här Gira lech eng Fro stellt?

► **M. Camille Gira (déi gréng).**- Ech wollt den Här Gibéryen froen, ob déiselwecht Leit der ADR och gesot hunn, datt datselwecht gëllt beim Schluss vun de Leasingskontrakten vun den Autoen. Do missten d'Leit eigentlech d'Differenz vun deem, wat den Auto offiziell wäert ass a laut Kontrakt och versteieren. Déiselwecht Beamten hunn eis op jidde Fall gesot, och do wiere keng Leit do. Do kéint ee vun Dosende Milliounen Euro schwätzen, well se och net d'Méiglechkeeten hätten, déi dote Steieren anzedreiwte.

Hu se lech dat och gesot, Här Gibéryen?

► **M. Gast Gibéryen (ADR).**- Ech ka mech net erënneren, datt se genau deen do präzise Fall bei eis ernimmt hunn. Neen, seriö. Mä si hunn eis dat gesot, wat ech lech elo gesot

hunn. Dann ass dat do nach en zousätzlech Beispill,...

► **M. Camille Gira (déi gréng).**- Voilà.

► **M. Gast Gibéryen (ADR).**- ...wat den Här Gira do gesot huet. Dir gesitt, datt déi Leit...

Et ass traureg, Här President, ech muss dat och soen. Ech maachen elo 25 Joer...

► **M. Camille Gira (déi gréng).**- Et sinn déi mat de breede Schëlleren, déi esou Autoen hunn, Här Gibéryen.

(Interruptions)

► **M. Gast Gibéryen (ADR).**- Ech maache 25 Joer Politik hei. An dann héieren ech hei eng Regierung,...

(Interruptions)

...e schlaue Finanzminister, déi hei schwätze vun de breede Schëlleren.

► **Une voix.**- Jo!

► **M. Gast Gibéryen (ADR).**- Ech hunn ëmmer gemengt, mat de breede Schëllere géife se wierklech déi menge mat de breede Schëlleren, déi d'Schëllere breet hätte vum Geldschleefen. Mä wann ech awer d'Politik kucken, da sinn et déi, wou déi breet Schëlleren hu vum Schaffen. Déi ginn hei beläschet. Awer net déi, déi breet Schëlleren hu vum Geldschleefen.

An et ass traureg, datt eng Verwaltung, d'Fonctionnairë mussen bei d'Parteie goen a soen, datt si net à même gesat ginn - net à même gesat ginn! -, fir déi Steieren ze encaisséieren, déi laut de Gesetzer geschëllt sinn.

Duerfir soen ech, wann eng Regierung - an ech soen dat ganz knallhaart hei -, wann eng Regierung hir Verwaltung net à même setzt, fir datt déi Steieren do encaisséiert ginn, da mécht se sech zum Kompliz vun der Steuerhannerzëiung bei enger gewëssener Kategorie vu Leit. An dat léisst ganz déif denken (veuillez lire: blécken).

► **M. Camille Gira (déi gréng).**- Très bien! Exzellent! Dat ass richtig.

► **M. le Président.**- Här Gibéryen, den Här Minister stellt lech nach eng Kéier gären eng Fro.

► **M. Gast Gibéryen (ADR).**- Selbstverständlich.

► **M. Luc Frieden, Ministre des Finances.**- Här President, ech muss dat hei wierklech nach eng Kéier formell contestéieren. Dat hei ass egal wat. Egal wat! Well...

► **M. Gast Gibéryen (ADR).**- Et ass net egal wat.

► **M. Luc Frieden, Ministre des Finances.**- Da loosst mech...

► **M. Gast Gibéryen (ADR).**- Et ass d'Resultat vun Ärer Politik.

► **M. Luc Frieden, Ministre des Finances.**- Also,...

► **M. Gast Gibéryen (ADR).**- Dat ass egal wat.

► **M. le Président.**- Neen, Här Gibéryen, lauschttert elo dem Här Minister no an dann äntwert Der!

► **M. Luc Frieden, Ministre des Finances.**- Dat ass e Fait, datt a ganz ville Ministèren, a ganz ville Verwaltungen Delegatiounen fir méi Leit plädéieren. An et ass richtig an der Steierverwaltung. Dat sinn Honnerte vu Leit, wann ech déi dräi Steierverwaltungen bäihuelen, déi mer an deene leschte Joren eropgesat hunn - ech wëll elo net de präzise Chiffer nennen, fir kee falsche Chiffer ze nennen, mä et sinn awer iwwer 1.000 Leit an deenen dräi Verwaltungen -, datt déi ëmmer erëm gesot kréien, datt se mussen d'Steieren andreiwen.

Duerfir hu mer d'Zuel d'lescht Joer, den Numerus clausus, mussen Der lech vläicht erënneren, d'Zuel vun de Steuerbeamten war mat déi Kategorie vu Beamten, déi am meeschten augmentéiert ginn ass.

Mir sinn iwwregens kritiséiert ginn zugläich, datt d'Frais de fonctionnement an d'Frais de personnel beim Stat géife klammen. Déi klammen, well mer Leit agefallt hunn. An datt et ni duergeet mam Personal, dat ass soulaang ech an der Politik sinn a soulaang déi virdrun an der Politik sinn. Et gëtt ëmmer gesot: „Mir brauche méi Leit.“ Mä d'Aarbecht ass an d'Instruktioun ass, fir déi Betriber ze kontrolléieren a fir d'Leit ze kontrolléieren, fir datt d'Steiere bezuelt gi grad bei deenen, déi mussen Steiere bezuelen.

Duerfir hunn ech och gëschter rappeliert - wéi och de Rapporteur vum Projet de loi -: 5% vun de Leit bezuele 50% vun de Steieren. Et ass also och net ëmmer dee Saz, datt nëmme géifen déi kleng Leit Steiere bezuelen. Neen, au contraire. Also dat do alles, datt kann ee mat Pauschaliséierung absolut net maachen.

A wann ee Betrib net kontrolléiert gëtt, dann

hätt ech gären den Numm. Dir hutt hei keen Numm ginn. An ech ginn dat nach eng Kéier kontrolléieren. Dir kënnt och bei mech kommen an déi Nimm soen, well esou eppes loosse ech net einfach esou am Raum stoen.

Hei zu Lëtzebuerg mussen d'Steiergesetzer respektéiert ginn. An datt d'Gewerkschaften an d'Delegatiounen méi Leit revendiquéieren, dat ass dat Normalst vun der Welt. Mä doraus dierf een net de Schluss zéien, fir ze soen, datt et hei géif eng Instruktioun ginn, datt net soll kontrolléiert ginn. De Contraire ass de Fall, an déi, déi mech kennen, wëssen, datt dat de Fall ass.

► **Plusieurs voix.**- Très bien!

► **M. Gast Gibéryen (ADR).**- Här President, ech hunn net gesot, de Minister hätt eng Instruktioun ginn. Ech hu gesot, de Minister géif d'Verwaltung net à même setzen, fir datt déi Leit kennen hir Aarbecht maachen an d'Steieren encaisséieren. D'Steieren encaisséieren.

(Interruption et brouhaha)

Ech brauch keng Nimm ze nennen. Ech hunn lech gesot...

(Interruption)

Ech hunn lech gesot, et war d'Vertriebung vum Personal vun der Steierverwaltung. An den Här Gira huet elo confirméiert, datt se och bei hinne war. Ech brauch hei keng Nimm ze nennen. Et war d'Vertriebung vum Personal vun der Steierverwaltung.

Dach, den Här Gira huet gesot, si wären och bei hinne gewiescht.

► **M. Camille Gira (déi gréng).**- Jo.

► **M. Gast Gibéryen (ADR).**- Wann ech dat gutt verstanen hunn.

(Interruption)

► **M. le Président.**- Här Gira, wann ech gelift.

► **M. Camille Gira (déi gréng).**- Ech géif den Här Finanzminister da froen, ob e ka bestätegen, datt d'Valeurs résiduelles vun de Leasingsautoen, wa Leit se selwer kafen, systematesch besteiert ginn.

Mir hunn Informatiounen vun der Steierverwaltung, datt déi net Leit genuch hunn, fir dat dote systematesch ze maachen. Do schwätze mer net vun e puer Honnerttausend Euro, do schwätze mer vu Milliounebetrag vu Steieren, déi dem Lëtzeburger Stat entginn, well d'Steierverwaltung net Leit genuch huet, fir dat dote systematesch ze maachen.

Wann Dir sot, dat wier net richtig, da behaupt Dir jo hei, datt dote géif systematesch gemaach ginn. Da kënne mer dat jo nokontrolléieren. Mir hunn Informatiounen, datt dat iwwerhaapt net gemaach gëtt, well d'Leit keng Méiglechkeet hunn, net Leit genuch hunn.

► **M. Gast Gibéryen (ADR).**- En plus muss ee wëssen, datt mer elo...

► **M. Luc Frieden, Ministre des Finances.**- Ech muss dat do vérifiéieren. Ech hunn dem Här Gibéryen geäntwert op seng Fro.

(Interruption)

Dat, wat Dir gesot hutt, muss ech vérifiéieren. Ech weess dat net. Ech muss den Direkter vun der Steierverwaltung froen.

► **M. Gast Gibéryen (ADR).**- Voilà. En plus, mengen ech, mussen Der wëssen, dat hu se och gesot, kritt elo d'Steierverwaltung erëm weider Aarbecht mat de Steuerkaarten. D'Gemeenge ginn entlaascht, mä et ass erëm eng Aarbecht, déi d'Steierverwaltung weider kritt, wou keng Steieren erakommen, mä wou d'Leit erëm mat aneren Aarbechte beschäftigt ginn. Ouni Leit bäizekréien, kréie se eng nei administrativ Aarbecht, déi keen Euro Steiere wäert weider an d'Keess bréngen.

En zweete Punkt, deen ähnlech ass wéi d'Net-Steieren-Encaisséieren, dat sinn d'Failliten. Ech hunn hei an dëser Chamber an deene leschten zéng Joer zwou Interpellatiounen gemaach iwwert d'Failliten, well déi einfach alarmant Chifferen ugehall hunn. Dëst Joer wäerte mer op 1.000 Failliten hei am Land kommen. An elo huet de Minister Biltgen - deen, mengen ech, ass responsabel - ugekënnegt, et géif elo e Projet de loi kommen.

Och do muss ee wëssen, d'Fro stellen: Firwat brauche mir zéng Joer, fir eng Reform ze maachen, fir entgéintzewirken, datt mer esou vill Faillitë kréien?

Mir wëssen, datt an enger fräier Ekonomie och Failliten eng Normalitéit sinn. Mä mir wëssen awer och, datt et net eng Normalitéit ass, datt d'Failliten frauduleuses an esou virun déi Normen (veuillez lire: Proportiounen) ugehall hunn, déi se hei zu Lëtzebuerg ugehall hunn. Hei huet d'Regierung och iwwer zéng Joer nach näischt gemaach. Elo soll e Projet kommen.

Et muss een awer wëssen, datt iwwert d'Failliten, d'Steieren, d'TVA, den Enregistrement, d'Sécurité sociale Honnerte vu Milliounen iwwert d'Jore verluer gaange sinn. Eleng bei der TVA si cumuléiert 700 Milliounen TVA an deene leschte Joren iwwert de Wee vu Faillite verluer gaangen. An awer brauch d'Regierung Joren a Joren, fir eng Reform ze maachen.

Duerfir soe mer: Ier Der de Leit Steiererhéijunge maacht, ier Der Sozialofbau maacht, kuckt emol, datt Der déi Suen erakritt, déi Der zegutt hutt! Gitt se emol dohinner sichen, wou se sinn! Dir wësst, wou Der se sollt siche goen.

Mä d'Fro ass: Firwat gitt Der se net dohinner sichen? Dat ass d'Fro, wou mer gären eng Äntwert vun der Regierung drop hätten.

An dann d'Fro vum Spuere beim Stat. Bis elo kënne mer nach net novollzéibar kucken, wou de Stat da bei sech gespuert hätt. Et ginn ëmmer esou Zifferen a Sloganen an d'Welt gesat, mä konkret, wou de Stat da bei sech gespuert huet bis haut, kënne mer nach näischt feststellen.

Mir sollen och spueren bei der Entwécklungshëllef, wou mir als ADR soen, an Zäiten, wou et eis gutt gaangen ass als Land, konnte mer méi wéi déi 0,7% ginn. Mir sinn op 1% eropgaangen. Mir ware souguer iwwer 1%. Mä mir soen, haut geet et dem Land net méi esou gutt, da solle mer lues a lues op dat zrëckfueren, wouzou mer eis engagéiert hunn: 0,7%.

Lëtzebuerg war 2009 bei 1,11%, 2010 bei 1,05%, 2011 bei 0,97%. Also, et ass do licht zrëckgaangen. Mä mir soen, mir mussen op déi 0,7% zrëckfueren. Da si mer nach méi héich wéi all déi aner Länner, wa mer op 0,7% sinn, well praktesch keent vun deenen anere Länner, a scho guer keent vun eisen Nopeschlänner, ass bei deenen 0,7%. Do géife mer Honnert Milliounen spueren, déi mer da kéinten an eis national Economie investéieren.

Wa mer wëssen,...

(Interruption)

...wa mer wëssen, an och déi aner Suen, déi mer an d'Entwécklungshëllef ginn...

(Interruptions)

Jo, jo, jo, jo, mir sollen dat maachen, fir wat mer eis engagéiert hunn als Stat. An dat ass 0,7%.

(Interruption)

Mir haten och kee Problem dermat, wéi mer Iwwerschëss haten, fir méi ze ginn.

(Interruptions)

Ech wëll lech eent soen...

► **M. le Président.**- Ech bieden lech, noze-lauschteren!

► **M. Gast Gibéryen (ADR).**- Ech wëll lech elo eent soen: Elo reegt Der lech iwwer eis op, an ech wetten haut an hei, datt Der lues a lues op déi 0,7% erofgitt.

(Interruption)

Ech hunn lech jo elo gesot, Dir sidd jo vun 1,11% op 1,05% op 0,97% schonn an deene leschten dräi Joer zrëckgaang. An Dir gitt weider esou zrëck, well mer einfach déi Suen net méi hunn.

An och déi aner Suen, déi mer an d'Entwécklungshëllef ginn, sollte mer méi versichen, an eis national Economie afléissen ze loosse, fir datt déi kann Entwécklungshëllef maachen, well wa mer feststellen, datt de Statec eis seet, datt duerch de Spuerpak, deen d'Regierung elo décidéiert, de PIB däerft d'nächst Joer tèschent 0,3 an 0,6% manner wuessen, dann hu mer also all Intérêt, fir déi Suen, déi mer als Stat ausginn, eiser Economie zoukommen ze loosse.

► **Une voix.**- Très bien!

► **M. Gast Gibéryen (ADR).**- An datselwecht gëllt och fir d'Kyoto-Zertifikater, déi mer an d'Ausland kafe ginn.

► **M. Félix Braz (déi gréng).**- Dat geet net esou, wéi Dir et gären hätt. Do iert Der lech. Dat mécht kee mat. Schummt lech!

► **M. Gast Gibéryen (ADR).**- Och bei den internationalen Institutiounen...

► **M. Félix Braz (déi gréng).**- Den Här Kartheiser fënnt dat super...

(Interruptions)

Dir maacht guer näischt méi! Dir lauschttert just engem doiwwer bei lech no. Verstoppt lech ënnert dem Dësch wéi dee leschten...

(Coups de cloche de la présidence)

Dir sollt lech schummen! Schumme sollt Der lech! Doiwwer gëtt et just nach een.

► **M. Gast Gibéryen (ADR).**- Jo, jo, ech sinn iwwerzeegt, och wann déi gréng déi nächst Kéier mat an der Regierung setzen, Dir gitt och erof op déi 0,7%.



► **Mme Viviane Loschetter** (*déi gréng*).- Mat Sécherheet net.

► **M. Gast Gibéryen** (*ADR*).- A mat Sécherheet gitt Der erof. Oh Mamm, Dir hutt schonn aner Saache matgemaach,...

(Interruption et hilarité)

...ouni datt Der an der Majoritéit waart...

► **M. Félix Braz** (*déi gréng*).- Dir hutt hei am Land nach iwverhaupt näischt matgemaach. Do hutt Der ganz recht. Dat kann lech net geschéien. Äre Veräin war nach néierens an der Verantwortung. Dir hutt nach näischt matgemaach an Dir maacht näischt mat.

► **M. le Président**.- Wann ech gelift, ech hätt gärén, datt Der dem Här Gibéryen nolauschtert. Herno ka jiddwereen nach eng Kéier Stellung huelen.

► **M. Gast Gibéryen** (*ADR*).- Och u Kontributioun un den internationalen Institutione bezillt Lëtzebuerg pro Kapp méi wéi déi aner Länner. De Statsminister huet souguer eng Kéier an enger däitscher Zeitung gesot, e wier frou, datt d'Lëtzeburger dat nach net gemierkt hätten, datt d'Lëtzeburger géife méi bezuele wéi déi aner Länner. An och hei soe mer, solle mer renégociéieren, fir eis op en Taux ze setzen...

(Interruption)

...op en Taux ze setzen, wéi dat bei all deenen anere Länner ass.

D'Relationen téschent dem Stat an de Kierche sollen iwwerduecht ginn. Dat kann net nëmme sinn um Niveau vum Stat, mä generell iwwert de Wee vun de Konventionen, wou mir net matgestëmmt hunn, wou mer awer soen, datt jiddweree muss säi Bäitrag leeschten.

D'Masse salariale, Här President, déi muss och laut eiser Meenung agefruer ginn. An duerfir hu mir gesot, misst een d'Masse salariale beim Stat afreieren, well dat awer 20% vun dem Statsbudget ausmécht. Déi normal Avancementer an den Index solle bezuelt ginn, mä et soll keng zousätzlech ausser der Rei Augmentatioun méi stattfannen. De Statsbudget ass defizitär. A wann an engem Privatbetrieb e Betrieb Defizit mécht, da wësse mer dat a mir liesen dat momentan all Dag an der Zeitung, da gëtt et Lounkierzungen, d'Leit ginn entlooss oder de Betrib gëtt zougemaach.

Mir kënnen dach net zu deem Zäitpunkt higoen an dann an der Fonction publique d'Gehälter erhéijen. D'Regierung huet elo e Projet de loi deponéiert, fir nach an dëser Legislaturperiod d'Gehälter ze erhéijen, virun de Wahlen stëmme, fir no de Wahlen ze ginn.

(Interruption)

Bon, a se gi gekierzt. Dat ass awer eng gelunge Kierzung, wann d'Regierung seet, well den Accord salarial ee Joer zrëckgesat wier ginn, hätt se 55 Milliounen dëst Joer gespuert am Budget. Dann ass dat awer eng gelunge Kierzung, wa se den Accord salarial ee Joer zrëcksetzt an da seet de Minister eis: „Doduerch hu mer 55 Millioune gespuert.“ Dorunner gesinn ech awer net, wou d'Kierzung soll sinn.

D'Kierzung ka jo net doranner bestoen, datt ee seet, wann d'zukunfteg Fonctionnairen...

► **M. le Président**.- Här Gibéryen, erlaabt Der, datt den Här Weber lech eng Fro stellt?

► **M. Gast Gibéryen** (*ADR*).- Här President, ech hunn haut nëmme 70 Minutten.

► **Plusieurs voix**.- Ooohhh!

► **M. le Président**.- Oh, Dir hutt der nach 18.

► **M. Gast Gibéryen** (*ADR*).- Schonn, mä ech si jo och nach net um Enn. Mä wann Dir mat mir esou tolerant herno sidd an Dir rechent mir déi Zäiten un, kënne se esou vill Froe stellen, wéi se wëllen, d'Kolleegeen.

► **M. Robert Weber** (*CSV*).- Ech wollt den Här Gibéryen a sech froen, ob en a sengem vi-regte Liewen, wat en an der Stolindustrie hat an ausganks de 70er Joren, net och mat op d'Strooss gaangen ass, fir de Kollektivvertrag vun der Sidérurgie, fir a senger Pai méi ze kréien? Dee Betrib war och defizitär.

► **M. Gast Gibéryen** (*ADR*).- Den Här Weber, ech weess net, ob hie sech kann aus sengem vi-regte Liewen erënneren.

(Hilarité)

Hie war jo Gewerkschaftspräsident. An ech ka mech erënneren, wéi ech an der Stolindustrie war, datt mer Lounkierzunge kritt hunn. An zwar 17%. Ech ka mech erënneren, datt Dausende Leit an d'DAC gesat goufen an a Beschäftigungsmoosnamen. Dat ass dat, wat ech mech kann erënneren, wéi et der Stolindustrie schlecht gaangen ass.

An dat ass mat dem Accord och vun de Gewerkschafte geschitt. Ech mengen, och vum

LCGB sinn déi Accordë getraff ginn. Dat kann ech mech erënneren, wéi d'Kris an der Stolindustrie war, datt do Lounkierzunge waren an datt d'Leit an d'DAC an an esou Saache gesat si ginn. Mä ech ka mech net erënneren, datt mer do Léin bäigesat kritt hunn. Du sinn d'Leit ofgebaut ginn an d'Léin sinn erofgesat ginn. Här Weber, dat...

Bon, Här President, mir sinn op jidde Fall der Meenung...

(Interruption)

Wann den Här Weber awer mengt, an der Fonction publique sollen d'Léin elo nach zousätzlech gehéicht ginn, da soll en dat soen. Wann ech mech awer ka gutt erënneren, huet seng Gewerkschaft, wéi en nach President war, elo nach viru Kuerzem gesot, datt si dergéint wieren, datt an der Fonction publique sollen d'Léin gehéicht ginn. Bon, Här Weber, dat ass Äre Problem. Domadder wëll ech mech net weider... Ech wëll lech hei keng Reprochë maachen, datt Dir fréier Gewerkschaftler waart an et haut net méi wësst. Dat ass Äre Problem. Ech muss mech hei mat menge Saachen, hei meng Argumentatioun virdroen.

(Interruption)

Op jidde Fall si mir der Meenung, datt een net an dëser Zäit kann an der Fonction publique zousätzlech en Accord salarial ausféieren an do d'Gehälter nach eropsetzen. An et kann och net esou sinn... Wann ech de Minister verstanen hunn, et ginn och Kierzungen - en Zwëscheruff, deen e gemaach huet -, datt ee seet, fir wann déi zukünfteg Fonctionnairen, well déi manner am Gehalt kréien, dat muss ee kompenséieren, andeem datt een deenen, déi elo do sinn, eppes bäigëtt.

(Hilarité)

Well esou schéngt den Accord mer do ze sinn. Well wa mer elo 55 Milliounen spueren, well mer den Accord ee Joer aussetzen, ass dat jo fir déi Leit, déi elo do sinn, da kréien déi jo näischt manner, déi kréie méi. Also, déi Zukünfteg solle manner kréien, méi niddreg Ufanksgehälter, awer déi, déi elo do sinn, déi krite laut dem Accord salarial, laut der Regierung, 55 Milliounen hu mer dëst Joer gespuert, well den Accord salarial ee Joer ausgesat gëtt.

An ech ka mer och net virstellen, datt d'Fonctionnairen, déi jo och d'Situatioun kennen, wéi se am Land ass, soen: „Jo, mir hätten elo nach onbedéngt gäre bäigesat. Kommt, mir gi Sue léinen, fir eis bäizesetzen! Eis Kanner, déi kënnen déi herno eng Kéier zrëckbezuelen.“ Well dat wier jo d'Realitéit, déi mer maachen, wa mer elo bäisetzen. Mir gi Sue léinen, fir elo bäizesetzen, an d'Kanner solle se zrëckbezuelen. Ech ka mer net virstellen, datt d'Fonctionnairen esou eng Mentalitéit hunn.

D'Infrastrukturprojeten, Här President, do musse mer onbedéngt mat Prioritéite fueren. An et ass kloer, datt mer net méi kënnen all Projeten esou realiséieren, wéi dat an der Vergaangenheet de Fall war. Den Tram ass haut schonn e puermol ugeschnidde ginn. Ech wollt am Fong haut net iwwert den Tram schwätzen, well...

(Brouhaha)

Jo, well eis Positioun ass kloer. Mir si géint den Tram.

► **Une voix**.- Glaskloer.

► **M. Gast Gibéryen** (*ADR*).- An ech hunn nach net virun allze laanger Zäit eng Kéier heibanne gesot, wéi ech esou an de Sall gekuckt hunn, datt ech gesot hunn: Wien ass iwverhaupt nach fir den Tram? An dunn hat ech gesot: „Wann ech esou op d'CSV-Bänke kucken no vir an no hannen, da gesinn ech am Fong kee méi an der CSV, deen nach fir den Tram ass.“

(Interruptions)

An ech hat gesot, bei de Sozialiste wier et fifty-fifty, bei der DP wëisst een et net esou richtig. Déi waren eng Zäitchen dergéint, elo si se erëm derfir. Dat hänkt dervun of, mat wem se an der Koalitioun sinn. An ech hat deemools gesot, et wieren nach just am Fong déi gréng, déi fir den Tram sinn. Mä ech sinn an der Zwëschenzäit awer och do scho méi skeptesch ginn.

(Hilarité)

Well wéi dem Här Spautz säin Artikel do an der Zeitung war, du sinn dann den Här Bettel an den Här Bausch virun d'Press getrueden a si hu gesot: „Wann de Stat näischt bäileet an d'Stad Lëtzebuerg muss e bezuelen, da gëtt keen Tram gebaut.“

(Hilarité)

► **Une voix**.- Aha!

► **Mme Viviane Loschetter** (*déi gréng*).- Den Här Bausch ass géint den Tram!

► **M. Gast Gibéryen** (*ADR*).- Also, wann ech vun deem Tram do esou iwverzeegt wier, wéi

Dir dat sot, dann hätt ech emol domadder ugefaangen, dann hätt ech gesot: „Deen Tram muss gebaut ginn.“ Dat hätt ech an Ärer Plaz gesot. Ech hätt gesot: „Deen Tram muss gebaut ginn.“ An ech hätt gesot: „De Stat muss bäileeen.“ Mä ech hätt net direkt gesot: „Da gëtt den Tram net gebaut.“ Dat ass awer elo wierklech net iwverzeegend, wann een direkt seet: „Ma da gëtt en net gebaut.“

Da kann een net dervun iwverzeegt sinn, well dann hätt ee sech aneschtens ausgedréckt, wéi Dir lech ausgedréckt hutt. Esou ass een, deen dat no bause seet, awer mengt och, e muss net onbedéngt gebaut ginn, well soss hätt een net esou séier a sech esou ausgedréckt. Dat war keen Iertum. Dat war näischt.

(Interruption et hilarité)

Här President...

► **M. le Président**.- Den Här Weber wëllt lech nach eng Kéier eng Fro stellen, Här Gibéryen. Här Weber, wann ech gelift.

► **M. Robert Weber** (*CSV*).- Här Gibéryen, ech fannen dat esou flott, mat lech ze schwätzen. Entschëllegt, dass ech...

► **M. Gast Gibéryen** (*ADR*).- Si mer awer elo beim Tram oder si mer nach ëmmer an der Sidérurgie, Här Weber?

► **M. Robert Weber** (*CSV*).- Neen, mir si beim Tram.

► **M. Gast Gibéryen** (*ADR*).- Ah, dat ass awer schéin. Elo si mer awer e Stéck virukomm.

► **M. Robert Weber** (*CSV*).- Well e fiert jo och iwwert d'Schinnen. Ech verstinn, dass Dir géint den Tram sidd, mä esou wéi ech mech richtig drun erënneren, sidd Dir jo awer, fir dass een e Lach duerch déi ganz Stad buddelt, fir e Metro ze kréien. Sidd Der net der Meenung, dass dat nach méi deier ass?

► **M. Gast Gibéryen** (*ADR*).- Ech sinn emol frou, datt den Här Weber versteet, datt mir géint den Tram sinn. Dat ass schonn eng positiv Ausso.

(Interruptions et hilarité)

An et sinn ëmmer méi Leit, déi dat verstinn. An duerfir ass dat schonn déi wesentlech Ausso, déi Der elo gemaach hutt. An dat confirméiert mer jo dat, wat ech gesot hunn, datt an der CSV kee méi fir den Tram ass.

Op där anerer Säit soe mir, fir de Verkéiersproblem net nëmme an der Stad, well dat ass de Problem net, de Verkéiersproblem sinn d'Pender, fir déi moies an d'Stad ze kréien, net nëmme aus dem Land, mä och aus der Groussregioun, datt de City-Tunnel wierklech déi Lösung ass. Mä mir soen awer och kloer, datt an dëser finanzieller Situatioun weder dat eent nach dat anert ze realiséieren ass.

► **Une voix**.- Ah jo.

► **M. Gast Gibéryen** (*ADR*).- Dat ass ganz kloer. Dat muss ee wëssen. Awer ëm Gottes Wëllen, kommt, mir investéieren net Geld elo an en Tram, dee keng Lösung ass! Dat wier déi gréisste Feelinvestitioun, déi d'Lëtzeburger Land géif jeemools maachen.

Mä ech wollt awer nach mam Här Spautz... Den Här Spautz huet sech hei de Moie quasi bal entschëllegt, datt en deen Artikel do geschriwwen huet am „Lëtzeburger Wort“. Wéini war et? Virun e puer Wochen. An en huet am Fong gesot, och hie wier fir den Tram, mä et wier awer berechtigt, an der neier finanzieller Situatioun vum Stat, fir sech do Froen iwwert d'Finanzéierung ze stellen.

Här Spautz, Dir hutt net nëmme Froen iwwert d'Finanzéierung gestallt. Dir hutt den Tram a Fro gestallt an Ärem Artikel. Ech muss dat kuerz hei eng Kéier virlesen: „Eine gewaltige Investition. Daher muss die Frage erlaubt sein, ob sie zu den generellen Zielsetzungen im öffentlichen Transport ausreichend beiträgt. Noch mehr als sonst muss gerade in diesen Zeiten alles einer objektiven Kosten-Nutzen-Rechnung unterworfen werden.“ An da sot Der eréischt herno: „Ma wa mer dann zur Konklusioun kommen, datt mer e baue missten, da sollt d'Stad Lëtzebuerg dat aus der Portokasse finanzéieren.“

Ech verstinn net, Här Spautz, wou Der recht hutt, datt Der déi Fro opwerft, datt Der lech elo quasi hie entschëllegt. Fir eng Kéier - fir eng Kéier! -, wou Der emol hei eng Wourecht geschriwwen hutt!

(Hilarité)

Ech hat een Abléck gemengt, et hätt jo kënne sinn, datt Dir den Artikel - dat kënnt jo vir - net geschriwwen gehat hätt.

(Hilarité générale)

Mä ech war awer iwverzeegt, Dir hätt en iwwerschríwwen. Mä wéi ech elo gelies hunn, datt Der de Moien hei eppes gesot hutt, wat awer am Artikel stoung... Ech duecht: Amstand,

hien huet en net geschriwwen! Ech weess et net.

(Hilarité)

Op jidde Fall, wann Der e geschriwwen hutt, Här Spautz, dann hutt Der eng Wourecht geschriwwen. Da stitt dach derzou! Et ass dach positiv, datt emol een an der CSV de Courage hat, fir den Tram a Fro ze stellen. A gitt dach elo net hin a maacht elo e Réckzéier, wéi wann Der dat net esou geschriwwen gehat hätt! Also, Dir hutt den Tram a Fro gestallt.

Här President, dat zum Tram. Wéi gesot, et kristalliséiert sech jo lues a lues eraus.

Da wëll ech awer nach soen: de Käschtépunkt. De Käschtépunkt, dat schwankt jo Honnerte Milliounen erop an Honnerte Milliounen erof. Déi eng soen, eng Milliard kascht en, déi aner soen, 400 Milliounen. Déi aner kommen net op 400 Milliounen.

► **M. François Bausch** (*déi gréng*).- Mir hunn net vu Milliard geschwat, Här Gibéryen. Dat waart Dir, deen dat gesot hutt. Dat waart Dir!

► **M. Gast Gibéryen** (*ADR*).- Jo, Här Bausch.

► **M. François Bausch** (*déi gréng*).- Dat waart Dir.

► **M. Gast Gibéryen** (*ADR*).- Mir kënnen de Bewäis ni erbréngen, datt en eng Milliard géif kaschten, well en ni gebaut gëtt. An dat ass och gutt esou.

(Hilarité)

Dat ass natierlech kloer. Mä wann e géif gebaut ginn, da géif et mat enger Milliard net duergoen.

Ech wëll lech emol drun erënneren, wéi dat mat deenen Devisë geet. Kommt, mir huelen emol d'Streck vum Zuch vun der Gare op de Findel op de Kierchbiereg. Do war sengerzäit den Devis gemaach ginn. Ech mengen, dat waren 0,5 Milliounen.

► **Une voix**.- Milliarden!

► **M. Gast Gibéryen** (*ADR*).- Milliarden! 0,5 Milliarden. A wéi et du méi eescht ginn ass, dunn ass emol e richtigen Devis gemaach ginn. An do si se erauskomm: 1,2 Milliarden. 1,2 Milliarden! Vu 500 Milliounen op 1,2 Milliarden. An dunn ass gesot ginn: „Ma da stelle mer elo emol dee Projet... Dat do ass awer elo emol ze deier.“ Elo hu mer deen emol zrëckgestallt. Deen hu mer zrëckgestallt.

Mir hunn allerdéngs schonn, esou gutt wéi mir hei zu Lëtzebuerg sinn, mir hunn awer schonn d'Gare um Findel gebaut. Et ass nach keen Zuch dran. Et weess och keen, wéini oder ob eng Kéier jeemools een drakénnt. Dat weess keen. Mir hunn als Lëtzeburger ëmmer de Geck mat de Belsch gemaach, Här President. Déi haten eng Kéier eng Bréck gebaut fir eng Autobunn a si haten awer keng Autobunn. Si hate just eng Bréck gebaut. Dunn hu mer ëmmer gesot: Hei, déi Belsch do, déi bauen eng Bréck a si hu keng Autobunn!

Ma Gott sei Dank hu mir eis Gare ënnert dem Buedem leien um Findel, datt kee se gesäit,...

(Hilarité)

...well soss géifen d'Belsch awer och haut iwver eis laachen. Mir hunn déi schéinste Gare um Findel ënnert dem Buedem an et fiert keen Zuch eran an et fiert keen Zuch eraus. An de Projet vun der Zuchstreck, deen hu mer elo emol auf Weiteres no hanne gesat.

(Brouhaha)

An esou geet et och mam Tram! Wann Der et do emol géift eng Kéier richtig maachen. An ech huele jo un, d'Stad Lëtzebuerg, déi awer wëllt onbedéngt...

(Interruption)

...mat engem Drëttel dru finanzéieren, datt déi, ier se dat Abenteuer da géif agoen, ech géif eng Kéier e richtige Präis ausrechnen loosse vum Tram, da wäerten deenen hir Aen och wéi Ginzescheken opgoen.

(Interruptions)

Här President, d'Reforme administrative... Ech gesinn, meng Zäit leeft mer fort.

(Brouhaha)

D'Reforme administrative, Här President, dat ass jo schonn zënter Jorzéngten en Dauerbrenner. An d'Hoffnunge vun dësem Land an der grousser Émgéigend, déi ware grouss, wéi no der leschter Regierungsbildung den Här Jean-Claude Juncker d'Reforme administrative zur Chefsaach gemaach huet. Du ware mer alleguer iwverzeegt, ech mengen, et huet keen



iergendwéi dorunner gezweifelt, datt spéitstens no sechs Méint, allerspéitstens no engem Joer déi Réforme administrative duerchgezu wier, wou virdru kee Minister vum Här Juncker senger Regierung à même war, fir déi Réforme administrative ze maachen.

Bon, den Här Juncker huet dat Ganzt ugepaakt mat senger intensiver... (veuillez lire: Intensitéit), déi nun emol seng eegen ass, an en huet et fäerdegbruecht, datt hie wierklech elo no véier Joer ka mat rouegem Gewësse soen, datt bis zum heitegen Datum genausou vill geschitt ass, wéi an deenen 20 Joer virdrun, nämlech glat a guer näischt!

De Generaldirekter vun der Handwierkerkummer huet den 11. Dezember am „Lëtzeburger Wort“ geschriwwen an engem Interview: „Der verwaltungstechnische Anfang und vereinfachte Prozeduren wären dringend notwendig. Wir haben Herrn Juncker ein komplettes Dossier überreicht, aber...“ - Schlussfolgerung - „...es ist nichts geschehen.“

Dir wäert mech fir kee Ligener halen, Här President, mir ginn elo lues a lues op d'Wahlen zou, an den Här Juncker, dee jo zäitweileg als bal vermësst erkläert ginn ass hei am Land, ech sinn iwwerzeegt, datt Juncker on Tour an deenen nächste Méint erëm wäert lassgoen. An dann, wäert Der gesinn, da kritt d'Land och erkläert, wéi déi Réforme administrative no 2014 wäert realiséiert ginn. Och do huet eis Regierung, och mam Här Juncker, näischt opzeweisen.

E weidere Punkt, dee misst realiséiert ginn, dat ass d'Ofséchierung vun eisen Handwerksbetreiber vis-à-vis vun der deloyaler Konkurrenz aus der Grenzregioun. Ëmmer méi Betriber kommen hei an eist Land eran a bezuelen hir Leit net laut de Kollektivvertrag an den aarbechtsrechtliche Konditiounen, wéi se hei am Land missten agehale ginn a wéi eis Betriber se och anhalen.

Dat gëtt eng deloyal Konkurrenz vun eise Betriber, déi bekannt ass, wou vun der Chambre des Métiers ëmmer an ëmmer erëm rappeliert gëtt, datt d'Regierung misst Kontrolle maachen, fir datt déi aner Betriber genau wéi eis Betriber hir Leit géifen d'selwecht bezuelen a laut deeneselwechten aarbechtsrechtliche Konditiounen bezuelen. Dat gëtt awer net gemaach, an domadder léisst d'Regierung och zou, datt et eng deloyal Konkurrenz vis-à-vis vun eise Betriber gëtt.

E weidere Punkt, wou mer als ADR proposéiert hunn, dat war d'Zesummeleung vun de Familienzoulagen an eng eenzeg, déi mer wëllen de Steieren ënnerwerfen, wou mer dann de soziale Kritär erakréien, wou een dann net méi, wann ee Kanner an eng Crèche gëtt, muss do kucken, datt d'Leit musse soen, wat se verdéngen, fir ze kucken, wat fir eng Tariffer datt se bezuelen, mä mer géifen e soziale Kritär iwwert d'Steieren aféieren.

An duerfir op där anerer Säit bräicht dann, hätt jiddwereen deeselwechten Tarif, wann en an eng Maison relais, eng Crèche oder eng Garderie geet oder soss eng familjepolitesch Déngschtleeschtung unhëlt. Mä och hei si virun de Wahle mat der Géisskan Chèque-services ausgedeelt ginn, an elo no de Wahle mussen d'Leit d'Konsequenzen dovunner bezuelen.

D'Beschäftigungsinitiativen, hu mer och gesot, géife mer an där Form, wéi se haut bestinn, ofschafen. Déi kaschte vill ze vill fir dat, wat se bréngen. Se bréngen nämlech guer net vill. Ech mengen, wa mer géifen d'Analys maachen do, de Käschten-Notzen-Prinzip, deenen den Här Spautz proposéiert huet, fir dee bei dem Tram ze maachen, wa mer géifen de Käschten-Notzen-Prinzip bei de Beschäftigungsinitiative maachen, wier en nach méi fatal.

Mir proposéieren, déi Beschäftigungsinitiative bei der ADEM unzesiedelen, datt d'ADEM soll déi Aarbecht maachen, datt se d'Leit a priori soll an den éischten Aarbechtsmaart bei d'Betriber drainéieren, datt de Stat déi Betriber soll finanziell ënnerstëtzen, déi déi Leit bei sech ophuelen, an datt déi Leit, déi schwéier placierbar sinn oder net, solle beim Stat, de Mengen oder bei den A.s.b.l.en ënnerbruecht ginn.

An da soll een - an dat ass eis 16. Proposition - déi staatlech Subventiounen, déi all Ministère... Ausserdeem, ech hat virun zwee Joer eng Question parlementaire un all Minister gestallt, wéinst deene Subsidien, déi verdeelt ginn. An dat war praktesch e Pak, et war bal e Buch, wat do vun Äntwerte komm ass. Och do sollt een eng Keier derduerchgoen, fir ze kucken.

Här President, dat sinn eng ganz Rei vu Propositionen, déi mir als ADR gemaach hunn, wou

mer soen, déi solle fir d'Éischt gemaach ginn, ier mer u Steiererhéijunge ginn an ier mer hi-ginn a mer maache Soziallofbau.

Mir soen, wa mer Schrëtt musse maachen, an do fanne mer vläicht e Konsens heibannen, da musse mer déi sozial Schwaach schützen. Ënner deene sozial Schwaache versti mer virun allem déi Leit, déi 20.000 Persounen hei am Land, déi ënnert der Aarmutsgrenz leien, déi 50.000 Leit, déi fir de soziale Mindestloun schaffe ginn. All déi Leit kënnen mer net duerch zousätzlech Moossname betreffen.

Ech hunn et scho gesot, datt d'Konsequenz vun der Regierungspolitik bedeit, datt de PIB d'nächst Joer tëschent 0,3 an 0,6% wäert manner zrëckgoen. D'CSV/LSAP-Regierung huet awer net dee richtege Wee gesicht, mä se huet deen einfache Wee gesicht. Si huet net, keng vun deene Moossnamen do huet se geholl, mä si huet einfach Soziallofbau a Steiererhéijunge gemaach.

Ech wëll net hei op dat Theaterstéck agoen, wat beim Dépôt vum Budget hei ofgelaf ass, wat menger Meinung no e gutt inszenéiert Theaterstéck war. Et ass falsch, wann do Leit soen, den Här Wolter, den Här Spautz, den Här Lux, déi wieren dem Här Frieden an de Réck gefall. Een, deen d'CSV kennt mat hirer jorhonnertelaanger Erfahrung, dee weess, datt déi net esou plomp ass. Wann déi esou eppes mécht, dann ass dat scho gutt inszenéiert. Da war dat ganz einfach gewollt, fir eben iwwert dee Wee e bësse besser...

(*Interruption*)

...no baussen, fir dorëmmer opzefalen, an duerfir, mengen ech, brauch een dorobber net wider anzegoen.

Mä, Här President, ech hunn lech gesot, datt d'CSV an d'LSAP net de richtege Wee, mä se huet deen einfachen an dee falsche Wee gewielt, wéi se einfach Steiererhéijunge gemaach huet. An et war den 28. Oktober dëst Joer, wéi zwee fréier - ech leeën d'Betounung op „fréier“ - Gewerkschaftler, den Här Spautz an den Här Lux, mat geschwollener Broscht virun d'Vollek getruede sinn...

(*Hilarité*)

...an deem nei Steiererhéijungen a Soziallofbau als eng grouss Leeschtung presentéiert hunn. Si waren onheemlech houfreg, datt si zwee als fréier Gewerkschaftler dat fäerdegbruecht hunn.

Den Dag virdru stoung am „Lëtzeburger Wort“ op der Wirtschaftssäit e groussen Artikel, en Interview mat eisem Wirtschaftsminister, mam Här Etienne Schneider, an ech liesen lech de Passage, deen hien deen Dag virdrun am „Lëtzeburger Wort“... Als sécher Raison vun der Koalitioun war dat esou fair, fir deen ofzedrécken den Dag virdrun. Den Här Schneider sot: „Ihn stört es nicht, dass der kürzlich vorgestellte Haushaltsentwurf noch einmal nachgebessert wird.“ Dat ass net grad ëmwerfend.

„Er hofft nur, dass die 200 Millionen Euro, die zusätzlich eingespart werden sollen, nicht an der falschen Stelle gestrichen werden. Wir dürfen keine Einschnitte bei Zukunftsinvestitionen oder der sozialen Kohäsion vornehmen. Es dürfe auch nicht nach der einfachsten Methode gegriffen und Steuern erhöht werden.“

Dat huet e Member vun der groussherzoglecher Regierung deen Dag, ier d'Regierung decidéiert huet, d'Steiererhéijung ze maachen, konnt een dat am „Lëtzeburger Wort“ liesen! Besser hätt een dat net kënnen nidder-schreiwene, déi falsch Politik, déi dës Regierung mécht.

Et ass och gëschter hei erofgespillt ginn, wéi wann dat am Fong näischt wier. Souwuel den Här Frieden, de Rapporteur, den Här Spautz... D'Leit spieren dat do alles guer net! An dat ass am Fong... Au contraire, seet de Minister jo! Dat ass am Fong formidabel vun dëser Regierung. Wie bréngt dat scho fäerdeg, de Leit Geld aus der Täsch ze zéien, ouni datt een et mierkt?!

(*Hilarité*)

Dat bréngt dës Regierung fäerdeg. Déi ass scho véier Joer amgaangen, op déi verschiddenst Manéieren de Leit Geld aus der Täsch ze zéien. Si kréie Steieren ewechgeholl, se kréien d'Kannergeld gekierzt, se kréien den Index manipuliert, se kréien de Rentenajustement net, se kréien d'Mammerent gekierzt, d'Taxë ginn an d'Luucht, si musse méi un Accisë bezuelen, a kee mierkt eppes am Land! Kee mierkt eppes am Land! Also, da verstinn ech dës Regierung, datt déi wëllt esou widerfueren, wa keen eppes mierkt.

Ech kann lech op jidde Fall soen, d'Leit hunn et scho gemierkt am Land. D'Leit hunn et scho gemierkt am Land, wat se vun dëser Regierung alles ewechgeholl kritt hunn, a se wäerten et nom 1. Januar nach besser mierken, wat se vun

dëser Regierung ewechgeholl kritt hunn. Et ass am Fong lamentabel, wann hei Majoritéitspolitiker kommen a soen: Dat do mierkt keen, wat mir maachen.

Et sinn 900 Milliounen, déi agespuert ginn - et mierkt keen dat hei am Land! Dat mierkt keen am Land! Formidabel, wat mir an engem Land liewen, wou een de Leit kann 900 Milliounen ewechhuelen an et mierkt keen et am Land! Dat ass eng Behauptung, déi Dir hei maacht.

An da soe mer, vun enger Upassung, Här President, enger Steuerupassung gëtt iwwerhaapt net geschwat. Ech hunn déi nach mat kengem Wuert héieren. Dat ass d'Netupassung vun der Steiertabell un d'Inflatioun.

D'Netupassung vun der Steiertabell un d'Inflatioun, dat ass fir de Stat e Plus vun Honnert Milliounen Euro Steieren d'Joer. Honnert Milliounen d'Joer! Cumulativ! 2010 hu mer domadder ugefaang. 2010 100 Milliounen, 2011 200 Milliounen, 2012 300 Milliounen an 2013 400 Milliounen, an da kéint nach 2014 derbäi, 500 Milliounen. Dat mécht zesummen 1,5 Milliarden Steiererhéijung an dëser Legislaturperiod, eleng duerch d'Tatsaach vun der Netupassung vun der Steiertabell un d'Inflatioun.

A kee Mënsch mierkt dat am Land. Dat ass formidabel. Dat ass déi gréisste Steiererhéijung, déi an dëser Legislaturperiod gemaach ginn ass, a kee Mënsch schwätzt doriwwer!

En anere Punkt, deen domadder zesummenhänkt: D'Kollege vum OGB-L - där hu mer der jo och heibannen, zwar net méi esou vill -, déi hu viru Kuerzem gesot, datt en Artikel 125 besteet, deen d'Regierung obligéiert, wann de Konsumindex ëm 3,5% an d'Luucht geet, da muss d'Regierung en deementspriedende Gesetzesprojet virleeën, fir d'Steiertabell deementspriedend ze korrigéieren.

Den Här Rapporteur huet gëschter vum Steiergesetz hei gesot, et wier eng Obligatioun fir e Projet de loi, mä dat wier awer keng Obligatioun, datt et misst gestëmmt ginn. Dat ass och e gutt Argument. Mä dat ass awer bei all Gesetz, wat d'Regierung virleet! Oder sinn all déi aner Gesetzer, déi d'Regierung hei virleet, ass dat eng Obligatioun, datt déi mussen hei vun der Chamber gestëmmt ginn? Neen!

D'Regierung... et ass natierlech fir d'Kopfnicker-Majoritéiten eng Obligatioun, mä am Sënn vun der Verfassung, vun eiser Verfassung ass et keng Obligatioun. Eng Regierung mécht e Projet de loi, an d'Chamber stëmmt en oder se stëmmt en net, an dat do ass näischt anescht. Mä d'Regierung ass obligéiert, e Projet de loi virzeleeën; ob d'Chamber e stëmmt, dat ass eng aner Fro. Dat ass mat all Gesetz esou.

Mä wéi ass et dann elo gaangen? Elo gëtt mam Steiergesetz den Artikel 125 einfach gestrach! Dat ass d'Lëtzeburger Method. Well soubal mer feststellen, datt do e Gesetzesartikel violéiert ginn ass, a fir en net mussen elo unzehuelen, gëtt elo einfach den Artikel gestrach!

D'Gemengen, Här President. Wéi de besote Budgetsprojet virgestallt ginn ass, war och gesot ginn, d'Gemenge missten och hiren Obolus zu der Sanéierung vun de Statsfinanze bäibréngen. An do ass den zoustänneg Minister an d'Finanzkommissioun komm. President vun der Finanzkommissioun ass den Här Wolter.

Den Här Wolter, dat ass deen Deputéierten, Här President, vun der CSV, deen nom Dépôt vum Budget esou fuerchtbar erschreckt war. Dee sech net méi zoukomm ass, datt eng Regierung esou e schreckleche Budget géif virleeën, an dee gesot huet: Dat do kann net sinn, an dee Budget, dee muss redresséiert ginn! Et ass onverantwortlech, fir mat esou engem Defizit e Budget ze deponéieren a fir deen dann och ze stëmmen.

An den Här Minister Halsdorf huet dann dunn d'Propositionen op den Dësch geluecht, wou d'Gemengen dann an Zukunft net méi esou vill Subsid kréien, wéi se an der Vergaangenheet kruten. Richtig ass, datt den Här Minister net konnt op déi meescht Froen äntweren, déi e gestallt kritt huet, wéi et géif fonctionnéieren, wat fir eng Subsidien drënnerfale, ob dat fir d'Zukunft da wier, ob et réckwierkend wier an esou weider an esou virun. Dat stëmmt. De Minister huet ëmmer gesot: Da muss ech d'Regierung froen, well déi hätten em dat nach net esou richtig erkläert.

(*Hilarité*)

Mä et ass awer duergaangen, datt verschidde Leit, déi an der Kommissioun waren, gesinn hunn, déi meescht hu jo zwee Hitt op heibannen, déi meescht sinn och nach Buergermeeschter, an dovunner sëtzen och nach déi meescht an der Finanzkommissioun, a wéi déi dunn déi Tabell do gekuckt hunn, do ware verschidde Buergermeeschter an der Finanzkommissioun, do stoung dann dee Subsid, dee se an Zukunft kréien, do stoung null hannendrun. A beim President vun der Kommissioun, dat

ass, mengen ech, de Buergermeeschter vun Nidderkäerjeng, ech mengen, do stoung nëmme méi 30 oder 35% hannendrun.

Op jidde Fall, et war eng Diskussioun du vun e puer Minutten. An dunn huet de Minister gesot kritt, e soll säin Dossier huelen an e soll erëm mat deem an d'Regierung zrëcktrëppelen. An duerno ass gesot ginn, am Kader vun deenen neie Spuermoossnamen, wou de Projet dunn ëmgeännert ginn ass hei, vum Här Spautz a vum Här Lux, do ass déi Part, déi d'Gemenge sollten zur Sanéierung vun de Statsfinanze bäibréngen, déi wier emol no hanne geréckelt ginn. Sou séier geet et, wann een zwee Hitt op huet an enger Kommissioun!

An ech mengen, den Här Juncker hat där Deeg elo hei en Zwëscheruff gemaach, sot en „soubal wann et ëm d'Buergermeeschter heibanne geet, dann ass net méi vill ze diskutéieren“. Dat konnt een do materliewen. Do war jiddweree bal emol net méi Deputéierten, do war jiddweree Buergermeeschter bal emol an huet gekuckt, wat en nach krit. An du war déi Iddi, fir datt d'Gemenge sollten hiren Obolus bréngen, déi ass elo, wéi d'Zuchstreck vun der Gare op de Findel, déi ass elo emol ad acta geluecht ginn.

Här President, den öffentlechen Transport, do gëtt dann elo d'Kilometerpauschal, déi éischt véier Kilometer gi gestrach, Steierabattementer vun 396 Euro d'Joer, mécht fir de Stat 35 Milliounen d'Joer aus. Ech ginn dem Kolleeg François Bausch recht. Hie seet, et kann een doriwwer diskutéieren, wann ee gläichzäiteg dann den öffentlechen Transport méi deier mécht.

Et muss een alt ëmmer wëssen, et gëtt vill Leit, déi musse schaffe fueren zu onregelméisegen Zäiten, do gëtt et nach keen öffentlechen Transport. Et wäert also ëmmer Leit sinn, déi och nach niewent dem öffentlechen Transport musse mat hirem Auto schaffe fueren. Et kann een also duerfir net soen, mer kënnen op déi Kilometerpauschal verzichten, well et gëtt nach ëmmer Leit, déi mussen den Auto huelen. Mä et kéint een awer déi Diskussioun féieren.

Mä wat ass awer d'Konsequenz? D'Regierung wëllt elo parallell dozou d'Tariffer vun öffentlechen Transport héijen, an dat ass de Combél. Dat ass de Combél! Ech ka mech erënneren, datt d'Sozialisten, wéi se an der Opposition waren a wéi se wollten an d'Regierung kommen, datt si fir den Nulltarif waren am öffentlechen Transport, fir an d'Regierung ze kommen, a wéi se bis an der Regierung waren, du sinn d'Tariffer vun deem Dag un net op null erogaangen, mä se si vun deem Dag un ëmmer nëmmen eropgaangen a se ginn elo wider erop. Dat ass vorher an nachher. Dat sinn eis sozialistesche Kollegen.

Här President, zum Schluss, virun e puer Méint huet den Här Statsminister en Opruff gemaach un d'Leit, u jiddwereen dobaussen, un d'Parteien, un d'Leit, un d'Entreprises, d'Berufschamberen, d'Salariats- an d'Patronatsorganisationen, si sollte Propositione maachen, wéi mer d'Statsfinanzen erëm an den Équilibre kéinte bréngen. Dat war eng Kapitulation vun enger Regierung! Vun enger Regierung, déi esou ugetratt ass wéi déi heiten, déi dann emol zu de Leit seet: Macht Dir eis emol Propositionen, wéi mer d'Statsfinanzen an d'Rei kéinte kréien!

An d'Leit hu Propositione gemaach. D'Gewerkschaften hu Propositione gemaach, d'Chambres professionnelles hu Propositione gemaach, d'Chambre de Commerce, d'Chambre des Métiers. Masseweis si Propositione gemaach ginn, wéi ee kéint d'Statsfinanzen an den Équilibre bréngen.

A vun all deene Propositionen, wou d'Leit opgefuerdert si gi vum Statsminister, se sollen der maachen, ass net eng eenzeg berücksichtig ginn! Net eng eenzeg! Et ass einfach den einfache Wee Steiererhéijung, Soziallofbau decidéiert ginn a wider geet et mam Schëff. A firwat ass dat geschitt? Ma well dës Regierung net méi handlungsfäeg ass. Si blockéiere sech géigesäiteg.

D'Sozialiste gi vum „Tageblatt“ an dem OGB-L dirigéiert a blockéiert,...

(*Hilarité*)

...an d'CSV, déi huet fir all Meinung een, dee se erausschéckt. A vu datt mer vill Leit a vill Meinungen am Land hunn, huet d'CSV der och vill mat ville Meinungen, déi se hei an d'Land erausschéckt.

(*Interruption*)

Si hunn nach just eng Gemeinsamkeet an dëser Regierung, dat ass,...

► **Une voix.** - Den Här Henckes...

► **M. Gast Gibéryen** (ADR).- ...déi nächst Wahlen ze erreichen.

Et muss ee sech och d'Fro stellen: Firwat ass d'Akzeptanz bei de Leit, bei de Gewerkschaften



- zwou Säiten -, firwat ass déi esou kritesch vis-à-vis vun deene Spuermoossnamen? Mä wann ee virun de Wahlen d'Leit belitt an et seet een, et geet eis gutt, et mécht ee Wahlkadoo virun de Wahlen an et seet een, mir hu Reserven, mir hunn en Apel fir den Duuscht, an et kënnt een dann op eemol no de Wahlen an et seet een, datt d'Déppen „net méi voll“ ass - hat den Här Spautz gesot, ech soen: d'Déppen ass „eidel“! -, da brauch ee sech net ze wonneren, datt d'Leit en Zweifel dorunner hunn an dat net wëllen akzeptéieren, wann een dat virun de Wahle mécht!

Ech wëll duerfir mat engem Zitat vum Statsminister ophale vum 5. Mee 2010. Den Här Junker huet hei an der Chamber gesot: „Et gëtt der - méi wéi een - hei am Land, déi hunn eigentlech kee richtege Problem domat, dass d'Statsschold sech all Joer zolidd no uewe beweegt. D'Regierung huet awer e Problem domat. Aus deem ganz einfache Grond, well eng Statsschold, déi all Joer méi grouss gëtt, d'Laaschten, déi haut organiséiert ginn zu Reparaturwecker, un déi nächst Generatioun weiderrecht. Net déi, déi haut décidéieren, bezuelen d'Scholden zréck. D'Scholde ginn zréckbezuelt vun deenen, déi ënnert den Décisiounen vun haut leiden.

Mir hunn awer kee Recht, fir de jonke Leit vun haut de Frigo vu muer eidel ze maachen. D'Verschëldung ass ee séisst Gëft, dat haut kengem weideet. Mä et ass ee Gëft, wat e batteren Nogeschmaach huet fir déi, déi no eis kommen. A well dat esou ass a well d'Politik muss intergénérationnel denken, well d'Politik vun haut net nëmmen un d'Mënsche vun haut muss denken, mä och d'Liewenschancé vun de Leit vu muer am Bléck muss hunn, huet d'Regierung sech derzou decidéiert, de Cours vun de Saachen ze änneren. Net radikal. Mä enegesch genuch, fir dass déi, déi no eis kommen, net vun de Konsequenze vun de Feeler erdréckt ginn, déi mir haut aus Liichtfankegkeet an aus générationnellem Egoismus géife maachen.“

Dat huet den Här Statsminister am Mee 2010 gemaach. Wéi recht hat en am Joer 2010, wéi en dat gesot huet! Mä d'Realitéit, seng Politik, seng Budgete vum Joer 2010, 2011, 2012 an elo 2013, déi si just de Contraire vun deem, wat e mat Recht de 5. Mee 2010 hei gesot huet. Déi Politik, déi d'CSV/LSAP-Regierung mécht, déi gëtt exklusiv um Bockel vun de kommende Generatiounen realiséiert, an dat ass net seriö, dat ass net ze verantweren, an duerfir wäerte mir dese Budget och net matstëmmen!

► **M. Fernand Kartheiser (ADR).** - Très bien!

► **M. le Président.** - Als nächste Riedner ass den Här Serge Urbany agedroen. Här Urbany, Dir hutt d'Wuert.

► **M. Serge Urbany (déi Lénk).** - Här President, den Här Lux huet geschter hei gesot, dass mer ouni déi héich Sozialtransferten am Budget en Aarmutstaux vu 45% hätten. Net vu 15%, wéi elo. Dat seet sécher eppes iwwert de Budget aus. Och doriwwer, dass en trotz jorelaanger Austeritéitspolitik nach ëmmer eng gewëssen Transfersituatioun, Emverdeelungssituatioun huet. Mä virun allem heescht dee Chiffer awer, dass d'Léin an d'Revenuë fir vill Leit am Land net méi duerginn, fir domat ze liewen, obschonn de Räichtum jo awer an darselwechter Zäit gewuess ass.

Dat ass den eigentlechen Hannergrond fir déi Politik fir déi kleng Leit, vun där den Här Bodry och geschwat huet, firwat esou eng Politik noutwendeg ass. Well et einfach guer net méi anescht geet. Well eben esou vill Leit zu Lëtzebuerg net genuch verdéngen, trotz iwwerhéichten Aarbechtszäiten an deelweis schlechten Aarbechtsbedéngungen.

Dofir kënnen awer net déi Leit mat e bësse méi héije Paien, déi hei awer haaptsächlech iwwert de Budget erugezu ginn, fir de Stat an och fir de Sozialstat ze finanzéieren. Dofir kënnen awer d'Membere vun der FEDIL oder vun der Chambre de Commerce oder vun der Chambre des Métiers. Déi ginn awer hei net erugezunn oder ganz weénege erugezunn.

Fir ee Beispill ze ginn: Si müssen elo eng Steuer, eng Mindeststeuer bezuelen op de Betriber vu 50 Milliounen, kréien awer op där anerer Säit 50 Milliounen eran an hir Patronatsmutuelle fréizäiteg fir d'Joer 2013. A wann den Index, d'Kollektivvertrëg, d'Léin an der Fonctioun publique, d'Aarbechtsrecht a souguer de Mindestloun ëmmer méi ënner Beschoss vun deene selwechte Leit geroden, d'ABBL an d'FEDIL, dann heescht dat, dass an Zukunft och nach deen Aarmutstaux do net wäert erofgoen, mä éischter an d'Luucht goen, dass wäert d'Aarmut, déi an der Wirtschaft entsteet, „working poor“, dass déi Aarmut an Zukunft nach wäert an d'Luucht goen.

Och déi Mindestlounerhéijung zum Beispill, déi mer d'nächst Woch stëmme wäerten, ass eigentlech schonn en Transfert social, well

d'Betriber jo déi Suen erëmkreien iwwer hir Patronatsmutuelle. Suen also erëmkreien, déi eigentlech Paien duerstellen. Paie vun deene Leit, déi am mannste verdéngen. Wou mer wëssen, dass de Mindestloun a ville Fäll ënnert der Aarmutsgrenz läit an déi Erhéijung vum Mindestloun och dowéinst schonn eng absolut Noutwendegkeet ass.

Wann d'Steieren awer gläichzäiteg net sollen an Zukunft erhéicht ginn, well déi Steieren, gradesou wéi och déi niddreg Lounkäschten, ee vun de Standuertvirdeeler solle bleiwen - wéi geschter den Här Frieden hei kloer an dättelech awer gesot huet an domadder deelweis dem Här Lux widdersprach huet -, wann dat esou an Zukunft soll sinn, dass d'Steierlaascht insgesamt um Räichtum net soll erhéicht ginn an Zukunft, da kënnen och an Zukunft déi Sozialtransferte forcément net méi ugepasst ginn oder op d'mannst net méi ugepasst ginn an där Héicht, wéi et noutwendeg wier.

An dat ass en zwangseefegt Ergebnis vun där Politik. Do kann den Här Lux vu sozialer Gerechtegkeet schwätzen esou vill wéi e wëllt a vun engem staarke Stat, wéi en dat a sengem Bericht gemaach huet, deen Trend wäert sech dann nach duerchsetzen.

Ech mengen, dass déi wichtegst Tendenzen, déi déi wirtschaftlech a sozial Realitéit an och déi aktuell Budgetdiskussioun am leschte Jorzéngt bestëmmen, dass déi eng kloer Sprooch schwätzen. A si ginn awer net aus den offiziellen Berichter eraus, si ginn aus de Berichter vun der Salariatskummer ervir.

Éischstens, d'Realléin stagnéieren zënter zéng Joer, während awer d'Profitabilitéit vun de Betriber zougeholl huet. Zu Lëtzebuerg ass de Coût vun der Aarbecht mat deen niddregsten an Europa an dee vun de Benefisser mat deen héchsten. Et gëtt also generell zu Lëtzebuerg keng Kompetitivitéitskris. Et gëtt awer e permanenten Drock vu räiche Wirtschaftslobbyen op d'Léin, op d'Sozialtransferten an op d'Steieren.

Zweetens gëtt et dofir och eng Kris vun de Statseinnahmen. D'Statseinnahme ginn tendenziell am Verglach zum PIB zréck zënter 2001, zwar lues, awer tendenziell zréck - 2001, dat war d'Joer vun der grousser Steuerreform -, an dat virun allem, well d'Betriber ëmmer manner Steiere bezuelen.

Während am Joer 2002, déi Zuele sinn och schonn deelweis hei genannt ginn, den Undeel vun de Gesellschaften un den Direktsteieren deem vun de Stéit nach ongeféier gläichkomm ass, ass am Joer 2011 dat Verhältnis 35% fir d'Betriber a 65% fir d'Stéit. D'Stéit, déi, dat muss een awer och derbäisoen, och nach zousätzlech TVA muss bezuelen! Och wann déi TVA vläicht net erhéicht ginn ass, awer wahrscheinlech an Zukunft wäert erhéicht ginn.

Déi Steuerlaascht vun de Betriber huet och dowéinst ofgeholl, well an de Gemengen, opgrond vun darselwechter Politik, déi gefuerdert gëtt och vun de Gemengen, d'Tauxe vun der Gewerbesteier jorelaang net erhéicht gi sinn, mä souguer erofgesat gi sinn an haut esou niddreg sinn.

Wa mer zum Beispill an der Stad Lëtzebuerg, wou jo vill Banken ugesiedelt sinn, anstänneg Tauxen hätten op der Héicht vun deenen, wéi se haut an deene meeschte Südgemenge bestinn, da wier de Finanzproblem am Gemengesector zu Lëtzebuerg geléist.

An ech stelle fest, dass opgrond vun där Publikatioun vun deenen Zuelen am „Lëtzeburger Wort“ d'Gemegepolitik, der heibannen, sech virun allem d'Mailer zerräissen iwwert déi Ennerscheeder an de Steieren, déi se vum Stat weidergeleet kréien, während den eigentlechen Problem jo deen ass, dass d'Betriber, do wou se ugesiedelt sinn, net méi engem anstännegen Taux vun der Gewerbesteier ënnerworfen sinn.

Den Trend ass also: kleng respektiv stagnéierend Léin an der Wirtschaft, dofir Besoinen no sozialen Transferten, déi ëmmer méi vun de Salariéer selwer bezuelt ginn, während d'Benefisser, d'Revenuë vum Kapital, d'Dividenden an d'Zëse quasi steuerfräi sinn an och déi héich Salairé proportional manner besteiert ginn, well d'Progressivitéit vun der Lounsteuer vill ze fréi ophält an duerno eng flaach Steuer kënnt.

A wann et och esou ass, dass e klengen Deel vun de Leit e groussen Deel vun de Steiere bezuelen, beweist dat just nëmmen, dass et nach eng gewësse Progressivitéit bei de Steiere gëtt, an et beweist virun allem, dass mat enger anerer Steuerpolitik een an Zukunft vill Sue ka fir de Stat eranhuelen. An dofir geet et och drëm, fir eng Reform, eng wierklech Reform vun der Steuerlandschaft ze maachen, wéi ënner anerem d'Chambre des Salariés dat fuerdert.

Wann ech den Här Gibéryen hei héiere schwätzen, da fannen ech awer zum Beispill ni dat eraus. Wann awer soll net bei deene klenge Leit geholl ginn, dann ass et noutwendeg, eng ge-

recht Steuer anzeféieren, wou de wierkleche Räichtum besteiert gëtt.

Ech gesinn, dass meng Zäit, obschonn, ah neen, si ass nach net, et ass...

(Hilarité)

► **M. le Président.** - Dir sidd net dru gewinnt, Här Urbany, datt Der esou vill Zäit hutt.

(Interruptions diverses)

► **Une voix.** - Hetzt net esou!

► **Une seconde voix.** - Dir kënnt awer och schonn ophalen.

► **M. Félix Braz (déi gréng).** - Et ass net esou einfach, laang ze schwätzen.

► **M. Serge Urbany (déi Lénk).** - Dat ass jo e richtege Luxusproblem, wou ech elo hei hunn!

Bon, da wëll ech och nach op deen Aspekt vum europäesche Kader agoen, dee jo vill hei mat eiser Budgetpolitik ze dinn huet, an ech wëll soen dobäi, mir sinn heiansdo och nach méi helleg wéi de Poopst an eiser Budgetpolitik, andeems mer Budgetsbegrenzungen an nei Budgetskaderen a -mechanismen och an Zukunft wëllen aféieren, déi nach vill méi wäit gi wéi dat, wat de Moment am europäesche Kader virgesinn ass.

An Europa ass et esou, dass d'State gedrängt ginn, fir eng regressiv sozial Ausgabepolitik ze maachen. Firwat? Fir dass déi grouss Investisseuren, déi jo awer d'Finanzkris vun 2008 verursaacht hunn, ouni allze grouss Verloschter doraus erëm erauskomme sollen, op d'Käschte vun all deenen, der iwwergrousser Majoritéit awer vun de Leit, déi d'Kris net verursaacht hunn, déi brav schaffe gaange sinn, wa se iwwerhaapt d'Méiglechkeet dozou haten.

Bei der aktueller Scholdekris geet et also virun allem drëm, iwwer allerhand Budgetsautomatismen ze verhënnern, dass e Stat zu engem aktive Faktor an der Emverdeelungspolitik ka ginn, awer och zu engem aktive Faktor an der Wirtschaftspolitik ka ginn. Et soll domat verhënnert ginn, dass e Stat iwwerméissege Reserven uleet oder iwwerméissege Scholde mécht, woubäi dat Wuert „iwwerméissege“ awer eng ganz restriktiv Bedeitung huet. A Wierklechkeet heescht et, quasi guer keng Scholde mécht a guer keng Reserven uleet.

Den Här Frieden huet et, mengen ech, zimlech dättelech geschter gesot. Hien huet gesot, et geet beim Budget net ëm d'Spuere wéi bei engem Privatmann, deen Iwwerschëss op d'Säit leet. Et geet drëm, net méi auszeginn, wéi mer erakreien. D'Salariatskummer huet dat ausge-dréckt folgendermoossen: «S'il se trouve confronté à des excédents, le bon père de famille...», an dësem Fall de Stat, «...n'épargnera pas, il devra gagner moins.» Ech mengen, dat ass de wesentlechen Aspekt vun där Spuerpolitik, déi mer de Moment hunn. D'State sollen dru gehënnert ginn, wierklech eng aktiv Politik ze maachen.

Datselwecht fanne mer awer net am Privatsecteur erëm. Bei Manager oder Traderen oder Aktionären, do muss et nach Freed maachen, schaffen ze goen, wéi den Här Frieden och a senger Ried gesot huet. Do muss et och nach Freed maachen, ze investéieren, ouni müssen allze vill Steieren ze bezuelen. Et geet also hei net ëm d'Begrenzung vun de private Budgeten, vum private Räichtum, vun de private Recetten oder Dépensen, et geet hei eenzeg an eleng ëm eng Begrenzung vun den öffentleche Finanzen. An ech mengen, méi dättelech kann een net beschreiwen, wat Neoliberalismus ass!

Dobäi sinn déi öffentlech Ausgaben zu Lëtzebuerg mat 42% vum PIB mat déi niddregst an Europa. D'Ausgabe fir d'Personal vum öffentleche Secteur sinn zënter 15 Joer zréckgaange par rapport zu de Gesamtausgabe vum Stat wéi och par rapport zum PIB. Mir hunn deen drëtt-kleengsten Defizit an Europa an déi drëttkleengste Schold an Europa.

Der Debatt iwwert d'Schold, déi jo hei haut esou determinant ass, gëtt dofir eng iwwer-driwwer Bedeitung bäigemooss, mengt zum Beispill d'Statsbeamtekummer, déi op den eigentlechen Défi vun der öffentlecher Politik an Zukunft hiweist, der Intervention vum Stat an der Economie. Ech wëll dat Zitat bréngen, well et esou flott ass: «Et quand tous ceux qui ont appelé le Trésor à la rescousse dans la tourmente prècheront demain à nouveau, comme ils l'avaient fait auparavant pendant des années, que l'État est un actionnaire inefficace et superflu, il ne faudra surtout pas les écouter et en aucun cas leur confier notre sort national.»

Hei si mer voll an der Debatt, déi mer e puer-mol schonn hei gefouert hunn, déi mer fir d'Lescht gefouert hunn, an och d'nächst Woch nach eng Kéier féiere wäerten, iwwert d'Cargolux, wouzou d'Statsbeamtekummer seet: «Le secteur public ne pourra pas s'abstenir d'accompagner les augmentations de capital re-

quises voire d'augmenter sa part dans le tour de table, sous peine de se voir dilué dans le capital et de perdre son droit de regard sur des infrastructures d'un intérêt vital pour le pays.»

Ech wëll dofir emol eng Kéier en Argument ëmdreien, wat dacks gebraucht gëtt. Grad an engem Land, wou internationalt Kapital esou präsent ass, grad ugesiichts vun där wuessender Internationaliséierung vun de Wirtschaftsstréim wier eng staatlech Wirtschaftspolitik noutwendeg, déi Finanzmëttele bündele kann an am Interess vum der Bevëlkerung, vun der Schafung vun neuen Aarbechtsplazen, och fir manner qualifizéiert Leit, asetze kann.

Virussetzung ass just déi demokratesch Souveränitéit doriwwer. Virussetzung ass och d'parlamentaresch Kontroll doriwwer. Virussetzung ass den Ausbau vun der Matbestëmmung an de Betriber. Virussetzung ass och, dass deen neoliberalen Dogma, déi Pensée unique, déi nach ëmmer vill ze vill präsent an allen Diskussiounen ass an déi och hei déi heiten Debatt determinéiert, dass deen neoliberalen Dogma, wou et just drëm geet, fir de räiche Leit hir Suen ze schützen a se dofir bei deenen aneren ze huelen, dass dee gebrach gëtt.

Et ass erstaunlech, wann een all déi Avisé liest, déi hei gemaach gi si vun alle méiglechen Instanzen, et ass erstaunlech, dass just d'Avisé vun de Beruffskummere vun deene Leit, déi awer eleng duerch hir Aarbecht de ganze Räichtum hei am Land schafen, dat heescht d'Beruffskummere vum Salarat a vun de Beamten, et ass erstaunlech, dass et grad déi Instanze sinn, déi déi Problemer do opwerfen an déi och konkret Léisungen an hiren Avisé virbréngen. Ech froe mech, firwat déi net méi beuecht ginn, firwat se net méi beuecht gi vun de Parteien heibannen, och vun den Oppositionsparteien.

Firwat kréien, au contraire, hei an an Europa déi eng iwwerméissege Bedeitung, déi de ganzen Dag domat virbréngen, hir Suen ze placéieren, Dividenden ze encaisséieren, Coupoune ze schneiden, wéi et an der Zäit geheescht huet, wéi déi Wäerter nach (veuillez lire: nach net) dematerialiséiert waren? Firwat ass dat esou?

Och de Finanzminister, muss ech soen, ass en typesche Vertrieeder vun deene Kreesser. Dat ass eng objektiv Feststellung, en huet et selwer gesot geschter hei, dass e seng ganz berufflech Carrière do an der Verteidigung vun den Interesse vun deene Kreesser verbruecht huet.

Hien huet iwwregens och schonn an der Finanzkommissioun weider Austeritéitspäck ugekënnegt. Do kann den Här Lux säi Bericht iwwertitele wéi e wëllt - mat Courage a mat sozialer Gerechtegkeet a mat Konfienz an d'Aktivitéit vun der Regierung -, d'Politik geet weider. Déi Logik, déi heidran ass schonn, déi gëtt weidergedriwwen, déi gëtt och an Zukunft weidergedriwwen!

Den Här Frieden huet an der Kommissioun selwer, vun där hei scho bericht ginn ass, weider strukturell Moossnamen ugekënnegt. No der Pensiounsreform, déi jo a Wierklechkeet eng Konterreform ass, soll et un de Chômage an un d'famillenzoulage goen. Dofir, mengen ech, sti mer haut virun der Noutwendegkeet vun engem Politikwiessel. E Politikwiessel, bei deem d'Interesse vum Salarat, déi Eenzeg, déi am Land Wäerter schafen - dat dierf een ni vergiessen! -, erëm méi berücksichtegt mussen ginn.

Dee Budget hei ass vun alle Gewerkschaften als en Austeritéitsbudget bezechent ginn. Elo kënnt Dir hei soen, dat wier net esou. Mä déi Bezeichnung ass geschitt opgrond vu konkreten Analysé vun deem, wat drasteet. An en ass als e solche bezechent ginn, well en den Haapteffort op d'finanziell Bedeelegung vun deene leet, déi haut schonn d'Haaptlaascht droen.

E setzt och falsch Akzenter, zum Beispill beim Transport oder bei de Chèques-services, wou nach virun e puer Joer vun Nulltarif geschwat ginn ass, beim Transport, bei de Crèchen, bei de Maison-relais an esou weider a wou haut d'Präisser vun deene Servicer sollen an d'Luucht gesat ginn.

Dee Budget hei féiert och zu enger Restriktioun vum Konsum an zu engem Réckgang vum Wirtschaftswuesstum, wéi de Statec selwer ausgerechent huet. Den Här Lux deelt déi Asiicht vum Statec zwar net. Hie freet sech, au contraire, et soll een emol kucken, wat d'Käschte si vun engem Budgetdefizit, wat d'Auswierkungen op den AAA-Ranking sinn.

Mä ech hale mech do éischter un de kriteschen Ekonomist Joseph Stiglitz. Deen huet zur europäescher Spuerbrems gesot: „Was europäische



Politiker entwickelt haben, ist ein Rezept dafür, den Euro umzubringen. Mit seinem Sparkurs begeht Europa Selbstmord.“ An d’„Tageblatt“ huet haut gesot: „Bei diesem Abbau legt in Luxemburg eine Partei Hand an, die dazu nie den Auftrag hatte. Wir brauchen sie nicht zu nennen.“ Ech wëll se dann och hei net nennen. Ech soen lech Merci.

► **M. le Président.**- Merci dem Här Urbany. Als nächste Riedner ass den Här Michel Wolter agedroen. Här Wolter, Dir hutt d’Wuert.

► **M. Michel Wolter** (CSV).- Här President, léif Kolleginnen a Kollegen, och ech géif mech de Wieder vu Merci un d’Rapporteurs, den Här Lux an den Här Roth, uschlësse fir hir souwuel schrëftlech wéi och mündlech Analys. Ech géif mech e bëssen op dat konzentréieren, wat den Här Lux a senger Fonctioun als Rapporteur vum Budget gesot huet.

Ech mengen, souwuel a sengem schrëftleche wéi a sengem mündleche Rapport ass et eng zimlech realistesch Gesamtanalys, déi erauskënnt aus der Situatioun vun eisem Land, déi een a ganz groussen Zich kann deelen. Hien huet, wéi all Rapporteur dat mécht, seng Vuë vun der Zukunft och duergeluecht, wou deen een oder deen aneren Akzent diskutabel ass an och diskutéiert muss ginn. Mä op d’mannst huet een eng gemeinsam Basis, eng gemeinsam Diskussiounsbasis, wéi et zu Lëtzebuerg soll virugoen an deenen nächste Joren.

Gemeinsam Diskussiounsbasis, déi sech iwwer elo dee méi - wéi soll ech dat soen? - folkloristesche Charakter vu gewëssenen Deeler vun der Politik, déi och noutwendeg sinn, awer, mengen ech, vun alle Parteien gedeelt gëtt, dass et zu Lëtzebuerg aneschtens wäert ginn, dass mer amgaange sinn, aneschtens ze ginn an dass mer dofir musse reagéieren.

Mat Ausnahm vläicht vun enger Stëmm, déi just viru mer ass an déi eigentlech e ganz anere Wee prôneiert, huet een awer d’Impressioun, dass an der Grondaschätzung... Op jidde Fall hat ech net d’Impressioun an der Diskussioun, déi mer an der Finanzkommissioun gefouert hunn iwwer all déi Méint, dass un der Grondastellung an un der Grondaschätzung vun der Situatioun meilawäit Divergenze géife bestoen.

Quitte dass ee selbstverständlech an der Fro, wéi ee Solutiounen dozou sicht, Divergenzen huet, wat jo och gutt ass a wat jo och richtig ass, well wa mer alleguerten déiselwecht Meinung hätten, da kéinte mer eis jo zu enger grousser Eenheitspartei zesummeschloen. Och dat ass et an Europa an der Zäit scho ginn, an ob déi Modeller besser Systemer a besser Resultater bruecht hunn, woen ech perséinlech och ze bezweifelen.

Eigentlech dat Eenzezt, wat mech e bësse steiert an den Aussoe vum Här Lux, ass net dat, wat en heibannen an am Rapport gesot huet, mä dat - an ech wollt em dat an aller Frëndschaft eng Kéier soen -, wat e niewebäi mécht. A besonnesch dee Privatkrich, deen e mam Finanzminister Frieden säit Méint eigentlech an de Medië féiert, fannen ech net ganz, ech fannen et net ganz gentil, fir et emol ze soen. Et si Saachen derbäi, déi...

(Interruption)

Neen, dat huet näischt mat Stëmmung ze dinn, dat huet eppes mat normaler politescher Auseanersetzung ze dinn a mat enger korrekter politescher Auseanersetzung.

(Interruption)

Jo, et mécht een et am Stot, wann et am Stot och gemaach gëtt. Mä wann et awer bis an der Press steet,...

► **Une voix.**- Mä an engem Stot huet nëmmen een d’Wäschmaschinn, dat ass de Problem! Da kann een d’Wäsch net doheem maachen!

(Hilarité)

► **M. Michel Wolter** (CSV).- ...dann huet een dat demokratescht Recht an och déi demokratesch Flicht als Parteipresident vun enger vun deenen zwou Parteien, fir ze soen, dass et Momenter gëtt, wou ee vläicht an der Diskussioun net derbäi ass, an da kann ee vläicht verschidde Rasonnementer novollzéien.

Mä ech wollt dem Kolleg Lux awer soen, dass ech och zu Senneng war. Wéi verschidden anerer!

► **Une voix.**- Ah, elo gi mer alles gewuer!

(Hilarité)

► **M. Michel Wolter** (CSV).- Neen, Dir gitt net alles gewuer! Ech wollt lech just soen...

(Brouhaha)

► **Une voix.**- War de SREL net do?

► **Une autre voix.**- Hutt Dir dat net mat enger Auer opgeholl? Hat Dir net déi richtig Auer bei lech?

(Hilarité)

► **M. Michel Wolter** (CSV).- Neen, ech soe meng Meenung esou, wéi ech mengen, dass ech se muss soen. Ech wollt soen, dass ech d’Impressioun zu Senneng hat, dass den Här Frieden wuel verstanen huet, em wat dass et geet,...

► **Une voix.**- Très bien!

► **M. Michel Wolter** (CSV).- ...an dass e wuel verstanen huet, wat d’Erausforderunge vun der Zukunft sinn. Mä dass e Finanzminister, dass deen e Budget am Numm vun enger gesamter Regierung virleet, nodeems d’Regierung doriwwer sech consultéiert huet, nodeems se am Idealfall mat hire Fraktiounen an hire Parteien doriwwer debattéiert huet.

A fir esou ze maachen, wéi wann de Budget vum Stat fir 2013, dass dat den allengege Budget wier vum Finanzminister, muss ech einfach soen, et war, et ass an et wäert och an deenen nächste Jore fir eis als Partei e Budget si vun enger gesamter Majoritéit. Dat war an alle Majoritéiten, an alle Regierungen, an deene mir dra waren, ëmmer de Fall. Et ass d’Resultat vun Diskussiounen, déi ee matenee féiert. An eng Regierung huet e Budget, dee se déposéiert, och gemeinsam ze verrieden.

Wann een iwwert d’Gesamtsituatioun vum Lëtzeburger Land diskutéiert, seng Vergaangenheet an iwwer seng Zukunft, kënnt een net derlaanscht, fir d’Éischt e Bléck an d’Vergaangenheet ze werfen. An déi Vergaangenheet, déi huet sech nun awer viru fënnf Joer grondleeënd geännert.

Säit 2008 ass d’Welt an enger Kris. Ob dat elo eng Finanzkris ass, eng Wirtschaftskris, eng Währungskris, eng Systemkris, et kann ee vill Wieder dovunner maachen. Et ass héchstwahrscheinlech eng Kombinatioun vu villem, wat sech am Laf vun de Joren a Jorzéngten zesummegebraut huet. A keen Deel vun der Welt ass verschount bliwwen. Och net Europa!

Ech si perséinlech dovunner iwwerzeegt, dass, wann d’Geschichtsbicher wäerte geschriwwen ginn iwwert déi Zäit vun 2008 bis Fragezeichen, an do ass d’Joer 2012 an ‘13 doudsécher derbäi, awer och nach vläicht d’Jore ‘14 a ‘15 a ‘16, da wäert sech an deene Bicher eraustellen, dass d’Gewichtung vun der Welt sech wäert geännert hunn an deene Joren. Dass den Afloss vun Amerika, den Afloss vun Europa erogaangen ass an dass den Afloss vun anere Géigenden an der Welt - China, Indien an anerer - während där Zäit an d’Luucht gaangen ass.

A wann ee mat Lëtzeburger schwätzt, déi regelméisseg an aneren Deeler vun der Welt sinn, déi sech net nëmmen zu Lëtzebuerg ophalen an an Europa, da kritt een eigentlech ëmmer, all Kéiers, wann een dorobber an eng Diskussioun kënnt, d’Réckmeldung, dass sech d’Welt amgaangen ass op ganz ville Plaze mat enger Rapiditéit ze veränneren, déi esou gewaltig ass, dass mir wierklech amgaange sinn, wa mer net géigesteieren hei an Europa, de Fuedem vun der Entwécklung ze verléieren.

Eppes ass fir mech sécher: D’Roll vun Europa an der Welt wäert an deenen nächste Joren net eropgoen. A Lëtzebuerg ass e ganz klengen Deel vun där europäescher Welt, wäert, well et eigentlech an deene ganz grouss makroökonomeschen Décisiounen net vill ka matdiskutéieren a matbestëmmen, de Choix hunn, sech entweder där Realitéit unzepassen oder, wat e puer Leit nach ëmmer maachen, déi Realitéit ze niéieren, se net ze erkennen, a muss da mat deene Konsequenze liewen, déi dat mat sech bréngt.

Mir sinn - an dat wollt ech opgrond vun enger Rei vun Diskussiounen, déi déi lescht Woche gefouert gi sinn heibannen, awer och dobaussen op der Strooss a virun de Mikroe vun der Televisioun a vum Radio - a mengen Ae blutt-noutwendeg op auslännesch Investisseuren ugewisen. Dëst Land huet nach ni fonctionnéiert mat Lëtzeburger Kapital a wäert dat och ni maachen. Dëst Land wär ni ouni auslännescht Kapital eng vun de Stolhéichbuerge vun der Welt ginn. Dëst Land wär ni ouni auslännescht Kapital eng vun deene gréisste Banken a Finanzplaze vun Europa ginn.

Mä d’Investisseuren, léif Kolleginnen a Kollegen, déi an Zukunft op Lëtzebuerg solle kommen, déi kommen net méi aus Däitschland, aus Frankräich, aus der Belsch, aus Éisträich oder wou se och ëmmer hierkonn sinn. Do, wou d’Sue si vun där nächster Generatioun, do, wou d’Sue sinn, dat ass a Länner, déi méi wäit ewech sinn. Dat ass an Indien, dat ass am Qatar, dat ass op enger ganzer Plaz vun der Welt, wou Leit an deene leschte Jore Méiglechekeete sech opgebaut hunn, Reserven hunn.

An d’Demokratie ass een Deel vun der Diskussioun, dat ass ganz sécher, an déi muss och gefouert ginn. Mä d’Geld ass op enger gewëssener Plaz vun der Welt. A mäi Plädoyer dofir ass, dass mer déi Leit wëllkomm zu Lëtzebuerg heeschen, déi zu Lëtzebuerg wëllen investéieren, déi dozou bäidroen wëllen, dass mir alleguerten als Kollektivitéit eis weider kënnen entwéckelen.

Ech hunn zum Deel an deene leschte Woche Stëmmen héieren dobaussen - manner heibannen, mä dobaussen -, wou ech fannen, dass déi Aussoe ganz, ganz no um Rassismus sinn, ganz, ganz no, wann net zum Deel schonn d’Barrière vun deem, wat een eigentlech par rapport zu Leit, déi eng aner Hautfaarf hunn oder vun enger anerer Rass sinn oder vun enger anerer Plaz kommen, d’Borde vun deem iwwerschreiden, wat een do ka maachen.

An ech géif wierklech derfir plädéieren, an engem Dossier, deen eis beschäftigt, an och an aner Dossieren, net iwwer eng gewëssener Aart a Weis, wéi ee mengt innenpolitesch e puer Punkten ze sammelen, an eng Richtung ze kommen an an eng Situatioun ze kommen, wou mer vum Ausland hier als e Land ugesi ginn, wou d’Investisseuren net méi wëllkomm wieren.

Als klengt Land, an dat wëll ech als Kontrapunkt direkt derbäisetzen, sinn ech, bei allem Misär, dee mer hunn, a bei allem, wat mer amgaange sinn duerchzemaachen, der Meinung, dass mer eng Rei vu Stärkten hu bei eis selwer, déi mech optimistesche stëmmen. Wa mer et fäerdegbréngen, dese Strukturwandel ze begleeten, net ze anticipéieren, net wëll drop lass spueren, just fir lasszespueren, mä awer och net mengen, dass, wann ee sech dem Wandel, dee kënnt an deen an der Geschicht ëmmer bei all Gesellschaft kënnt, dass ee sech deem mat allem muss widersetzen, dass een, egal wat fir eng Changementer kommen, seet: Neen, mir sinn net bereet, déi Changementer ze maachen!

Mir mussen no Lëtzeburger Aart a Weis probéieren, dee Strukturwandel, dee kënnt - an e kënnt, ob mer et wëllen oder net - esou ze begleeten, dass mer am Intérêt vun de Leit vun eisem Land kënnen och weider eng gutt Politik maachen. An dat ass schwier. Et ass schwier, well mer zu Lëtzebuerg laang Joren op der gewonnenen Säit vum Tableau waren, well, wéi eng Rei vu Virriedner et gesot hunn, während 25 Joer regelméisseg méi Suen an eis Keesen erakomm sinn, wéi mer der verdeelt kruten.

Mir hu profitéiert vu Souveränitéit, mir hu profitéiert vu Flexibilitéit, vu Reaktivitéit, fir kënnen e System opzebauen, deen au profit vun eis alleguerte gutt fonctionnéiert huet. Mir haten héich Budgetsreserven, mir hu regelméisseg Reserven ugeluecht a gudden Zäiten, fir méi Dépensé kënnen ze maachen a manner gudden Zäiten. An ech hat de Mëttag keng Zäit, Här Gibéryen, esou wéi Dir, fir elo nach Rieden nozekucken.

► **M. Gast Gibéryen** (ADR).- Et huet een ëmmer Prioritéiten am Liewen.

► **M. Michel Wolter** (CSV).- Ech weess dat, Här Gibéryen, mä ech ka mech ganz gutt un lech erënneren an en Är Rieden, déi Dir viru Joren hei gehalen hutt, wou Der deemselwechten Här Frieden, deem Der elo virwerft, en hätt keng Reserve méi, wou Der deem gesot hutt, en hätt ze vill Reserven an e géif net genuch verdeelen, an déi CSV hei, déi géif op de Sue setzen, amplaz se ënnert de Leit ze verdeelen. Genau déi Ried do hutt Dir viru Joren hei gehalen.

► **M. Gast Gibéryen** (ADR).- Do kënnt Dir dräi Deeg an dräi Nuechten noliessen, dat do fannt Dir net!

► **M. Michel Wolter** (CSV).- Dat fanne mir ganz genau, an zwar...

► **M. Gast Gibéryen** (ADR).- Dat fannt Dir net.

► **M. Michel Wolter** (CSV).- ...an zwar bei lech.

► **M. Gast Gibéryen** (ADR).- Neen, neen, dat fannt Dir net!

► **M. Michel Wolter** (CSV).- Ech bréngen et dann déi nächste Kéier mat, Här Gibéryen.

► **M. Gast Gibéryen** (ADR).- Wann ech eppes zitéieren, hunn ech et ëmmer bei mir.

► **M. Michel Wolter** (CSV).- Jo, jo.

(Hilarité)

Mir hunn a gudden Zäite regelméisseg Reserven opgebaut. Ech hunn lech jo net zitéiert, ech hunn lech just...

► **Plusieurs voix.**- Dach, dach!

► **M. Michel Wolter** (CSV).- Neen! Ech hu just,...

(Hilarité)

...ech hunn de Sënn vun den Interventiounen, déi Dir an anerer gemaach hutt...

► **M. Gast Gibéryen** (ADR).- Dat hunn ech net gesot. Neen!

► **M. Michel Wolter** (CSV).- ...an anere Joren, deen hunn ech hei rappeléiert. Ech ka mech u Joren hei erënneren, wou d’Oppositioun d’Regierung massiivst kritiséiert huet, well net genuch géif verdeelt ginn,...

► **Plusieurs voix.**- Oooohhh!

(Interruptions diverses)

► **M. Michel Wolter** (CSV).- ...well net genuch géif verdeelt ginn.

► **M. Gast Gibéryen** (ADR).- Beispiller, wann ech gelift!

(Brouhaha)

Een Zitat!

► **M. Michel Wolter** (CSV).- Deen „sécherer Wee“, dee jo elo ugeprangert gëtt...

(Interruption)

Dach!

► **Une voix.**- Neen.

► **M. Michel Wolter** (CSV).- De sécherer Wee, iwwert dee Konsensus bestanen huet...

(Interruptions)

► **M. François Bausch** (déi gréng).- Et war eng Visioun, eng Fata Morgana.

(Hilarité)

► **M. Michel Wolter** (CSV).- ...bei ganz villen, an ech hunn dat wierklech déi lescht 15 Joer enk suivéiert, deen huet doranner bestanen, dass eigentlech de Konsens doranner bestanen huet, dass fir zwee Joer Reserven ugeluecht gi sinn, zwee bis dräi Joer, fir eng Kris, fir déi ze packen, a säit den 80er Joren dat jo och praktesch ëmmer duergaangen ass. An dass Leit, och aus der jëtzege Majoritéit, déi gemengt hunn, dass ee méi misst maachen, dass een et aneschtens misst maachen, mat kritiséiert gi sinn - ech kommen direkt op e Beispill zrëck.

A säit den 80er Joren, säit der Kris vun der Stolindustrie hate mer jo ni Zäiten, wou méi zwee Joer hannereneen eng Kris war. Dat, wat d’Leit vergiessen, dat ass, dass mer ëmmer Krisen haten. Mir haten an den 90er Joren Zäiten, wou e manner gutt gaangen ass. Mä ech erënneren un d’Internet-Bulle, déi mer haten. Ech erënneren un de Budget 2000, un de Budget 2005!

Un de Budget 2005, wou eigentlech déiselwecht Diskussioun tëschent der Regierung an de Majoritéitsfraktiounen scho bestanen huet, 2005. Wou e Budget am Joer 2005 eigentlech nogebessert ginn ass, well gesot ginn ass: Ma mir sinn op engem Punkt hei ukomm, wou mer um Niveau vun dem Deséquilibre, dee mer tëschent Recetten an Dépensen hunn, si mer op engem Punkt ukomm, dee mer net méi kënnen weiderfueren.

► **M. François Bausch** (déi gréng).- Wat hutt Der mat de Plus-valuë gemaach?

► **M. Michel Wolter** (CSV).- Dat, wat säit 2008 geännert huet, fundamental geännert huet,...

► **M. François Bausch** (déi gréng).- Dorop kréien ech natierlech keng Äntwert.

► **M. Michel Wolter** (CSV).- ...dat ass, dass mer elo am fënnefte Joer Kris sinn. D’Einnahme klammen nach. D’Einnahme klammen nach, awer méi lues, an et ass, mengen ech, och an der Duerstellung, déi mer no bausse ginn. Et si Leit, déi soen, mir hunn eng Einnahmekris. Mir hunn nach ëmmer steigend Recetten. Mir hu just steigend Recetten - an enger Sekund kommen ech drop zrëck -, mir hu steigend...

(Interruptions)

Ech diskutéieren elo op den 13. Dezember 2012 an ech kucken zrëck vun 2008 un. An ech wollt lech soen, Här Bausch, Dir hutt virdu gesot, d’Leit sollen net bei all Saz lech ënnerbriechen. Da wär ech ganz frou...

► **M. François Bausch** (déi gréng).- Dierf ech lech dann awer eng Fro stellen?

► **M. Michel Wolter** (CSV).- Neen, ech wär elo frou, wann ech kéint emol ee Rasonnement zu Enn féieren.

► **M. François Bausch** (déi gréng).- Maacht Dir dat, maacht Dir dat!

► **M. Michel Wolter** (CSV).- Säit 2008 hu mir bis haut, mat Ausnahm vun 2009, weider steigend Recetten. Just mir hunn net méi déi Recettenaugmentatiounen vu 6 a 7%, déi mer virdrun haten. Mir hunn 1% méi, mir hunn annerhalfe Prozent méi. Mir hunn eigentlech déi Augmentatiounen vu Recetten, déi an anere Länner Usus waren, déi sinn zu Lëtzebuerg ukomm.



Mä et ass net esou - an dat ass meng perséinlech grouss Angscht, déi ech hunn, dat ass, dass, wann d'Einnahmesäit eis géif ewechbriechen, besonnesch d'Einnahmesäit um Niveau vun de Steieren, déi bezuelt ginn aus deem Secteur, vun deem mer eigentlech ganz gutt liewen, wat an anere Länner de Fall war, dass eigentlech déi Reorganisatioun, déi mer dee Moment musse maachen, déi Remodernisatioun, déi mer muss maachen, dass déi nach eng ganz aner Envergnere kritt wéi dat, wat eis Hausaufgab ass, déi mer elo mussen hunn.

Mä eis Ausgaben, déi klamme virun. De Schleier téschent Einnahmen an Ausgaben, dee geet an d'Luucht, an doräusser ergi sech eng Rei Noutwendegkeeten, fir géigenzesteieren.

Et gëtt da gesot vu gewëssene Leit, d'Majoritéit hätt keng Antwert gehat. Ech wëll deem op zwee Punkte vehement, awer wirklech vehement wëll ech do dergéint eppes soen.

Dat Éischt, dat ass d'Mäerche vum Här Gibéryen - all Joer virgedroen zur selwechter Zäit, zweemol, sou ëm dës Zäit an eemol beim État de la nation -, d'CSV hätt virun de Wahlen eppes anescht ersot wéi no de Wahlen. Här Gibéryen, Dir waart net beim „CSV on Tour“, dat definitiv net. Ech maachen lech iwwregens och kee Reproche dofir. Mä Dir hutt manifestement och net de Wahlprogramm vun der CSV vun 2009 gelies.

Well eise ganze Wahlprogramm stoung ënner Finanzéierungsvirbehalt, an d'ganz Diskussioun, déi mer gefouert hunn, dat ass déi, dass mer gesot hunn, als CSV, am Wahlprogramm: Wann d'Kris sech iwwert d'Joren '09 an '10 fortsetzt, da musse mer géigesteieren, fir an den Équilibre ze kommen.

Sou ze maachen, wéi wa mir virun de Wahlen als CSV - an et gëtt Dausende vun Témoins, well et ware 5.000 oder 6.000 Leit beim Junker on Tour am Sall, fir nozelauschten, wat d'CSV gesot huet -, fir heihinnerzekommen, am véierte Joer hannereneen, an esou ze maachen,...

► **M. Gast Gibéryen** (ADR).- Ma Dir hutt dat hei um Pult gesot! Dann huet en et heibanne gesot!

► **M. Michel Wolter** (CSV).- ...an esou ze maachen, wéi wann d'CSV no de Wahlen de Contraire géif soe vun deem, wat se virun de Wahle gesot huet,...

► **M. Gast Gibéryen** (ADR).- Ma sécher!

► **M. Michel Wolter** (CSV).- Dir kënnt et nach 100 Mol behaupten, an Dir behaupt et och nach 100 Mol, an et ass och nach 100 Mol falsch.

► **M. Gast Gibéryen** (ADR).- Et ass nach 100 Mol richtig! Et ass nach 100 Mol richtig!

(Brouhaha)

► **M. Michel Wolter** (CSV).- An dat Zweet, wat ech wollt soen, dat ass, et ass eng Antwert komm, eng voluntaristesche Antwert. Mir nennen dat antizyklesch Politik, ass dat deemools gedeelt ginn. Et ass gesot ginn, mir steieren zwee Joer net géint, wëssentlech a wëllentlech, 2009, 2010 fuere mer weider. Mir wëssen, dass mer keng Rentréeë méi erakreien, a mir hunn nëmme ganz weening Rentréeën an deenen zwee Joer méi erakritt, a mir fuere virun op der Dépensesäit an haaptsächlech um Niveau vun den Investissementen.

Well wa gesot gëtt, d'Investissementen ginn erof: D'Investissementen sinn an d'Luucht gesat ginn 2009 an 2010! An zwar vun 1,4 Milliarden, wat 2009 an historeschen Héichpunkt war zu Lëtzebuerg, an der Geschicht vun Lëtzebuerg Land, sinn eropgesat ginn, voluntaristes, hei anonciéiert, op 1,7, 1,8 Milliarden. 1,8 Milliarden d'lescht Joer, deen héchsten Taux och, dee mer jeemools haten.

Firwat? Fir de Mëttelstand ze ënnerstëtzen. Fir d'Lëtzebuerg Betriber ze ënnerstëtzen. Fir ze verhéieren, dass an engem vun deene wesentleche Secteuren, wou mer ganz vill Leit schaffen hunn, en Abroch géif kommen. Alles ausgeriicht op eng Politik 2009, 2007, an der Hoffnung, an och dat ass hei ëmmer gesot ginn, an dat ass vu jiddwerengem gedeelt ginn, ausser vun deenen, déi sech ëmmer d'Fro gestallt hunn: Wat geschitt dann, wann et net geschitt? An do gehéiere verschidde Leit dozou. Dozou zielen ech mech awer ausnahmsweis och, muss ech soen. Wat geschitt dann, wa mer 2011 net an den Équilibre kommen an d'Kris dës Kéier méi laang wäert ginn?

An d'Regierung huet och dorobber eng Antwert ginn. D'Majoritéit huet eng Antwert ginn. Si huet gesot: Da maache mer eng Midterm Review. Alles nozulesen an den Debatten, déi mer hei gefouert hunn. Mir maachen eng Midterm Review an da gesi mer, da gi mer eis d'Zil, fir 2014 an den Équilibre ze kommen. Dat war dat, wat 2009 gesot ginn ass, wat 2010 gesot ginn ass.

Wann also gesot gëtt, et ass keng Antwert do gewiescht! An e puer Etappen. Eng Etapp ass déi, fir voluntaristesche virunzefueren, eng gewësse Politik ze maachen, wëssend, dass dat, wat aner Leit ënner Keynes-Politik verstinn, eppes ass, wat een eng gewëssen Zäit ka maachen an da muss ee lues a lues awer an den Équilibre kommen, wann een net an d'Verschuldungsspiral wëllt goen, an eng Reaktioun duerno hunn, mat engem kloer festgeluechten Zil, nämlech fir 2014 nees an de gesamtstaatlechen Équilibre ze kommen. An op där Trajectoire si mer!

► **M. le Président**.- Här Wolter, erlaabt Dir, datt den Här Bausch lech elo eng Fro stellt?

► **M. Michel Wolter** (CSV).- Neen, ech wollt eigentlech meng Ried elo halen, wann dat geet.

► **M. le Président**.- Et ass gutt, da fuert Dir virun, Här Wolter!

► **M. Michel Wolter** (CSV).- An eigentlech si mer op deem Zil, nach ëmmer, bis 2014 an den Équilibre ze kommen. Quitte dass ee muss realistesch gesinn, dass et, duerch d'Entwécklungen, wéi se an deene leschte Méint komm sinn, an déi Entwécklungen, déi eis elo virausgesot gi fir d'Joer 2013, ganz komplizéiert wäert ginn, an enger Kéier op deen Équilibre ze kommen, well effektiv dann de Risiko besteet - ech kommen herno a mengem Exposé nach dorobber erëm -, dass dann de Risiko vun enger Iwwerhëtzung besteet.

Dofir musse mer eis eng mëttelfristeg Strategie gi fir d'Jore '14, '15 a '16. Wëssend, ganz genau wëssend, an dat ass fir mech ee vun den zentrale Punkte vun deenen nächste Joren, dass mer 2015 eng hallef Milliard supplementär wäerte verléieren op der Recettësäit, déi mer duerch keng aner Recette wäerte kompenséiere kënnen. Ausser et geschitt iergendeppes, wat ech haut net weess.

Mä ech hunn awer d'Impressioun, dass och net vill aner Leit dann heibanne setzen, déi dat wëssen, well soss hätt ech dat de Mëtten an der Diskussioun an de Moien hätte mer dat an der Diskussioun gesot kritt.

Mir sinn also virun der Pflicht, fir ze kucken, fir do an d'Rengt mat eise Finanzen ze kommen. Ech fannen, dass an engem Artikel vum Professer Pieretti, deen der Deeg an enger Lëtzebuerg Zeitung war, dat op eng exzellent Aart a Weis resuméiert ginn ass. Den Titel vun deem Artikel war: „Kein normales Land“. An d'Developpement, déi hannendrukommen, muss ech soen, kann ech zu engem ganz groussen Deel droen (veuillez lire: deelen). An ech sinn och frou, dass et en Ekonomist ass, dass et en Unisprof ass, deen eng Rei vu Saache seet. Dann ass een nämlech manner an der Situation, dass do direkt e politesche Geescht an enger Meinung hannendru gefouert gëtt.

Mä mir hunn awer eng Rei vu Problemer. An ee vun deene Problemer ass deen, dass mer keng Ressourcen, keng natierlech Ressourcen an deem Land méi hunn. Dass mer eigentlech ausser eise Leit, eise Know-how, eiser Schnellegkeet, eise Dynamismus an enger Welt, déi ëmmer manner produktionsgelagert ass an ëmmer méi servicegelagert ass an deem Deel vun der Welt, musse sécherstellen, dass mer d'Viraussetzungen an der Politik setzen, dass genau dat, wat mer eigentlech nach hunn, mat all deene Schwierigkeeten, déi dat mat sech bréngt, wou ech perséinlech keng Antwert zum Deel drop hunn - an ech kommen direkt elo dorobber -, dass een do d'Enner beienee kritt.

A mir liewen, wann ech d'Recettësäit vum Budget kucken, ganz gutt. Wann ech gesinn, dass mer awer 4 bis 4,5 Milliarden aus der Bank an Finanzplaz erauskréien, déi awer ganz staark konkurrenzéiert ass, ëmmer méi staark konkurrenzéiert och wäert an deenen nächste Jore ginn, also d'Proportioun, dass deen Deel vum Budget, wat bal 30% vum Budget sinn, an d'Luucht geet, déi ass ganz geréng.

An d'Zuele vun deene leschte fënnf Joer weisen, dass d'Zinsen, d'Kommissiounen vum Bankesektor an de Steiereinnahmen, déi stagnéiere säit 2008. Wann ech gesinn, dass 1,5 Milliarde vun de Recetten, déi mer am Budget hunn, dat si bal 10%, iwwer 10% kommen aus de Grenzaktivitéiten, déi ëmmer méi staark konkurrenzéiert gi sinn. Déi staark kritiséiert och sinn.

A wann ech gesinn, dass 0,7 bis 0,8 Milliarden aus dem Commerce électronique kommen, déi téschent 2015 an 2020 successiv wäerten an aner Länner ofgetratt ginn, a wann Der gesitt, wat d'lescht Woch an England lass war, da gesäit ee jo, dass an all deenen Domänen, egal wat fir eng Domäne dass mer do eraussichen, eis näischt méi geschenkt gëtt. Da mécht dat am Budget téschent 6,5 a 7 Milliarden aus.

Da kommen nach 2,6 Milliarden aus de Gehaltssteieren dran an 1,7 Milliarden TVA. Ech

hunn aus dem TVAs Chiffer de Commerce électronique erausgeholl. Da kommen ech an engem Budget vu ronn 13 Milliarden op téschent 10,5 an 11 Milliarden Euro op der Recettësäit, déi aus deenen doten Aktivitéiten kommen. Déi doten Aktivitéiten, op déi mer eis baséiert hunn an deene leschte Joren, déi mer weider wëllen développéieren an déi mer musse weiterdéveloppéieren, en absence vu villen aneren Alternativen, op déi mer eis kéinten opbauen. Net, well et keng Alternative gëtt, mä well eng ganz Rei vun deenen Alternativen, déi et géife ginn, net déiselwecht Revenuen ofschëdden, wéi déi Aktivitéit, déi d'Finanzplaz ausmécht an déi déi an eise Statssäckel gëtt.

Mir hu bal keng Industrie méi. Den Index vun der Industrie ass säit 2008 vun 100 op 82 erofgaangen. A wa vu gewëssene Leit gesot gëtt, d'Betriber géifen nëmmen nach 35% Steiere bezuelen, wat sécher richtig ass, da wëll ech awer soen, dass de Gros vun deene Steieren, den absolute Gros vun deene Steieren an der Finanzwelt bezuelt gëtt.

An dass deen normale Lëtzebuerg Betrib, de mëttelstännege Betrib, de Produktiounsbetrib, den Industriebetrib, dee muss a seng Cycles de production reinvestéieren. Dee fréier Cycles de production hat virun zéng a 15 Joer, déi elo nach dräi Joer sinn, fënnf Joer sinn. Souguer wann en en theoretesche Benefiss ofwerft, do duerch, dass e ganz staark muss investéieren, fir iwwerhaupt nach konkurrenzfähig ze bleiwen am internationale Marché, ech absolut kann domadder liewen, dass ee verschidde Steieren op 60% setzt.

Mä wann awer keng Base do ass, wann awer keen do ass, deen e Benefiss mécht, an du kriss 60% vun näischt, dann ass dat nach ëmmer net ganz vill. An dat ass ee vun de Problemer reell, dee mer hunn, wann et dréms geet, fir d'Zukunftschance vun eise Land ze gesinn. Dat ass, dass e gudden Deel vun eiser Wirtschaft, vun eiser Économie eigentlech haaptsächlech Fournisseur d'emploi ass, Aarbecht zur Verfügung stellt, déi mer mussen ënnerstëtzen, awer net Revenuë wäert generéieren an engem Mooss, déi mer riskéieren ze verléieren, jee no deem wat fir eng Aktivitéit vu Lëtzebuerg an deenen nächste Jore géife fortgoen.

An den Haaptproblem - d'Schoulministesch setzt do, de fréieren Aarbechtsminister -, den Haaptproblem, dee mer, mengen ech, eigentlech à long terme hunn an deem Deel vun der Welt an zu Lëtzebuerg am Besonneschen, well mer keng integréiert Produktiounszykle méi hunn a Systemer hunn, dat ass, wéi mer deene Leit zu Lëtzebuerg, deene jonke Leit zu Lëtzebuerg, déi net e gewëssenen Niveau vu schoulescher Ausbildung a vu Qualifikatioun kënnen erreechen... An do kënnen mir eis op de Kapp stellen, mir kënnen jiddwerengem e Premières-examensdiplom ginn, wann en duerno d'Qualifikatioun net huet, déi noutwendeg ass, fir an deem Betrib, deen eng Aarbecht ubitt, déi Aarbecht och kënnen korrekt ze maachen, dann huet en déi Aarbecht net ganz laang. An da gëtt gekuckt, fir een aneren ze fannen, deen op déi Aarbechtsplaz géif kommen.

Ech hu keng Antwert, ech soen dat wirklech, keng Antwert op déi Fro! Keng Antwert op déi Fro, wat mer an deenen nächste fënnf bis zéng bis 15 Joer solle maachen, ausser mir loosse eis e ganz neie System afalen, wéi mer am produktiven Deel vun eiser Économie d'Rahmbedéngungen esou setzen, dass nei Betriber op Lëtzebuerg kommen, mat de Lounstrukturen, déi mir zu Lëtzebuerg hunn, a mat den Ëmweltcontrainten, déi mir zu Lëtzebuerg hunn, déi deene Leit, déi op deem Niveau géife schaffen, wou mer Aarbechtsplazen dréngend bräichten, dass mer deenen eng Zukunft kënnen ginn.

Dat ass eng vun deene ganz groussen Erausforderungen, déi mer hunn. Well et ass jo net, dass mer keng Aarbechtsplaze schaffen. Et ass net, dass mer keng Aarbechtsplazen zu Lëtzebuerg schaffen, mä mir schafe ganz vill Aarbechtsplaze wirklech an engem héijen Niveau vu Qualifikatioun. A mir brauchen Aarbechtsplazen an enger Welt, déi amgaangen ass, sech rasant ze wandelen, och op aneren Deeler vun eiser Gesellschaft.

Da kommen ech, Dir Dammen an Dir Hären, zum Triple-A, den Triple-A, deen a mengen Aen den A an O ass, fir dass mer iwwerhaupt nach an deenen nächste Joren iwwer Budgeten, déi tant soit peu am Équilibre sinn, hei zu Lëtzebuerg diskutéieren. Den Triple-A, deen eigentlech definéiert, ob déi Finanz- an déi Bankeplaz, ob déi zu Lëtzebuerg nach wäert bleiwen, dass déi Produkter, déi Services an déi Betriber an déi Leit, déi zu Lëtzebuerg hir Suen investéieren, dass déi d'Garantie hunn, dass an deem Land, wou se dat do investéieren, déi gesamt wirtschaftlech, ökonomesch Parametere stëmmen.

U wat gëtt den Triple-A dann zu Lëtzebuerg ugemaach? Un eppes Eenzegem! Un eppes

Eenzegem, dat ass eise budgetären Équilibre. Als klengt Land, wat net ka géigesteieren, gëtt den Triple-A, also de Rating vun eise Land exklusiv, d'Glafwierdegkeet vun eise Land an den Ae vun deenen, déi vu baussen erakucken, exklusiv duerch een eenzege Facteur gekuckt: An dat ass, ob mer finanziell, budgetär am Équilibre sinn, dass mer eis Hausaufgabe maache fir déi Suen, déi aus dem Ausland op Lëtzebuerg kommen a mat deene mir zum Deel dann och liewen, wou mir d'Wäertabschöpfung maachen, déi mer duerno kënnen an eise soziale System ginn, dass mer déi och kënnen behalen.

Wann ech den Équilibre oder den Déséquilibre vum Budget kucken an ech gesinn, dass deen am Joer 2008 quasi am État central op null war an dass mer eigentlech 2009 deen éischten „gap“ gemaach hunn, 2009/2010, wou mer op eng Milliard Defizit geruscht sinn, an dass en absence vun där Politik, déi proposéiert gëtt fir d'Joer 2013 am Budget, wou 950 Milliounen Euro géigesteiert ginn, mer eigentlech op zwou Milliarden elo wieren, well mer strukturell an eise Budget en Defizit vu quasi 500 Milliounen haut iwwer eng Rei vu Phenomeener dragesat hunn, dann, mengen ech, ass et extrem wichteg an et gëtt keng Alternativ fir dat, wat vun der Majoritéit proposéiert gëtt. Et gëtt ëmmer eng Alternativ um Niveau vun dem sem oder deem Akzent, deen ee géif setzen. Mä ech mengen net, dass et eng Alternativ géif ginn zum Gesamtvolumen, iwwer dee mer diskutéieren.

Eigentlech gi mer mam Budget, dee mer elo stëmme wäerte fir d'Joer 2013, zwee Joer zréck. Mir sinn, wann 2013 esou gräift - dat ass och nach eng Fro: Gräift de Budget 2013 dann an all senger Phenomeener esou, wéi mer mengen, dass e géif gräifen, oder komme Phenomeener vu baussen nach eran? -, mir dréien d'Rad op 2011 zréck.

An dat, wat eis nach ëmmer bleift, obscho mer déi riseg Efforten amgaange sinn ze maachen, dat ass, dass deen „gap“, deen téschent 2009 an 2011 opgaangen ass, déi Milliard, dass déi net zougeet. An dat ass d'Erausforderung, déi mer mussen an deenen nächste Joren ugoen, ob mer et wëllen oder ob mer et net wëllen.

An d'Dépensesäit vun eise Budget - et deet mer leed, dass ech dat elo muss soen, well ech weess, wat dat zum Deel nees fir Reaktiounen wäert auslöse bei gewëssene Leit -, eis Dépensesäit gëtt nun awer emol duerch eng Rei vu Posten op der Dépensesäit esou staark beanträchtegt, dass een déi net einfach kann ignoréieren.

(Interruption)

Et sinn néng Posten. Et sinn néng Posten... Dir kënnt jo e Patt huele goen, wann et lech net gefält.

(Interruptions diverses)

Jo, gitt e gudde vun der Musel drénken, et ass kee Problem. Wann dat, wat ech erzielen am Numm vu menger Partei, lech, Här Kox, net interesséiert, Dir musst net heibleiwen! Ech forcéieren lech net.

(Interruptions diverses)

► **Mme Viviane Loschetter** (déi gréng).- Et interesséiert eis, mä mir dierfen lech emol keng Fro stellen!

► **M. Michel Wolter** (CSV).- Jo, well ech amgaange sinn, eigentlech meng Ried ze halen, wann Der dat erlaabt!

(Interruption)

► **Une voix**.- Mir wësse schon alles, wat kënnt.

(Interruptions diverses)

► **Une autre voix**.- Ech géif emol gär eppes gesinn, wat déi gréng nach net wëssen!

► **M. Camille Gira** (déi gréng).- Et ass just relativ duerchsichteg, wou Der amgaange sidd hinzefueren.

► **M. Michel Wolter** (CSV).- Jo, Dir magt der Meinung sinn, dass dat duerchsichteg ass. Dat mag Är Meinung sinn. Meng Meinung ass, dass et eng realistesch Beschreiwung vum Zoustand vun eise Land ass, an dofir halen ech och déi Ried,...

► **Mme Viviane Loschetter** (déi gréng).- Déi kenne mer!

► **M. Michel Wolter** (CSV).- ...déi ech hei halen,...

► **Une voix**.- Joo! Majo, dann haalt se!

► **M. Michel Wolter** (CSV).- ...an och wann Der se kennt, Madame Loschetter. Ech hale se.



► **Mme Viviane Loschetter** (*déi gréng*).- Ech, ech hunn net...

► **M. François Bausch** (*déi gréng*).- De Moment haalt Der se net. De Moment schwätzt Der mat eis, okay!?

► **M. Michel Wolter** (CSV).- Voilà! Dir schwätzt mat mir, an da muss ech dann heiansdo reagéieren, soss seet d'Madame Loschetter, ech géif net op lech reagéieren.

► **M. François Bausch** (*déi gréng*).- A wouhier dann!

► **M. Michel Wolter** (CSV).- Sou, néng Posten an eisem Budget klammen ëm bal 500 Milliounen. De Fonds pour l'Emploi: 92 Milliounen, d'Chèques-services: 66 Milliounen, d'Paie beim Stat: 65 Milliounen, d'Pensiounen beim Stat: 59 Milliounen, de Klimafong: 39 Milliounen, d'Universitéit: 41 Milliounen, an d'Contributiounen zur Assurance pension: 42 Milliounen, zur Assurance maladie: 28 Milliounen, an zur Assurance dépendance: 47 Milliounen. Dat sinn insgesamt 480 Milliounen Euro, déi à législation constante vun engem Joer zum nächsten am Budget bäikommen.

Déi wäerte mat liicht verschiddene Chifferen a mat liicht verschiddenen Ofweichungen och d'nächst Joer nees drakommen. A wa mer et net fäerdegbréngen, wa mer et net fäerdegbréngen bei enger Gemengelag, déi et mat sech bréngt, dass d'Recetten net am selwechte Mooss klamme wéi d'Dépenses, an deenen doten Dealer vun eisem Budget déi Rééquilibragen ze maachen, déi mer mussen maachen, da wäert dat Unternehmen, da wäert dat scheitern.

De Budget 2012 wäert mat engem Déséquilibre vun 1.650.000.000 ofschléissen. Dat si 65.000 Milliounen Lëtzebuerger Frang. All Lëtzebuerger, oder all Awunner an deem Land gëtt dëst Joer 3.300 Euro méi aarm, wann ech et am Équilibre...

(Interruption)

65.000 Lëtzebuerger Milliounen sinn et.

(Interruption)

An et ass net drun ze denken, dass déi Politik kann éiweg weidergoen, wa mer net gären dat hätten - wat mer jo net gären hätten! -, nämlech, dass mer eng Kéier an d'Reie vun deene Länner kommen, déi sech net méi ze hëllef wëssen, wéi eng Rei vu Länner an Europa dat zurzäit mussen duerchmaachen.

D'Konsequenz ass, dass d'Schold an d'Luucht geet. Mir hunn dëst Joer 1,5 Milliarden agesat. Dat sinn 10% vum Budget. Mir müssen zwou Milliarden refinanzéieren. Och dat ass a mengen Aen eppes, mat deem ee sech muss beschäftegen.

Wou mer och an der Finanzkommissioun schonn e puermol driwwer diskutéiert hunn, dat ass, dass mer eigentlech de Principal net zrëckbezuelen, mä just d'Scholden zrëckbezuelen, neen, d'Zësen - pardon! - zrëckbezuelen, an dass mer bei enger verhëijerter Scholdelaascht vun deenen nächste Joren natierlech an d'Situatioun kommen, dass mer ëmmer méi Dealer vun där Schold eigentlech net méi an där Generatioun zrëckbezuelen, déi se da sollt zrëckbezuelen no där klassischer Linn, mä eigentlech nëmmen nach virun eis hierschiebe bis dee Moment, wou mer se iergendwann eng Kéier net méi kënnen zrëckbezuelen.

Mir müssen also reagéieren. Dëst ëmsou méi, wéi mer 500 Milliounen wäerten 2015 sécher verléieren iwwert de Commerce électronique an een anere Phänomeen nach op eis wäert duerkommen, deen den Här Di Bartolomeo an deene leschte Wochen e puermol gesot huet, dat ass, dass mer 2015 och den Équilibre an der Sécurité sociale net méi wäerten hunn.

Dat heescht, dat Joer 2015, dat gëtt et kruzialt Joer an der Geschicht vun eisem Land. De Budget fir d'Joer 2015 gëtt e kruziale Budget. Wou kann ee reagéieren? Och do wäert ech näischt Neies erzielen, well klasseschereis dräi Domänen a Fro kommen: d'Steieren an d'Luucht setzen, d'Investissementer erofsetzen, d'Ausgaben drosselen oder eng Kombinatioun vun desen Elementer.

Ech mengen, dass, wann een de Pak kuckt, deen haut zum Vote an der Chamber wäert kommen, dann ass dee wesentlech méi équilibréiert, wéi gewësse Leit dat wouerhunn. Et ass richtig a leider ass et esou, dass et dräi Versuch gebraucht huet, bis de Pak do war, wou en ass. Do kann een net derlaanschtrieden. Dat ass net super gelaf, wéi dat zustane komm ass.

Mä wat dat Wichtigst ass, a mengen Aen, dat ass d'Resultat, wat hannen erauskënnt. Am

Contraire zu deem, wat verschidde Leit permanent nach ëmmer soen, mengen ech, dass nottamment duerch dee leschte Pak ee ganz staarke Rééquilibrage zum Beispill tëschent de Steieren, déi op (veuillez lire: vun) de Betriber an de Steieren, déi op (veuillez lire: vun) de private Persounen abezuelet ginn, dass deen do ass.

Mir müssen eis Steiereinnahmen, déi mussen mer weiterentwéckelen. Mir brauchen nei Domänen, an deene Steiere bezuelet ginn. A mir wäerten héchstwahrscheinlech net derlaanschtkommen, op deem engen an deem anere Punkt och nach an deenen nächste Joren un der Schrauf e bëssen ze zéien. Mä mir müssen awer oppassen, dass mer de Bou net dobäi iwwerspannen, dass mer net déi Äscht, op deene mer setzen, dass mer déi eis eigentlech ënnert dem Kicke ewechhuelen.

Besounesch eis Haapteinnahmequell, déi véier, 4,5 Milliarden, déi mer aus der Finanzplaz kréien, op déi mussen mer ganz gutt oppassen. Ech gehéiere wierklech net zu deenen, déi der Meenung sinn, dass guer näischt därer geschéien. Mä et muss een, bei all eenzelne Schrëtt muss ee genau kucken, wat ee mécht an enger internationaler Konkurrenz, fir dass een net op eemol aus enger gutt gemengter Solutioun, déi een ubitt, a well een onbedéngt wëllt verschidde Parameteren an den Équilibre setzen, herno e Resultat huet, wat dat Resultat eigentlech net ass, wat ee gären hätt.

Mir hunn dann decidéiert, dass mer d'Investissementer géifen erofsetzen. Ech hu virdu scho gesot, dass d'Investissementer historisch Heichten haten. Dofir kann ech eigentlech och net domadder d'accord sinn, wann elo esou gemaach gëtt, wéi wa mer de Mëttelstand géife vernoléisegen.

Ech mengen, dass an deene leschte Jore fir kee Secteur hei zu Lëtzebuerg duerch eng héich Investitionsquot, déi nach ëmmer eng ganz héich Investitionsquot wäert bleiwen - well mir si bei bal 15% Investitionsquot, dat gëtt et an Europa bal net -, besounesch de Mëttelstand ënnerstëtzen, besounesch déi kleng Betriber ënnerstëtzen, déi d'Réckgrat vun deem Deel vun der Ekonomie sinn, op dee mer nach en Afloss eigentlech hunn duerch déi Politik, déi mer maachen, wa mer intelligent an eisem Budget Optrag ginn.

Ob allerdéngs de Secteur, en tant que tel, net awer iergendwou an enger Zort vu Surrégime ass, dee Secteur wéi och aner Secteuren, dat ass op engem anere Blat nees ze gesinn. Dass, wann ee manner Moyenen zur Verfügung huet, ee vläicht net méi alles ka maachen, dass ee sech Prioritéiten muss setze selbstverständlech, an dass Adaptatiounen noutwendeg wäerte sinn.

Da kommen ech zum Kapitel vun der Reduktioun vun den Dépenses. Déi eng sinn der Meenung, dass op der Dépensésäit guer näischt geschitt ass, dass et eigentlech e Witz wier, wat do ass. Anerer sinn der Meenung, dass d'Hauptbelaaschtung op der Säit vun den Dépenses läit.

Ech mengen, dass mer e gudden Équilibre fonnt hunn an der Balancéierung tëschent deem engen an deem aneren, no enger Rei vu Kritären, zu deene mir stinn als CSV. An dat ass de Kritär vum sozialen Ausgleich: Breet Schëlleren droe méi wéi schmuelt Schëlleren. An dat ass manifest. A bal allen eenzelne Mesuren, déi geholl gi sinn, ass dat de Fall.

Den Ausgleich tëschent Leit a Betriber, esou wäit wéi e méiglech ass, an ech mengen, dass dee relativ gutt elo dosteet, an och den Ausgleich tëschent de Generatiounen. Och den Ausgleich tëschent de Generatiounen, well mer um Niveau vun der Aarbechts... vun der Aarmutsgrenz a vum Aarmutrisiko haut an enger Situatioun sinn, dass den Aarmutrisiko eigentlech bei deene jonke Leit ass, bei de Familles monoparentales, an dass e manner do ass, wou e fréier emol eng Kéier war, bei deene Leit, déi an der Pensioun sinn.

De Pak ass also, an eisen Aen ass en équilibréiert. E geet, wat d'Besteuerung ubelaangt vun eisem Hauptsecteur, relativ wäit. Ech gesinn eigentlech net, wéi mer do nach masseg kéinten droptässelen, ouni pervers Reaktiounen vum Marché ze kréien. A wa mer de Mëttelstand weider wëllen ënnerstëtzen, gesinn ech och net richtig - well aus den Investitiounen awer e relativ zolitte Pak aus deene Progressiounen, déi sollte kommen, erausgeholl ginn ass -, wéi mer do kënnen virugoen.

Dee schwéieren Deel, Dir Dammen an Dir Hären, dee läit awer nach virun eis an dee wäert nach fir esou munchen Diskussiounen, och heibannen an dobaussen, suergen. Dat ass deen, wéi mer et fäerdegbréngen, fir de Budget strukturell an deenen nächste Joren nach eng Kéier ëm 6% bis 8% bis 10%, jo nodeem wéi d'wirtschaftlech Situatioun ass, strukturell ze entlaaschten, fir dass mer net weider un der Scholdeschrauf müssen dréien, déi unweiger-

lech eis den Triple-A an och domadder e groussen Deel vun eiser wirtschaftlecher Aktivitéit wäert kaschten.

Et gëtt Beispiller: Irland ass fir mech e Beispill. Irland hat e ganz substanzielle Problem. Déi hunn hire Budget ëm 25% entlaascht. Ëm 25% sinn déi am Volume vum Budget erofgaangen! Si hunn et gepackt. Ech froe mech, ob et eppes mat der Mentalitéit vun deene Leit ze dinn huet, dass déi iwwer Jorhonnerten eigentlech méi resistent gi sinn.

Mä et ass dach eigentlech eng Bravourleeschtung, wéi do e Vollek op enger Insel et fäerdegbruecht huet, fir vun engem Joer zum aneren, well déi genau dee Problem haten, dee mir risquéieren ze kréien, nämlech eng Surchauffe um Niveau... oder eng Restrukturatioun an eng Reorganisatioun vun der Finanzwelt. Déi hu vun engem Joer zum aneren de Budget ëm 25% entlaascht an hunn et fäerdegbruecht, fir dat ze maachen.

A Griichenland, wat een anere Wee gaangen ass, déi d'Saache lafe gelooss hunn, déi net reagiert hunn an déi eigentlech elo de Präis bezuele vun deem, dass d'Politik an d'Gewerkschaften an d'Sozialpartner viru fënneg a sechs a siwe Joer eigentlech net déi Politik gemaach hunn, déi se hätte misse maachen. A wa mer berechteterweis eis zu Lëtzebuerg d'Fro stellen, wéi een da mat Mindestlén, mat Renten, mat Paien, wéi se a Griichenland elo nach bezuelet ginn, kann auskommen - berechtigterweis! -, da wëll ech einfach soen, dass de Credo vun eis ass, fir alles ze maachen, fir ze verhënnern, dass mer iwwerhaupt dohinner kommen!

Dass mer net deene Stëmmen noginn, och hei am Haus an dobaussen, déi soen: Ma macht näischt, gitt an d'Verschëldung, loosst d'Saache lafen, an da kucke mer! Déi awer keng Äntwert drop ginn, wat da geschitt, wa mer d'Kéier net vum selwe kréien, an déi dann a fënneg oder an zéng Joer wäerte kommen an eis soen: Ma lauschttert, Kolleegen, Dir hutt jo eigentlech Är Aarbecht net gemaach virun zéng Joer!

Well genau déiselwecht Leit a Griichenland, déi elo deene Regierungen, déi elo der Politik de Virwurf maachen, dass se hir Aarbecht net gemaach hunn, dat sinn déi, déi virun zéng Joer a virun aacht Joer a sechs Joer d'Méiglechkeet gehat hätten, fir et aneschtens ze maachen, an déi et net gemaach hunn!

Wann een de Budget vun eisem Land op der Dépensésäit da kuckt an et gesäit een, dass mer 45% an eisem Budget eigentlech Transfers sociaux hunn, 15% Investissementer, 20% Paien an 20% Divers, woubäi den Divers vun de Leit ganz oft als déi sougenannt Konsumausgaben ugesi ginn, wat et awer net ass - well an deem Divers vun 20% sinn och d'Transferenten un d'Entreprises, d'Transferenten un d'Gemengen nottamment dran; et sinn och d'Loyeren dran, déi de Stat bezilt; et sinn d'Aarbechten dran, déi um Stroossenetz, um Schinnennetz gemaach ginn; déi normal Reparaturaarbechten, déi lafen ënnert där Rubrik -, dann ass dee Saz, deen do seet: „De Stat soll bei sech selwer spueren“, dee geet leider net duer.

Well wann een objektiv de Volume kuckt, deen ënnert där Rubrik do leeft, deen de Stat selwer eigentlech just fir sech verwalt, da sinn dat, mengen Aschätzungen no, manner wéi eng Milliard Euro. Manner wéi eng Milliard Euro!

Jo, wann een awer en Defizit huet oder en Delta huet, deen 1,5 Milliard ass, an deen dote Posten a senger Gesamtheit ass manner wéi de Montant, a mir gi jo net dovun aus, dass mer de Leit kee Bic méi bezuelen, dass keen Auto méi kaaft gëtt, dass keng Luucht méi wäert agestallt ginn och beim Stat, a mir hunn awer haut eng Rei vu Punkten an Domänen héieren, wou nach ganz staarken Nohuelbedarf ass, wou nach méi muss eigentlech geschéien, an déi Leit jo och ëmmer nees fir sech selwer eng Rei vu Chargen hannendru generéieren, dann, mengen ech, muss een an déi aner Rubrike kucke goen, fir zu deem Gesamtéquilibre ze kommen.

Eigentlech wollt ech jo net iwwert d'Gemenge schwätzen. Mä den Här Bausch an den Här Gibéryen hu mer awer elo eng Virlag ginn, déi ee wierklech net ka laanschtgoe loosse.

Den Här Gibéryen seet... An ech muss soen, Här Gibéryen, heiansdo verstinn ech lech an heiansdo net.

► **M. Gast Gibéryen** (ADR).- Dat kënnt vir.

(Hilarité)

► **M. Camille Gira** (*déi gréng*).- Et geet eis och esou mat lech.

► **Une voix**.- Dat geet eis och esou!

► **M. Michel Wolter** (CSV).- Jo, dat wonnert mech net. Et ass och gutt esou, an Ärem speziellesche Fall.

► **M. Gast Gibéryen** (ADR).- Dir hutt eng schlecht Analys bis elo gemaach, Här Wolter, Dir hutt nach keng...

► **M. Michel Wolter** (CSV).- Dir sot, an der Finanzkommissioun wier den Innenminister mat enger Propos komm vun der Regierung, fir bei de Gemengen ze spueren, an dunn hätt de President vun där Commissioun, an do hutt Der gesot, dat wär den Här Wolter, an deen ass jo Buergermeeschter do vu Bascharage...

► **M. Gast Gibéryen** (ADR).- Alles richtig!

► **M. Michel Wolter** (CSV).- En ass Buergermeeschter vu Käerjeng.

(Hilarité et interruptions)

Dunn hätt dee gekuckt, an do wär a senger Gemeng - hopp, hopp - 35%, an du wär den Dossier zougemaach ginn.

Ech froen all déi aner Kolleegen an der Finanzkommissioun, déi deen Dag derbäi waren, ob d'Diskussioun esou gelaf ass. Ass d'Diskussioun esou gelaf? Oder war d'Diskussioun net déi, dass festgestallt ginn ass...

► **M. Gast Gibéryen** (ADR).- Et war eng ganz Rei vu Froen, wou keng Äntwerte komm sinn,...

► **M. Michel Wolter** (CSV).- Jo, an dunn...

► **M. Gast Gibéryen** (ADR).- ...an no zéng Minutte war et eriwwer.

► **M. Michel Wolter** (CSV).- Et war relativ séier eriwwer, well effektiv d'Regierung e Konzept definéiert hat, awer an der Finanzkommissioun op déi Fro, déi vun den Deputéierte gestallt ginn ass, wat fir eng Répercussiounen dat dann hätt, keng konkulent Äntwert am Detail konnt ginn, soudass mer de Minister gefrot hunn, fir dat weiterentwéckelen an dann erëmzekommen an d'Finanzkommissioun, fir doriwwer ze diskutéieren. Dat ass dat, wat mer an der Finanzkommissioun gesot hunn.

A wann ech op d'Gemeng Käerjeng eng Sekonn dann därer agoen, well Der sot, ech hätt dat do gekuckt, da wëll ech lech soen, dass, wann een am Ranking op der Plaz 110 ass vun 117 Gemengen, wat d'Repartitioun vun de Steieren ass, da géif déi dote Geschicht där Gemeng, wou ech eben elo Buergermeeschter sinn, entgéintkommen, well eisen Taux géif nämlech an d'Luucht goen, well wann deen 110. vun 117, wann deen net an d'Luucht geet am Taux, da geet keen an d'Luucht.

(Hilarité)

► **M. Gast Gibéryen** (ADR).- Neen, neen, bei de Subside läit awer...

► **M. Michel Wolter** (CSV).- An et ass och net deen Éischten an et ass och net dee Sechsten an et ass och net deen Zwieleften an der Rei.

► **M. Gast Gibéryen** (ADR).- Bei de Subside waren et...

► **M. Michel Wolter** (CSV).- Ech soen lech, deen 110., egal wien et ass, an deen 112., mengen ech, ass de Kolleg vu Suessem an där Dénge, deenen hire Pourcentage géif eropgoen.

► **M. Gast Gibéryen** (ADR).- Neen.

► **M. Michel Wolter** (CSV).- Dat heescht eigentlech, wann ech esou wier...

► **M. Gast Gibéryen** (ADR).- Neen.

► **M. Michel Wolter** (CSV).- ...wéi Dir mech hei duergestallt hutt...

► **M. Gast Gibéryen** (ADR).- Neen, neen!

► **M. Michel Wolter** (CSV).- ...dann hätt ech jo misse kucken, fir an der Finanzkommissioun dat doten duerchzedrecken.

► **M. Gast Gibéryen** (ADR).- Neen, neen! Neen, neen!

► **M. Michel Wolter** (CSV).- Wat mer net gemaach hunn, Här Gibéryen. Mir hunn eng propper Diskussioun gefouert.

► **M. Gast Gibéryen** (ADR).- Neen. Neen.

► **M. Michel Wolter** (CSV).- An de Résumé, deen Dir hei gemaach hutt,...

(Interruption)

...an deem Der d'Leit wollt duerstellen,...

► **M. Gast Gibéryen** (ADR).- Neen, neen.

► **M. Michel Wolter** (CSV).- ...deen ass absolut net korrekt.

► **M. Gast Gibéryen** (ADR).- Dat ass net richtig, Här Wolter.

► **M. le Président**.- Här Gibéryen, stellt Der eng Fro?

► **M. Gast Gibéryen** (ADR).- Jo, ech wollt eng Fro stellen. Ech wollt eng Fro stellen.

► **M. le Président**.- Dir kritt jo herno nach eng Kéier...



► **M. Gast Gibéryen** (*ADR*).- Neen, ech wollt eng ganz prezis Fro stellen.

► **M. le Président**.- Dann eng ganz prezis Fro.

► **M. Gast Gibéryen** (*ADR*).- Ech wollt den Här Wolter froen, ob hien domat averstanen ass mat mir, datt déi Proposition, déi de Minister gemaach huet, dat war eng Proposition, wéi vill Subsidien an Zukunft déi eenzel Gemengen nach kréichen. An dat ass vun uewen erofgaangen. Dat war am Zusammenhang mam Impôt commercial, deen d'Gemenge kréien. A wann d'Gemengen do méi kritt hunn, wat se manner Subside kritt hunn.

Ech mengen, et waren néng oder zéng Gemengen, déi kréichen nach null Subsid. An da war d'Gemeng Käerjeng, mengen ech, déi kréich nach 35% Subsid. Aner Gemenge kréichen nach 70 oder 80% Subsid. Doriwwer ass diskutéiert ginn. Et ass net diskutéiert ginn, wat d'Gemenge méi kréichen. Et ass driwwer diskutéiert ginn, wéi vill datt d'Gemengen an Zukunft nach vum Stat bei Projeten als Subsid géife bäikréien.

Ech wollt froen, ob et dat war, wat mer geschwat hunn?

► **M. Michel Wolter** (*CSV*).- Dat, wat mer geschwat hunn, ass...

► **M. le Président**.- Den Här Innenminister wëllt och nach eng Fro stellen, Här Wolter.

(Hilarité générale et interruptions)

► **M. Jean-Marie Halsdorf**, *Ministre de l'Intérieur et à la Grande Région*.- Neen, ech wëll, ech erlabe mer wirklech hei d'Wuert ze huelen, well déi Diskussioun amgaangen ass esou résuméiert ze ginn, wéi se net war. Kloer ass, dass mer zesummen zur Konklusioun komm sinn, dass déi Iddi, fir d'Subsidien ze nuancéieren am Sënn vun der Situation financière vun de Gemengen, dass dat eng Déclaration d'intention war. Dat ass nämlech dat Wuert,...

► **Une voix**.- Oh!

► **M. Jean-Marie Halsdorf**, *Ministre de l'Intérieur et à la Grande Région*.- ...wat de Président, wat de President...

► **Une voix**.- Dann erliewe mer dat jo net méi!

(Hilarité générale et interruption)

► **M. Jean-Marie Halsdorf**, *Ministre de l'Intérieur et à la Grande Région*.- Et ass dat Wuert, dat de President vun der Kommissioun gesot huet. Dat heescht, et war eng Iddi, fir dat ze développéieren, a mir waren eis eens, dass een déi net kann einfach esou résuméieren.

A mir sinn eis gradesou eens,...

(Interruptions diverses et hilarité)

...dass dat, wat den Här Gibéryen elo seet, och net méiglech ass. D'Diskussioun ass net esou gefouert ginn. Si ass vill méi global gefouert ginn. A mir sinn zur Konklusioun komm, dass mer dat sollten an engem globale Kontext diskutéieren.

Dofir mengen ech, de Moment, wéi d'Diskussioun amgaangen ass, dat ass falsch.

(Interruptions)

► **M. le Président**.- Neen hei, ech kann awer elo net hei eng Diskussioun hei...

(Interruptions diverses)

► **Une voix**.- Dat war awer interessant elo!

► **M. le Président**.- Jo, ech géif elo bieten, neen, also neen, mir fueren elo hei der Rei no. Elo fiert de Michel Wolter virun.

(Interruption)

Herno kann den Innenminister nach eng kéier intervenéieren. D'Regierung huet jo nach genuch Zäit. An den Här Gibéryen an den Här Bausch och nach eng kéier, wa se dat wëllen. Elo schwätzt de Michel Wolter.

► **M. Jean-Marie Halsdorf**, *Ministre de l'Intérieur et à la Grande Région*.- Fir et kuerz ze maachen, ech schlësse mech deem un, wat den Här Wolter gesot huet, well dat ass méi no bei der Wourecht wéi dat, wat den Här Gibéryen gesot huet. Voilà.

(Brouhaha)

► **M. Michel Wolter** (*CSV*).- An ech wollt dann op d'Ausféierunge vum Kolleg Bausch vun deene Grénge virdrun erakommen.

► **Une voix**.- Ah!

► **M. Michel Wolter** (*CSV*).- Ech muss soen, jo, an ech maachen dat wirklech esou, mengen ech, wéi een et soll maachen.

Ech war erstaunt, wirklech erstaunt, dass beim City-Breakfast vun der Stad Lëtzebuerg de Moien an engem Moment, wou eigentlech nach keng Diskussioun ass, schonn de Schäfferot ufänkt ze reagéieren.

Dat ass esou e bëssen d'Geschicht vum Keele-spill. Et gëtt eng Klatz erfogehait an ënnen ass iergendeen, dee mengt, se wär fir hien.

Ech sinn d'accord mat lech, Här Bausch, wann Der sot, et kann een net d'Joer 2011 huelen. Ech sinn absolut mat lech d'accord. Kommt, mir eenegen eis drop, dass mer fënnef Joer huelen. An da kucke mer, wéi d'Transferte sinn um ICC a wéi d'Transferte sinn um FCDF iwwer fënnef Joer.

► **Une voix**.- Très bien!

► **M. Michel Wolter** (*CSV*).- Jo, ee Moment, da gitt einfach engem eng Chance, dräi Sätz hannereneen ze soen!

► **Mme Viviane Loschetter** (*déi gréng*).- Mir ginn lech eng Chance.

► **Une voix**.- Mir ginn lech eng.

► **M. Michel Wolter** (*CSV*).- Dass ee fënnef Joer hält. Da stellt een zum Beispill fest, dass an enger Fënnef-Jores-Moyenne d'Gemeng Betzder 4.300 Euro an e puer Zerquetschterer kritt pro Awunner. D'Gemeng Nidderaanwen als Zweet 3.800 an e puer an d'Gemeng Lëtzebuerg 3.800, quasi och.

(Interruption)

Jo. An op där anerer Säit stellt een dann awer och fest, dass et Gemenge gëtt wéi zum Beispill d'Gemeng Suessem, déi kritt an enger Fënnef-Jores-Moyenne 2.052 Euro.

► **Une voix**.- Dat ass net richtig.

► **M. Michel Wolter** (*CSV*).- 2.052 Euro par rapport zu enger Moyenne, déi dann an der Fënnef-Jores-Moyenne net bei 2.900 läit, mä bei 2.650 läit. D'Gemeng Diddeleng...

(Interruption)

D'Gemeng Diddeleng, déi eng regional Kompetenz huet,...

(Interruption)

► **M. Camille Gira** (*déi gréng*).- Ah jo, pardon.

► **M. Michel Wolter** (*CSV*).- ...kritt 2.194 Euro. 2.194 Euro als regionalen Zenter! An d'Gemeng Ettelbréck, och e regionalen Zenter am Norden, kritt 2.152 Euro.

► **M. Camille Gira** (*déi gréng*).- Nach ze vill.

► **M. Michel Wolter** (*CSV*).- Nach ze vill, sidd Dir der Meinung. Jo, okay.

(Hilarité)

► **M. Camille Gira** (*déi gréng*).- Dir hutt keen Humor, Här Wolter.

► **M. Michel Wolter** (*CSV*).- Déi Gemeng, déi am mannste kritt am Land an der Fënnef-Jores-Moyenne, ass Keel.

(Interruptions)

Keel. 2.017 Euro. Do sinn ech d'accord, wirklech d'accord, dass een och d'Awunnerzuel net eleng kann als Kriter huelen. Dat kann ee wirklech net maachen.

► **Une voix**.- Richtig.

► **M. Michel Wolter** (*CSV*).- Mä et ass awer emol eng éischt Indikatioun, fir ze kucken, ob s de par rapport zu engem System, deen an den 80er Joren développéiert ginn ass, nach an engem Trend bass, deen okay ass, oder net.

Mir hunn 2002 den IVL gemaach. Mir hunn ee Gesetz gemaach iwwer Landesplanung. Mir hu gesot, mir hätte gare regional Zentren. Ech sinn nachdrécklech der Meinung, dass d'Stad Lëtzebuerg méi muss kréie wéi all aner Gemeng am Land, well d'Stad Lëtzebuerg huet aner Verpflichtungen. Ech hätt just gären, dass mer eng kéier objektiv driwwer diskutéieren, wat dann déi Aufgabe sinn, an ob déi eng Differenz...

(Interruptions)

Jo. An ob dat... Jo, dat hu mer iwwregens och an enger Spezialkommissioun diskutéiert, hei an der Chamber.

(Interruptions)

Et ass net nëmmen den Innenminister an dësem...

► **M. Camille Gira** (*déi gréng*).- Da soll en Neel mat Käpp maachen, wéi en ëmmer seet.

► **M. Michel Wolter** (*CSV*).- Et ass net nëmmen den Innenminister an dësem Land. Et ass eng Rei vun Donnéeën, déi mer elo hunn. Missiounen, nationaler, regionaler. Ech kann absolut domadder liewen, dass mir iwwert den öffentliche Transport diskutéieren.

Et sinn zéng Gemengen an dësem Land, déi leeën e relativ substantielle Montant beim öffentlichen Transport bäi. Discutons! Discutons! Quelle est la part communale? Quelle est la part régionale? Quelle est la part nationale?

Ech sinn absolut d'accord, dass mir iwwert d'Pompjeeë vun der Stad Lëtzebuerg disku-

téieren. Ech hu scho virun iwwer zéng Joer Propositione gemaach an déi Richtung. Viru 15 Joer sinn ech op engem Kongress vun de Pompjeeë schonn ausgelaacht ginn, wéi ech hinne gesot hunn, hire System géif net goen.

Mir hunn an d'Gesetz ageschriwwen, dass mer national, regional, lokal Zentre kréichen. Ech sinn absolut der Meinung, dass mer iwwert de Statut vun de Beruffspompjeeë mussen diskutéieren. Ech sinn awer genausou der Meinung, dass, wa mer gare regional Zentren hätten, mer eis mussen d'Fro stellen, notament am wäiten Norden, ob een dann an deem Kader do net awer och iergendwou eng Trupp muss setzen hunn, déi à même ass, fir déi Kilometeren a Kilometeren ofzedecken, déi ganz wäit sinn.

Mais discutons! Discutons de cela. Kommt, mir kucken: Wat sinn d'Aufgaben, déi do sinn?

(Interruption)

Ech sinn d'accord iwwert den Theater. Et ass villes, wat um Mengesekret selwer scheitert. Ech ginn lech e Beispill, et ass nach aus menger Zäit: d'Conservatoires, d'Museksschoulen. Do hate mer proposéiert, dass eng Péréquation géif gemaach ginn tëschent de Gemengen. U wem ass dat da gescheitert? Dat ass gescheitert un de Gemengen, net um Innenminister. Et ass un de Gemenge gescheitert, well déi sech net eens gi sinn, fir eng Péréquation ënnert de Gemengen ze maachen! Wat nun awer wirklech dat... An et sinn eng Rei Regionen, déi hunn et fäerdegbruecht. Mä et sinn eng Rei Regionen, déi hunn et net fäerdegbruecht.

Wann ech also Äre Bättrag als e Bättrag gesinn, fir ze soen: „Kommt, mir diskutéieren“, mä da kommt, mir diskutéieren a mir zéien awer och Konklusiounen! Well et kann awer ganz reell net sinn - ech kucken elo mäi Kolleg vu Suessem, deen nun awer eng vun deene gréissten..., also, si sinn net kontinuéierlech, mä et huet kaum een am Land méi Industriezone wéi deen.

Wann ech deem seng ganz Gemeng kucken: Dee kritt iwwer fënnef Joer 2.052 Euro pro Awunner. Firwat? Ma well bei där Haaptentnahmequell, déi mer zu Lëtzebuerg hunn, eigentlech déi Gemengen, déi deen Deel vun der Wirtschaft droen, deen Aarbechtsplaz schafft, awer keng Revenuë méi generéiert, well déi am Modus, wéi d'Repartitioun ufanks den 80er Jore festgeluecht ginn ass, reell awer défavoriséiert gi par rapport zu deem, wat se hunn.

► **Une voix**.- Ufanks den 90er!

► **M. Michel Wolter** (*CSV*).- Neen, neen, ufanks... Jo, Enn den 80er, ufanks den 90er Joren. Richtig, richtig!

Sou! An dann hunn ech nach ee Kritär vergiess, deen a mengen Aen och muss erakommen, an dat ass d'Étendue vun de Gemengen. Eng kleng Gemeng mat enger Sektoun oder mat zwou Sektounen, mat engem Dénge, ass aneschtens ze considéieren, wéi eng Gemeng, déi 24 oder 26 Dierfer huet. An da muss een also e System fannen, wou ee seet, mir deelen déi Suen, déi kommen. Mir setzen e Minimum fest, wou mer soen, ënner e gewëssene Minimum ka kee falen. An ech fannen, dass 75% vun der Moyenne, dass dat eigentlech ënnert dem Minimum ass, deen an enger tant soit peu logescher Verdeelung vun de Suen ass.

An ech mengen - an dat misst een awer nokuken -, dass de System eigentlech déi lescht fënnef, sechs Joer sech esou lues a lues ganz staark geännert huet, dass et virdrun net esou dramatesch war, wéi et elo ass.

Kommt, mir setzen eis beieneen! De Président vum Syvicol ass heibannen. Also, tous les interlocuteurs quasiment sont là. Discutons et trouvons une solution. Ech wëll keng Diskussioun, ech wëll se wirklech net féieren, eng Diskussioun. An et ass net nëmmen d'Regierung, et ass och de Syvicol, et sinn och d'Gemengen, et ass och d'Fro: Sinn dat doten d'Kritären oder kommen nach anerer derbäi? An da muss mer kucken, dass mer eng Léisung fannen.

Mä déi Situatioun, wéi se elo ass, dass eigentlech Gemengen do sinn..., an déi sech dann nach Remarquë mussen maache loosse! Dat hunn ech den... Ech soen et net, en ass net hei. Ech hätt léiwer gehat, e wär hei, dann hätt ech em et gesot, ech soen et an enger anerer..., eng aner kéier soen ech em et.

Ech wëll awer soen, wann ee 4.400 Euro pro Awunner kritt an et mécht een de Spunnes mat deenen, déi 2.200 Euro kréien, andeem een deene Leit seet: „Wann Dir besser géift gérieeren, da géift Der hanne gutt erauskommen“, gleef mer et, dat fannen ech eigentlech net ganz - neen, net Dir, neen, neen! -, dat fannen ech eigentlech net ganz fein! Ech fannen et wirklech net fein. Ech fannen et net gerecht.

Mettons-nous autour d'une table. Discutons et trouvons une solution! Mä par rapport zu enger Moyenne an engem System ze bleiven, wou déi eng 200% an 220% an 250% vun der

Moyenne kréien an déi aner 75% vun der Moyenne, ech mengen net, dass dat e System ass, deen ee soll à terme bäibehalen.

Ech kommen dann eigentlech zu deem zréck, wat ech mer préparéiert hat, well ech nach e puer Punkten awer hunn, déi och de Mëtten hei vun deem engen oder deem aneren ugeschwat gi sinn, mat deenen ech nu wirklech net kann d'accord sinn. An et gëtt e bësse résuméiert an engem Leitartikel, dee gëschter an enger Escher Zeitung war, intituléiert: „Schwarzer Monat“, sou steet do.

Et gëtt sechs Theesen, éischstens emol...

(Interruption)

Theesen - sechs Theese ginn do vertratt. Dat Éischt ass, dass mer an deene leschte Wochen hei eng onsozial Rentereform gestëmmt hätten. Ech wëll kloer an däitlech nach eng kéier am Numm vu menger Partei soen, dass mir der Meinung sinn, dass mer eng sozial, op d'Zukunft ausgerichte Rentereform gestëmmt hunn, déi héchstwahrscheinlech an hirem laangfristegen Aarm - deen ass nach net breed genuch an net wäit genuch - gräift fir déi Eerausfuhrderung, déi mer hunn. An déi besteet doranner, där nächster Generatioun och nach eng Pensioun kënnen ze ginn, an net nëmmen dëser Generatioun. Dass déi net onsozial war, mä dass se éischer vläicht nach - a si wäert doudsécher nach - an deenen nächste Jore muss adaptéiert ginn un d'Gegebenheeten.

Et gëtt da gesot - mä dat kann ee stoe loosse -, déi zweet Versioun, also eigentlech déi definitiv Versioun um Budget, déi hätt keng Verbesserung bruecht. Ech hu virdrun a menger Ried erkläert, firwat dass ech der Meinung sinn, dass dee Pak, deen elo vun der Majoritéit presentéiert gëtt, wesentlech méi ausgeglach ass, wéi dat am Ufank de Fall war.

Et gëtt dann d'Thees eigentlech vertrueden, fir ze soen: E gudde Budget ass e Budget, an deem nach méi verdeelt gëtt, ouni dass awer d'Äntwert op d'Fro kënn, wann een déi Verdeelung eigentlech mat Sue muss maachen, déi een net huet, dass een déi Verdeelung mécht mat Suen, déi ee muss léine goen, wat fir eng Äntwert een dann a fënnef oder a siwen oder an zéng Joer deene Leit gëtt, déi dann dat, wat een elo verdeelt huet a wat een net huet, mussen mat Zëns an Zënsezëns zréckbezuelen.

Et gëtt weider behaupt, dass eigentlech dat Ganzt op de Bockel vun der Mëttschicht - Mëttschicht ass jo e wonnerbaren Term hei zu Lëtzebuerg - geet. Ech wollt als Präsident vun der CSV soen, dass ech stolz drop sinn, dass mir hei zu Lëtzebuerg eng vun deene breetste Mëttschichten an Europa hunn, wann net déi breetste Mëttschicht! Et gëtt kee Land an Europa, wou méi Leit an der Mëttschicht dra si wéi zu Lëtzebuerg, opgrond vun enger Politik, déi mer wëssentlech a wëllentlech gemaach hunn.

Mir hunn, an dat ass schonn e puermol gesot ginn, 5% vun de Leit, déi 50% vun der Akommessteuer bezuelen. 40% bezuele keng Akommessteuer. Wann een dat kuckt um Niveau vun den Zuelen am Revenue, da stellt ee fest, dass 5,66% vun de Stéit zu Lëtzebuerg e besteierbart Akommes hunn, wat méi héich ass wéi 10.000 Euro de Mount, 5,66%. An 1,29% vun de Stéit zu Lëtzebuerg hunn e besteierbart Akommes vu méi wéi 20.000 Euro de Mount. Ech weess net, wou bei deem engen d'Mëttelschicht ugeet a wou se ophéiert. Mä ech weess awer, dass, wa mer iwwer „les grands revenus“ schwätzen, wa mer emol kucken, wat a Frankräich en „grand revenue“ ass: En „grand revenue“, dat ass e Revenue, deen iwwer eng Millioun Euro verdéngt. Där gëtt et zu Lëtzebuerg net ganz vill.

Mir si bei deene Leit mengetwegen, déi Statsbeamte sinn, wou déi zwee schaffe ginn, si mer an deenen dote Kategorien, iwwer 10.000 Euro de Mount. An dann ass et kloer, dass, wann ech eigentlech eng Politik hunn, an där 40% vun de Leit - och aus enger wëssentlecher Politik - keng Steiere bezuelen an de Gros vun de Leit eigentlech an deem Mëttelpak do sinn, dass, wann ech muss Ajustementer maachen, wann ech Réadaptatiounen muss maachen, jo, dann ass kloer, wou ech se muss maachen!

Ech kann zu deenen 1,29% iwwer 20.000 Euro de Mount, wou ech nu wirklech nach net der Meinung sinn, dass dat..., ech kann zu deene soen: „Majo, Dir musst nach!“ Just, dat, wat déi nach méi géife bezuelen, dat ass a kengem Verhältnis zu deem, wat mer brauchen an eisem Budget. An de Risiko besteet, jee nodeem, wéi wäit dass de dat Ganzt dreifs - an ech wiere mech wirklech net dergéint, dass een do nach



an Zukunft eng Rei Saache ka maachen -, jee nodeem, wéi wäit dass ee geet, riskéiert een nawell ganz séier, dass déi sech da soen: „Majo, da brauche mer an deem schéine Lëtzebuurger Land awer net méi ze sinn. Well da gi mer éiereens an e Land, wou...“ Well déi doten, déi si mobil. Déi si mobil, déi uewen op der Skala. Déi si mobil a se si ganz oft och nach déi, déi déi Betriber hunn, vun deene mer a mat deene mer gutt liewen.

► **Une voix.** - Très bien!

► **M. Michel Wolter** (CSV). - An all Etüd, an den Här Lux huet et gesot, all Etüd weist jo, dass niewent dem Revenue och nach enger Komponent wichteg ass, an dat ass d'Verdee-lung um Niveau vun de Familljenzoulagen. Et gëtt kee Land wéi Lëtzebuerg, mengen ech, wat par rapport zu sengem PIB - den Här Lux... ech hunn et gëscher emol op jidde Fall och esou gesinn -, par rapport zu sengem PIB méi u Familljenzoulagen ausschëtt wéi Lëtzebuerg. 14% vum PIB, huet e gëscher gesot. Dat si jo alles Revenuen, déi net besteiert eigentlech bei déi Basis derbäikommen, iwwert déi mer disku-téieren.

An dann, an dat ass déi Haaptthees, där ech wierklech heftig wëll widersprechen, dat ass déi Thees, déi seet, dass d'Reduktioun vun der Kafkraaft, ëmmer gesinn an deem, wat mir elo am Budget fir 2013 maachen, „...führt unwei-gerlich zu einer Verlangsamung der Ökonomie, was wiederum negative Auswirkungen auf den Arbeitsmarkt“ hätt. Also déi Thees, dass eigent-lech, wann ech mäi Budget an den Équiliber wëll bréngen um Niveau vun der Dépensésäit, ech domadder d'Kris méi schlëm maachen.

Ech sinn d'accord, dass dat a Länner de Fall ass an och war. An dat ass jo och beschriwwen elo ginn am Fall Griichenland, déi hir Geschicht esou wäit komme gelooss hunn, dass se hu missen déi Mesuren huelen. Déi hunn elo fest-gestallt, dass eigentlech duerch dat, wat si méi aus dem PIB eraushuelen, d'Konsequenz dovun um Niveau vun de Recetten nach méi drama-tesch ass.

Mä de Statec - an de Statec gëtt dann hei eigentlech gebraucht, fir ze soen, dat ass esou zu Lëtzebuerg - stellt a senger Analys fest, dass bei deenen 2% PIB, déi mer eraushuelen, dat en Impakt op d'Recettésäit senger Meenung no vun 0,3 bis 0,5% hätt. Domat gëtt en eigent-lech deene Mesuren, déi mer gemaach hunn, eng exzellent Zensur. Wann dat dann esou gewollt wier.

Mä e weist awer a mengen Ae ganz kloer och dorobber hin, dass d'Konstitioun, d'Aart a Weis, wéi de PIB sech zu Lëtzebuerg forméiert, eigentlech net an der Linn ass mat deem, um Niveau vun deem, wat mer amgaange sinn ze maachen, mä dass e sech haaptsächlech alt nees atypescherweis zu engem ganz groussen Deel duerch d'Formatioun vu Kapital an ane-rem um Niveau vun der Bankeplaz, vun der Fi-nanzplaz organiséiert.

Dass e beträchtlechen Deel och iwwert de Grenzverkéier kënnt. Dass e beträchtlechen Deel iwwert d'Plus-valuë kënnt oder iwwert d'Ajouten an am Méiwäert um Niveau vum Commerce électronique. An dass de Konsum guer net zu Lëtzebuerg determinant ass, wann et drëms geet, fir d'Recettésäit vum Budget - op jidde Fall net an deem Mooss wéi an anere Länner - ze gesinn.

Dofir mengen ech, dass een dat doten net ein-fach ka stoe loosson. Et kann een net einfach behaapten, duerch déi Politik hei géif eigent-lech d'Kris befligelt ginn, well déi Mesuren, déi mer huele bei 2% PIB-Reduktioun um Niveau vum Budget, um Niveau vun der Recettésäit, dem Statec no - an dat muss ee jo ëmmer esou huele wéi dat dann ass -, net zu enger Ver-schlechterung vun der Situatioun bäidroen, mä sech an engem ganz akzeptabele Ratio par rap-port zu deene Mesurë befinnen, déi mer hunn.

Wier et esou, wat hei eigentlech, mengen ech, d'Thees vum OGB-L ass, wier et esou, mä da wär et jo ganz einfach. Mir verdeelen all Joers méi Suen un d'Leit. A wat mer méi Suen un d'Leit verdeelen, wat mer méi PIB kréien; wat mer méi PIB kréien, wat mer méi Steuerrecettë kréien. Mä d'Welt fonctionnéiert net esou!

Et fonctionnéiert esou an engem Land. An engem Land op der Welt fonctionnéiert et eigentlech scho säit Jorzéngten esou, an dat ass an Amerika. Déi eigentlech lassgeleist vun alle Wirtschaftsconsidératiounen, well se „la mon-naie mondiale“ sinn a well se de Weltdeinge sinn, deen eigentlech och d'Police vun der Welt iwwer Jorzéngten organiséiert huet. D'Amerika-ner kënne sech erlaben, d'Press ze drécken, ouni dass dat eng Répercussioun op hiert Re-

sultat huet. Zu Lëtzebuerg mengen ech awer net, dass dat de Fall ass.

Ech wëll - an ech kommen zum Schluss - per-séinlech net an zéng Joer gesot kréien: Du waars derbäi, wéi der déi Chancen, déi der nach hat an deem Moment, net genotzt hutt, fir de Rééquilibrage ze maachen, d'Remoderni-séierung, wéi de Statsminister et géif soen, vum Lëtzebuurger Land. An ech fannen, dass, wat een zum Deel vu Lobbyisten op där enger an op där anerer Säit an deene leschte Wochen, och iwwer Avisé vun de Chambres profession-nelles esou zum Budget zougestallt krut, dat a kengstem Mooss deem gerecht gëtt, wat mer an deenen nächste Wochen a Méint a Jore musse maachen.

Mir musse mat Determinatioun un d'Aarbecht erugeen, no deene Kritären, déi ech gesot hunn, déi beim Budget vun 2013 der Koali-tioun hir waren. Ech géif nach wëllen ee Kritär do derbäizéien, dass ech eigentlech léiwer géif gesinn, dass bei deem, wat mer an nächster Zäit maachen, mer de Leit soen: Mir ginn lech näischt weider op gewëssene Punkten, wéi mer huelen eppes ewech. Ech weess, dass et net méiglech ass, dat an all Punkt esou ze ma-chen. Mä et ass e Kritär, deen ech op jidde Fall wäert probéieren, och bei eis an der Partei a mam Koalitionspartner esou wäit wéi et méig-lech geet ze diskutéieren.

Ech mengen, dass d'Leit, wa se eng gewësse Situatioun hunn, éischer bereet sinn an och éischer akzeptéieren, op eppes ze verzichten, wou se an Zukunft vläicht eng Aussicht drop gestallt kritt hätten, wéi dass de dat net méchs an duerno an eng Situatioun kënns, dass de hinnen eng Rei Saache muss ewechhuelen.

Mir brauchen eng mëttelfristeg Strategie 2014 bis 2016, déi mer an deenen nächste Méint musse sichen. Schonn eleng opgrond vun der Problematik vum Commerce électronique kënne mer net nëmme '14 am A behalen. Dach, dat kéint ee maachen, wann ee géif soen „après nous le déluge“. Mä ech mengen net, dass dat eng Aart a Weis wier, fir dat ze ma-chen.

An, an dat ass meng fundamental Iwwerzee-gung, dat ass, dass mer e Gesellschaftsmodell, e Wirtschaftsmodell, e Sozialmodell zu Lëtze-buerg mussen entwéckelen, dee mat manner Wuesstum wéi an der Vergaangenheet am Inté-rêt vun eise Land an eise Leit ka fonctionnéie-ren.

Dass mer net méi wäerten déi Zäiten, op jidde Fall esou séier, erliewen, wou mer 4% Wirt-schaftswuesstum pro Joer wäerte kréien. Falls mer exceptionnellement esou e Joer géife kréien, wat mer säit fënnf Joer net haben an héchstwahrscheinlech déi nächst zwee, dräi Joer och net, dass mer déi Sue schleunegst da sollte gebrauchen, fir ze kucken, dat, wat mer ëmmer gemaach hunn, nämlech längerfristeg Investissemter ze maachen. Mä dass mer mussen Äntwerte fannen, wéi mer mat manner kënne méi fir eis Leit maachen, wëssend, dass mer eng Rei vun Domäner hunn - ech hunn notament déi vun der onqualifizierter Aar-becht ubelaangt -, déi an eisen Aen extrem wichteg si fir d'Zukunft.

De Budget fir 2013 geet an eisen Aen, och wann, wéi ech gesot hunn, en e bëssen hol-preg zustane komm ass, ganz sécher an déi richteg Richtung.

Merci.

► **Plusieurs voix.** - Très bien!

► **M. le Président.** - Merci dem Här Wolter. Als nächste Riedner ass den Här Etgen agedroen.

► **M. Fernand Etgen** (DP). - Här President, Kolleginnen a Kollegen, ech wëll op där Plaz e puer Wuert zum Steuerprojet soen. A menger Ried wëll ech do op véier Froe méi no agoen.

Éischtens: Ass et richtig, zu dësem Moment d'Budgetkonsolidéierung iwwer Steuererhéijun-gen ze maachen?

Zweetens: Wéi sinn dës Steuererhéijunge virbe-reet ginn? Wat ass hiren Zweck?

Drëttens: Wat bewierken dës Steuererhéijun-gen?

Véiertens: Wat sinn eis steierpolitesch Vuen?

(**Mme Lydia Mutsch prend la présidence.**)

Mir mengen, dat et falsch ass, ze mengen, et kéint een d'Budgetkonsolidéierung iwwer Stei-erhéijunge maachen. A mech wonnert och, dat déi Leit hei an der Chamber, déi sech ëm-mer fir dës Wee agesat hunn, elo mat där Stei-erhéijungspolitik matmaachen. Well och si wësse ganz genau, an hunn dat och ëmmer selwer gesot a souguer geschriwwen, dat et d'Dépensé sinn, déi dérapéieren.

Madame Président, all onofhängeg Beobachter, nationaler an internationaler, soen eis, dat mir

bei den Ausgabe mussen usetzen, dat do kee Wee derlaanscht féiert. An dat net eréischt zën-ter gëscher. Schonn 2006, laang virun der Fi-nanz- a Scholdekris, hu mir hei am Haus, hunn d'Analysten eis gesot, mir hätte seriö strukturell Problemer, déi mer dréngendst missten ugoen. Ech héieren den Här Frieden nach, wéi en hei an der Chamber erop an erof déi strukturell Problemer ervirgehewen huet an no Léisunge geruff huet.

Déiselwecht Regierung ass higaangen an huet deemools an der Tripartite punktuell an zäitlech begrenzte Mesurë getraff a kuerz duerno erëm d'Geld an d'Hand geholl, fir et mat der Strenz ënnert d'Leit ze bréngen.

Ech héieren déi sukzessiv LSAP-Wirtschafts-minister an och vill CSV-Politiker soen, dat d'Steiererhéijunge Gëft fir eis Ökonomie sinn. Mä si hate guer keng Chance géint hir Regie-rungskollegen an och Parteikollegen, déi hin-nen zënter 2009 ee Steuerpak no deem aneren dohinnergetässelt hunn.

Mir hunn ee seriö Problem hei am Land, wa souguer d'Stëmme vum Finanz- a vum Wirt-schaftsminister näischt méi an der Regierung zielen. An ech stelle mir d'Fro: Wie brems déi Leit dann do? Wien ass esou staark, dat hie sech géint d'Meenunge vum Finanz- a vum Wirtschaftsminister duerchgesat kritt?

Well mir wëssen, si wëssen, dat een ee Budget virun allem emol op der Dépensésäit muss ën-ner d'Lupp huelen. All wirtschaftlech Etüde weisen - an d'Vergaangenheet vu villen euro-päesche Länner huet gewisen -, dat d'Budgets-konsolidéierung iwwer Steuererhéijungen op Dauer an d'Scholdemauer féiert. An deen hei Steuererhéijungsprojet ass eng weider Zill op déi Scholdemauer!

Mir sinn op alle Fall weider der Meenung, dat et op der Säit vun den Dépensen ass, wou mir mat enger intelligenter Politik als Alleréisch mussen usetzen. Net, andeems mir mam Re-chenschieber d'Zuelen zesummesträiche ginn, mä andeems mir Politikwiessele maachen. Mäi Fraktionskolleg, de Claude Meisch, ass do-robber schonn en long et en large aagaangen.

Madame President, deen hei Steuererhéijungs-projet weist awer och, dat grad wéi bei aneren Dossieren ee Konzept feelt. Hei ass opgrond vun enger renger Kontabelslogik probéiert ginn, mam Rechenschieber e puer weider Milliounen Euro zesummenezekrazen.

A fir deem Ganzen nach eng Kommunikatiouns-etikett ze ginn, gëtt dann elo behaupt, et wëllt een op där enger Säit déi mat deene breede Schëlleren an op där anerer Säit d'Betriber, déi jo anscheinend fir d'Kris verantwortlech sinn, elo emol berappe loosson. Dobäi huet een niewent de graven handwierkleche Feeler, déi de Gilles Roth als Rapporteur - deem ech vun där Plaz aus wëll félicitéiere fir seng net ëm-mer einfach Aarbecht - opgrond vum Avis vum Statsrot gehollef huet auszubigelen, souwäit et gaangen ass, bei deem ganzen Äifer wuel e puer net onwesentlech Saachen awer iwwer-sinn.

Et muss ee sech nämlech e puer fundamental Froe stellen, wann een, wéi elo hei d'Majoritéit, wëllt d'Steierlaascht eropsetzen: Wat fir eng politesch Ziler wëlle mir niewent dem Fait, dat mir Recettë brauchen, dann erreechen? Wéi eng Leit a Betriber treffe mir dann tatsächlech mat dëse Steuererhéijungen? Wou a firwat? Wat ass d'Tendenz vun der Steuerlaascht op der Zäit-achs gekuckt? Ginn d'Steieren an Zukunft wei-der erop? A wa jo, wéi eng? Wat fir ee wirt-schaftspolitesch Signal geet vun dëse Stei-erhéijungen aus op all déi Acteuren an Investis-seuren, déi dovunner beträff sinn? Wat bleift ënnert dem Stréch da wierklech als Recette do-vunner am Statsbudget iwwreg?

Bei der Besteierung vun de Ménagé gesäit een, dat absolut kee politesch Konzept hannert deenen heite Steuererhéijunge stécht. Et ginn isoléiert Mesurë geholl. A wann een eenzel Me-suren an de Kontext vun anere Politike vun der Regierung setzt, da stellt een dat eent an de Géigendeel fest. Esou ginn zum Beispill op där enger Säit steierlech Subventiounen op ver-schiddene Plaze fir den Auto liicht ofgeännert, an op där anerer Säit sollen d'Tariffer fir den öf-fentlechen Transport eropgoen. Dat huet mat Konzept net vill ze dinn!

Déi breet Schëllere sollen da steierlech méi contribuéieren. Dobäi trifft d'Regierungspolitik awer och déi normal Mëttelschicht, wann een zum Beispill déi familljepolitesch Décisioune mat derbäikuckt. An d'Zuel vun de breede Schëlleren an de Rendement vun där Steierme-sure ass a wäert net esou héich leien, wéi d'Re-gierung dat unhëlt. Soudatt een de Verdacht huet, dat mir eigentlech an Zukunft net iwwert déi breet, mä iwwert déi normal Schëllere schwätze wäerten.

D'Solidaritéitssteuer gi mir quasi vu Joer zu Joer eropsetzen, ouni d'Aarbechtsmaartpolitik wierklech am Fong ze iwwerschaffen. Ech erhoffe

mir, dat do neie Schwong entsteet duerch d'Aarbecht vun eiser Kommissioun, déi am-gaangen ass, dozou e Rapport ze maachen.

Wat d'Betriber ugeet, ass et jo esou, dat mir zu Recht ëmmer erëm drop higewisen hunn, dat mir eng kleng an oppen Ökonomie sinn. Mir wëssen, dat et muer méi schwéier wäert sinn, eis Produiten an Dëngschtleeschungen op den europäeschen an internationale Mäert ze verkafen. Mir wëssen, dat mir ugewise sinn op auslännesch Investisseuren, déi hiert Geld zu Lëtzebuerg investéieren. A well mer dat alles wëssen, ass et mir onverständlech, dat d'Re-gierung hei higeet an dës Steuerpolitik mécht.

D'Regierung ass sech hei net eens: Déi eng wëlle Wuesstumsimpulser ginn an déi aner wëllen déi béis Betriber fir d'Kris bestrofen. Déi eng wëllen Investisseure siche goen an déi aner wëllen op kee Fall déi strukturell Hausaufgabe maachen. Déi eng wëllen op der Dépensésäit eppes maachen an déi aner wëlle virun allem op der Steiersäit eppes maachen.

A mir gesi jo, wie sech hei an der Majoritéit duerchgesat huet. Hu mir viru Joren nach vun zwee Drëttel spueren an een Drëttel Steiere ge-schwat, esou ass d'Realitéit elo ëmgedréit. Dat ass an eisen Aen ee katastrophale Message, dee mir do ofginn. An d'Leit, d'Investisseure stellen natierlech d'Fro, wéi dës Regierung d'Defiziter dann déi nächst Jore wëllt couvréieren.

Ginn d'Steieren da weider an d'Luucht? A wa jo, fir wien an a wéi engem Mooss? Gëtt d'TVA eropgesat? Geet d'Regierung net awer vläicht erëm hin a wëllt bestehend Mesuren erëm réck-gängeg maachen oder dru fréckele goen, sou wéi dat zum Beispill beim Hin an Hier ronderëm d'Bonification d'impôt pour investissement ge-schitt ass, wou mir de Betriber dat eent Joer entgéintkommen a se dat anert Joer erëm zrëckhuelen?

An eleng, wann ee sech all déi Froen hei muss stellen, da feelt eppes ganz Wichtiges: nämlech dat grondsätzlecht Vertrauen an eis Steier- an an eis Standuertpolitik! D'Planungssécherheet, ee vun deene wichtigste Facteure fir d'Leit a fir d'Betriber, geet verluer.

Wann d'Vertrauen an eis Steuerpolitik net méi do ass, wa keng Planungssécherheet méi ginn ass, da wäerten d'Investisseuren zécken, hiert Geld hei unzeleeën, well si fäerten, dat d'Steierbelaaschtung an Zukunft weider erop-geet. A si zécken ëmsou méi, well se gesinn, dat dës Land scheinbar net à même ass, seng Hausaufgaben op der Dépensésäit ze maachen.

D'Chambre de Commerce schlussfolgert duer-fir zu Recht an eisen Aen: «Le resserrement fiscal envisagé mine la stabilité et la prévisibilité du cadre fiscal luxembourgeois, lequel consti-tue pourtant l'un des dix arguments mis en avant, à juste titre, par le Gouvernement pour attirer des investisseurs pour le Luxembourg.»

Madame President, ënnert dem Stréch also hu mir eng Steuererhéijungspolitik, déi eis konta-belsméisseg e bësse Geld an d'Keess bréngt, déi ideologesch fir deen een oder anere flott ze verkafen ass, mä déi eise Land, eiser Ökono-mie, eisen Aarbechtsplaze wäert schueden. Dës Steuerprojet ass falsch, well en op kenger seriöer Analys berout, well et Fléckwierk ass, well et lassgeleisten eenzel Mesurë sinn, well en déi falsch Signaler un d'Leit an un eis Ökonomie erausschëckt, an dat zu engem Moment, wou mir d'Vertraue vun de Leit an den Entreprisen a Reformen, an eise Standuert méi wéi jee brau-chen.

Madame President, meng Fraktioun ass der Meenung, dat een anescht un d'Steierpolitik muss erugeen. Wann ee mat de Steiere spillt, da spillt ee mam Feier. D'Leit an d'Entreprisë brauche Planungssécherheet, Vertrauen an d'Zukunft. Wa si do een Zweifel drun hunn, da gëtt net investéiert. Mir si bereet, iwwer eng allgemeng nei Ausriichtung vun eiser Steier-landschaft ze diskutéieren. Duerfir hätte mir gären, dat eng seriö Analys vun der Situatioun haut an och muer gemaach gëtt.

Duerfir wëll ech hei rappeléieren, wat de Kol-leeg Fränz Bausch scho gesot huet, dat mer virun engem gudde Joer eng Motioun am Par-lament abruecht hunn, déi och gestëmmt ginn ass. D'Regierung soll eis esou séier wéi méig-lech Rechemodelleer virleeën. An duerfir hu mer och mat der grénger Fraktioun haut erëm eng Motioun an deem Sënn ënnerschrëwwen.

Mir hätte gären, dat gekuckt gëtt, dat Model-ler opgestallt ginn, déi eis méi genee viraussoe kënnen, wat geschitt, wann een un där enger an un där anerer Schrauf dréit. Wat geschitt so-zial? An déi Gréng Stëftung huet do jo mat der Caritas een éischte klenge Versuch gemaach, fir dat emol ze belichten.

Mir als DP hu jo och schonn oft a scho laang eng par rapport zur RWI-Etüd aus den 90er Jo-ren adaptéiert Matrice des transferts sociaux versprach kritt an awer ni virgeluecht kritt. Duerfir ass et ëmsou méi erschreckend, dat



laut Lucien Lux do iwwerhaupt keng Preparatiounen an der Regierung gemaach gi sinn, fir iwwert d'sozial Selektivitéit sachlech kënnen ze diskutéieren. Wat geschitt wirtschaftlech? Wat geschitt um Niveau vun de Steierrecetten?

Mir wëllen, datt mir systematesch ee Steierkonzept doropshin ausschaffen, ee Konzept, dat och Äntwerten op folgend Froe gëtt: Wou wëlle mir an Zukunft wirtschaftspolitesch Akzenter setzen? Wéi eng Recettëstrategie wëlle mir eis beim Stat, de Gemengen an de Sozialsystemer fir d'Zukunft ginn? Wéi muss d'Recettëstrategie ausgesi virum Hannergrond vun den europäesche Steierharmoniséierungsbestriewunge bezéiungsweis dem internationale Kampf géint Souveränitéitsnischen?

Op wat fir eng wirtschaftlech, gesellschaftlech an och ökologesch Froe soll eis Steierlandschaft muer a wéi engem Mooss eng Äntwert ginn? Wéi eng politesch Beräicher wëlle mer steierpolitesch ënnerstëtzen? Wéi eng Handlungsalternative wëlle mir de Leit loosser? Wou wëlle mer méi staark lenken? An hei ass et d'Fro, Verméige géigeniwwer Investitiounen, Auto géigeniwwer öffentlechen Transport. Wéi eng Politikwiessele sinn zum Beispill am Beräich vun den Aarbechtsmaartinstrumenter, awer net nëmmen do, néideg a méiglech, fir mat maner Suen eng besser Politik ze maachen?

Deen hei Projet mécht dat alles net. An ech fäerten, datt och déi zukünfteg Steierpolitik vun der Regierung dat net wëllt maachen, wann ech mir d'Diskussioune ronderëm méiglech TVA-Erhéijungen ukucken. D'Majoritéit kuckt just d'Säit vun de kuerzfristige potenzielle Recettë fir de Statssäckel. Esou eng Politik ass mat eis net ze maachen. Duerfir stëmme mir dese Projet net.

Ech soen lech Merci fir d'Nolauschteren.

► **Plusieurs voix.**- Très bien!

► **Mme la Présidente.**- Merci, Här Etgen. Als nächste Riedner huet sech den honorablen Här Bausch nach eng Kéier agedroen. Här Bausch, Dir hutt d'Wuert.

► **M. François Bausch** (*déi gréng*).- Madame President, Dir Dammen an Dir Hären, ech muss op e puer Saache reagéieren, déi den Här Wolter hei gesot huet de Mëtteg. An ech wëll ufänke mat senger Remarquen, déi e gemaach huet, wou e seet, datt d'Regierung tëschent 2009 an 2010 eng voluntaristesche Politik gemaach hätt a bewosst d'Investitiouns Ausgaben héich gehalen hätt, fir dat ze maachen, wat en de Moien hei beschriwwen huet, engersäits dem Secteur vum Bau ze hëllefen, an awer och verschidde Projeten, déi wichteg wäeren, net zréckzezéien.

An dat wär voluntaristesche gewiescht an donc wär et och kloer gewiescht, datt een awer der Regierung net kéint reprochéieren, datt se 2009 an 2010 a respektiv 2011 och nach dat net gesot hätt an datt se eigentlech mat der richteger Spuerpolitik eréischt hätt wëllen ufänke méi spéit.

Wann dat och fir d'Investitiounspolitik stëmmt, da stëmmt dat awer sécher net fir d'lafend Ausgaben! An ech muss awer soen, ech fannen dat relativ speziell, well fir eis op alle Fall ass et relativ kloer, datt dee gréisste Problem fir de Stat a fir den Defizit sech net stellt duerch d'Investitiounspolitik. Natierlech stellt d'Investitiounspolitik och fir dat Joer oder déi Joren, wou een en Investissement muss finanzéieren, e Problem duer.

Mä dee Problem vun engem Investissement, deen ass, wann een e Projet baut, ob et eng Schoul ass oder wat och ëmmer, no dräi, véier, fënnf Joer ofgeschloss an dann huet een déi finanziell Belaaschtung net méi am Budget. Da kritt een zwar nach Folgekäschte vläicht vun der Schoul fir Heizung oder wat d'Personal kascht, wat dodran ass, mä deen Investissement ass da fort.

Fir eis stellt de Problem sech, an ech hoffen, och fir déi meescht heibannen, bei de lafende Käschten. A wann een tëschent 2009, '10 an '11 an ech menge souguer och nach déi nächst Jore misst een, eiser Meenung no, dat maachen, eng gewësse voluntaristesche Politik misst maachen an Investitiounspolitik, dann hätt een awer missen 2009, '10 an '11 schonn iwwert déi lafend Ausgabe sech Gedanken maachen, do ufänken ze reduzéieren.

An dat hätt missen ufänke bei dem Fonctionnement vum Stat, fir ze kucken dee berühmte Screening ze maachen, ze kucken, wéi een d'Fonctionnementskäschten, déi lafend, normal Fonctionnementskäschte ka reduzéieren. Do gëtt et sécherlech Spillraum. An et hätt awer virun allem misse spille fir all aner lafend Ausgaben. A virun allem hätt een awer net nach dierfen decidéieren, fir während där Period lafend Ausgaben nach an d'Luucht ze setzen!

An, Här Wolter, et deet mer leed: Äi Regierung oder zumindest Äi Ministeschkolleegen hate dat wëlles! Well 2011 hu se, ech wëll dat nach

eng Kéier rappéléieren, en Accord mat der Fonctioun publique ofgeschloss, deen hätt eng Ausgabesteigerung bedeit fir déi Joren duerno. Dat ass decidéiert ginn am Joer 2011. Dat heescht, dat ass jo net richtig, déi Duerstellung, déi Dir do maacht, datt d'Regierung dat esou gemaach hätt, well se hätt wëllen eng voluntaristesche Politik maachen.

D'Ausgaben, an dat, wat wéideet am Budget, dat sinn déi Ausgaben, déi ëmmer erëm erëmmen iwwer fënnf, zéng, 15, 20, 30 Joer. Et sinn déi, déi den Defizit ausmaachen, an net déi spezifesch Investitiounskäschten.

Au contraire: D'Investitiouns Ausgaben, déi een huet, déi mécht ee jo och, wann ee gutt Investitiouns Ausgaben tätegt, mécht ee jo och zu engem groussen Deel, fir duerno erëm Wuess-tum ze generéieren. Well meeschtens mécht ee se, fir entweder strukturell Defiziter, déi een huet, ze behiewen, zum Beispill an der Mobilitéit, oder well een zum Beispill an d'Fuerschung wëllt massiv investéieren, well dat e wichtigen Deel ass, fir eis Economie ze diversifiéieren.

An da wëll ech soen zu der Einnahmesäit. Et ass esou, datt bei der Einnahmesäit mir e grundsätzleche Problem hunn, well mer mengen, datt mer keng Gerechtegkeet méi hu bei der Recettësäit. Ech hu jo virdu beschriwwen, wéi d'Einnahmesäit opgebaut ass a wéi déi sech en défaveur vun engem Deel vun der Gesellschaft an deene leschte Joren entwéckelt huet, Tendenz weider steigend. An dat, wat mer haut oder wat Dir haut wäert decidéieren, geet weider an déi Richtung. Dat heescht, mir hunn an der Vergaangenheet e Problem gehat um Niveau vun der Gerechtegkeet bei der Steiererhiewung.

Et muss een awer och soen, datt... Dir hutt geschwat de Mëtteg vun deene gudden Joren an hutt gesot, déi Zäit hätt all Mënsch hei verlaangt, de Stat géif op de Sue sëtzen a géif se net wëlle verdeelen. An Dir hätt esou vill an d'Reserve geluecht. Da muss ech lech soen, datt dat net richtig ass!

(**M. Laurent Mosar reprend la présidence.**)

Dir hutt an deem beschte Joer, am Joer 2000, wou mer 9% Wuessstum hate vum PIB a wou mer deemools nach an ale Lëtzebuurger Frang 40 Milliarden aler Lëtzebuurger Frang lwwerschooss hate am Budget, do hutt Der decidéiert, eng grouss Verdeelungsaktioun ze maachen. An Dir hutt wahnsinneg Steieren erfog-sat kräiz a quer. Mir hunn als Eenzeg hei der-géintgestëmmt, well mer gesot hunn, dat, wat Der do maacht, dat ass mëttelfristeg eng Afro-stellung vun der Finanzcapacitéit vum Stat. A mir gesinn haut, datt mer recht behalen hunn.

Donc maacht hei net, wéi wann Der ëmmer d'Suen op d'héich Kant geluecht hätt! Dat stëmmt net. Dir hutt 2000 dat decidéiert, um Héichpunkt, wou mer dat beschte Joer hate wahrscheinlech souguer an der Geschicht vum Land, wéi gesot, mat 9% Wuessstum vum PIB.

Dat ass eng Realitéit, déi héiert Der vläicht net gär, mä déi ass awer ginn, an duerfir bleiwen ech bei menger Meenung, datt Der déi virsiichteg a virausschauend Finanzpolitik net gemaach hutt an deene leschten zéng, 15 Joer.

► **M. le Président.**- Här Bausch, den Här Weber géif lech nach eng Kéier wëllen eng Fro stellen.

► **M. François Bausch** (*déi gréng*).- Selbstverständlich, Här President. Et kann een ëmmer...

► **M. le Président.**- Här Weber, wann ech gelift.

► **M. Robert Weber** (CSV).- Här Bausch, ech wollt lech froen: Kënnt Der eis soen, wat de PIB 2001 war?

► **M. François Bausch** (*déi gréng*).- De PIB ass...

► **M. Robert Weber** (CSV).- Ech si mat lech averstanen, 2000 war en 9%.

► **M. François Bausch** (*déi gréng*).- Jo.

► **M. Robert Weber** (CSV).- An 2001?

► **M. François Bausch** (*déi gréng*).- 2001 ass en erfogefall. Do hu mer eng...

► **M. Robert Weber** (CSV).- Vun 9% ass en erfogefall?

► **M. François Bausch** (*déi gréng*).- Jo, 9%. Jo, mä dat, wat jo...

► **M. Robert Weber** (CSV).- Dunn hu mer eng preventiv Steierreform gemaach.

► **M. François Bausch** (*déi gréng*).- Neen, dat ass net wouer! Dat ass net wouer, well d'Steierreform ass decidéiert ginn, Här Weber, net 2001, mä si ass virum Summer...

(**Interruption**)

Ech wëll lech... Ech weess, ech hunn eng gutt Mémoire. Wësst Der, den Här Rippinger huet

deemools, dee war deemools och nach an der Chamber, deen huet eng grouss Ried hei gehalten an en huet gesot, d'Demokratesch Partei géif immens gär Steierreduktiounen maachen, mä d'Regierung wëllt net. Do ass generell vu Steierreduktiounen geschwat ginn. An do ass och schonn déi ganz Theorie vertrat ginn, de Stat schwëmmt am Geld an esou weider an esou virun. An des Regierung ass net ze bewegen... An dat ass weinst dem Finanzminister.

Dräi Wochen duerno huet de Finanzminister eng Pressekonferenz gemaach. Dat war am Summer 2000, net 2001, mä 2000. An do huet e gesot, effektiv, et wär onerdreiglech, sot en hei, et wär onerdreiglech, datt, wann de Stat esou vill Plus-valuen hätt, en dann net géif d'Steiere massiv reduzéieren.

An ech muss lech soen, deemools hätt een och duerchweegs kënnen Steiere reduzéieren. Mä dat, wat awer do gemaach ginn ass, dat war total oniwwerluecht an dat ass enger Nacht-und Nebalaktion vum deemolege Finanzminister Jean-Claude Juncker decidéiert ginn. Well d'Steiersatz si brutal erfogesat ginn...

► **M. Fernand Etgen** (DP).- Wien hat da gesot, datt mer esou vill Geld hunn?

► **M. François Bausch** (*déi gréng*).- Dat war den deemolege Finanzminister Jean-Claude Juncker.

► **Une voix.**- Ah, ech hat gemengt, den Här Bettel...

(**Interruption**)

► **M. François Bausch** (*déi gréng*).- Dat kann een noliessen, dat kann een noliessen, do bréngen ech lech och gär d'Beleger, wat déi-zäit am Summer 2000 alles gesot ginn ass. An donc war et net eng preventiv Measure, eng preventiv Measure en vue vun enger Rezessioun, well ech soen lech, am Summer 2000...

(**Interruption**)

...am Summer 2000 huet kee Mënsch dru geduecht, datt mer an eng Rezessioun géife kommen, oder net eng Rezessioun, datt e Wirtschaftsabroch kéim 2001, well d'Bulle, d'Inter-netbulle op de Boursen ass eréischt geplatzt 2001!

Natierlech hutt Der herno dat esou verkaaft, wéi et du bis a Kraaft getratt ass, hutt Der dat och nach herno nodréiglech esou verkaaft, wéi wann et dowéinst gemaach gi wär. Mä et ass ridicule, Dir hutt se decidéiert um Hannergrund, well ze vill Suen do waren, an Dir hutt iwwert d'Zil erausgeschoss, ganz kloer, deemools. An Dir hutt donc d'Finanzcapacitéit vum Stat a Fro gestallt.

► **Une voix.**- Très bien! Sou war et!

► **M. François Bausch** (*déi gréng*).- Da wëll ech e puer Wuert soen nach zu de Gemeengefinanzen. Den Här Wolter, ech si frou, datt en eng Rei Saachen hei gesot huet, déi...

(**Interruptions diverses**)

► **M. le Président.**- Ech géif lech bieden, nach e bësselchen nozelauschteren!

► **M. François Bausch** (*déi gréng*).- Ech mengen, dat ass jo och dat, wat meng Meenung ass, wat ech virdu versicht hunn auszuféieren, datt, wann een iwwer Gemeengefinanzen diskutéiert, da muss mer fir d'Éischt iwwer Missiounen vun de Gemenge vun haut diskutéieren, iwwer regional Verantwortung, iwwer wirtschaftlech Verantwortung, an déi ass ënnerschiddlech tëschent de Regiounen an och tëschent verschiddene Gemengen am Land.

Ech si frou, datt en dat hei nach eng Kéier widerholl huet. Ech muss him awer just soen: De Problem ass jo net deen, datt net bis elo Propositionen komm wäeren, fir an déi do Richtung eppes ze maachen. Ech wëll lech just soen, datt d'Stad Lëtzebuerg viru fënnf Joer... Mir hu scho méi wéi een Avis erageschéckt un den Innenminister, wou mer eng konkret Proposition gemaach hunn, wou mer ons baséiert hunn op eng Rei Reformen, déi am Ausland gemaach gi sinn, wéi mir eis kéinte virstellen, datt am Kader vun enger Neiororganisation vun dem Gemeengesecteur zu Lëtzebuerg een och eng Gemeengefinanzreform kéint maachen.

Mä bis elo war et awer esou, datt all Proposen, déi gemaach gi sinn, ob dat war vun enger einzelner Gemeng - an och, ech sëtze selwer am Conseil supérieur des finances -, datt mer net schrecklech vill weiderkomm sinn an datt mer bis elo ëmmer erëm hu missen héiere vum Innenminister dee Saz, deen en och elo just erëm gesot huet bei de Subsiden: Wa mer dann eppes wollten diskutéieren, da war alles herno eng „déclaration d'intention“. Ech hu vum Innenminister, deem aktuelle Minister, zënter siwe Joer weider näischt héiere wéi „déclaration d'intention“!

Mä wann et konkret gëtt, fir doriwwer ze diskutéieren, da meeschtens schwätze mer net driwwer, ausser datt ëmmer erëm versicht gëtt, a verschiddene Momenter esou - dat ass da keng Reform vun de Gemeengefinanzen -, mä da gëtt dann esou u verschidde Schrauwe gedréit, fir innerhalb vun de Gemengen einfach just nëmmen e bëssen ze verdeelen. Dat ka jo awer net d'Léisung sinn!

An da wëll ech lech och soen: Datt bei de Gemengen eng gewësse Skepsis besteet par rapport zu allem, wann et vun der Regierung kënnt, dat ass och net verwonnerlech, well ech wëll awer drun erënneren, datt de Stat bis elo eng ganz Rei Décisiounen, a virun allem och an deene leschte Joren, geholl huet, déi d'Gemengen all Kéiers relativ vill kascht hunn.

An do sinn d'Gemenge kaum bis guer net consultéiert ginn. D'Chèque-servicen zum Beispill, dat ass decidéiert gi relativ rapid 2008, dat huet fir d'Gemengen en enorme finanziellen Impakt gehat. Si kréien natierlech en Deel erëm, mä selbstverständlech mat Sécherheet net alles, wat dat se wuel kascht. Dat war eng

Chamber TV

weist all öffentlich Sëtzung live an integral

An der Gemeng Dippech um Kanal S40 / 455.25 Mhz



Zu Esch-Sauer um Kanal S40 / 455.25 Mhz



An der Gemeng Gréiwemaacher um Kanal S40 / 455.25 Mhz



An der Gemeng Hesper um Kanal S40 / 455.25 Mhz



An der Gemeng Hiefenech um Kanal S40 / 455.25 Mhz



Zu Iermsdref um Kanal S40 / 455.25 Mhz



Zu Kielen (& Brameschhaff), Keespelt, Meespelt, Ollem an Nouspelt um Kanal S40 / 455.25 Mhz



An der Gemeng Mamer um Kanal S40 / 455.25 Mhz



An der Gemeng Manternach um Kanal S40 / 455.25 Mhz



An der Gemeng Miedernach um Kanal S40 / 455.25 Mhz



Zu Nidder- an Uewerfeelen um Kanal S40 / 455.25 Mhz



Zu Walfer um Kanal S29 / 367.25 Mhz



nei Charge, déi op d'Gemengen zoukomm ass. D'Solidaritéitssteuer, déi d'Gemengen elo musse bezuele vum nächste Joer un, dat huet d'Regierung decidéiert an hire Spuermoosnamen. Do sinn d'Gemengen net am Virfeld consultéiert ginn. Et ass eng nei, zousätzlech Belaaschtung fir d'Gemengen.

An iwwregens féiert dat dann och derzou, dass dann awer déi Diskussioun definitiv emol muss ophalen, dass gesot gëtt, d'Gemengen hätten och keng Laaschte beim Chômage ze droen! Well d'Solidaritéitssteuer gëtt jo opgehewen, well se duerno an de Fonds pour l'Emploi fléisst, dass heescht, fir d'Chômage-Indemnitéiten ze bezuelen. Wann elo déi Steuer vun de Gemengen d'nächst Joer bezuelt gëtt, dann ass et definitiv och esou, dass d'Gemengen hire Baitrag leeschten, fir de Chômage zu Lëtzebuerg, fir d'Chômeure mat ze finanzéieren.

Duerfir, wéi gesot, et gëtt..., an et kéint een där Beispiller nach opzielen. Ech kéint beim Léierpersonal nach Beispiller opzielen, och rezenter, wou erëm - obschonn alles bestëmmt gëtt, och d'Décisiounskraaft erausgeholl ginn ass - d'Gemengen awer musse méi am Endeffekt nach bezuelen. Et kéint een där Beispiller nach vill weider suivéieren.

An duerfir besteet natierlech eng gesond Portioun Skepsis bei de Gemenge par rapport zu all deem, wat vun der Regierung kënnt, well et bis elo nëmmen derzou gefouert huet, dass entweder d'Gemenge méi Belaaschtunge kritt hunn oder se Suen - insgesamt de Gemensecteur - ewechgeholl kritt hunn. Bon, an da brauch ee sech, wéi gesot, doriwwer net ze wonneren.

Fir de Rescht, wann mer d'Diskussioun géifen esou féieren, wéi se ugesat ginn ass viru siwen, aacht, zéng Joer op Basis vun der Réforme territoriale, op Basis vum IVL, mat deem, wat alles do definéiert ginn ass, dann, mengen ech, kéime mer ganz sécher zu enger Léisung. An et ass richtig, wahrscheinlech ass ni jiddweree ganz zefridden, mä ech mengen, dass do eng Léisung kéint derbäi erauskommen, déi Kapp a Fouss hält an déi och zimlech jiddweree kéint matdroen an déi och zu méi Gerechtegkeet ganz sécher kéint féieren.

Wat mir awer net, wat eis awer net gefält, dat ass, dass mer just eppes maache fir de Schäin, wéi gesot, wou herno d'Gemenge kee Centime méi kréien, mä wou just ënnert de Gemengen ënnereneen e bësse méi verdeelt gëtt. Dat wëlle mir net maachen an dat maache mer och net mat!

► **Plusieurs voix.** - Très bien!

► **M. le Président.** - Sou, Merci dem Här Bausch. Domadder hätte mer eis Riednerlëscht erschöpft, an d'Wuert kritt nach eng Kéier de Finanzminister Luc Frieden.

► **M. Luc Frieden, Ministre des Finances.** - Här President, Dir Dammen an Dir Häre Kolleegen, Deputéierten, ech géif gären aus zwee Grënn nëmmen ganz kuerz Remarquen zum Schluss maachen, e physische Grond an en inhaltleche Grond.

Dee physische Grond ass, dass de Conseil vun den europäesche Finanzministernen zu Bréissel bis de Moien hallwerr fënneg gedauert huet, an ech wollt um néng Auer hei an der Chamber sinn, wou meng Plaz ass als Finanzminister, wa Budgetsdebatte sinn. Also hunn ech net geschlof, an duerfir erwaart vu mir elo keng grouss Ried.

Dat Zweet, dass inhaltlech: Ech mengen, dass an dese Budgetsdebatte villes gesot ginn ass, dass et esou ass wéi an all pluralistesche Demokratie, dass een ënnerschiddlech Appréciatioun kann zum Budget maachen. Wann ech awer sichen, eppes Gemeinsames ze fanne bei Majoritéit an Opposition, dann, mengen ech, ass et, dass mer eis eens sinn, dass et gutt ass, wann eist klengt Land mat enger oppener Ökonomie stabil Statsfinanzen huet, dass mer an enger Situatioun sinn, wou et ekonomesch weltwäit an och hei zu Lëtzebuerg e Strukturwandel gëtt, dass deen en Effet op eis Statsfinanzen huet an dass mer eis do mussen upassen.

Déi Upassung, wéi a wéi vill déi geschitt, dat wäert och an der Zukunft e schwieregt Thema bleiwen, do wäert et ënnerschiddlech Meinungen ginn, mä et ass d'Aufgab vun der Politik, et ass d'Aufgab vun der Regierung a vun der parlamentarescher Majoritéit virun allem, mä och vun der Opposition, ze kucken, wéi mer dann déi stabil Statsfinanze kënne behalen.

Ech wëll och nach eng Kéier ënnersträichen, dass d'Situatioun vun de Statsfinanzen am europäesche Verglach net schlecht ass. Mir

sinn, wéi hei e puermol ënnerstrach gouf, e Land mat Triple-A, also mat enger héijer Kreditwürdegkeet. Mir hunn eng vun den niddregste Scholden an Europa. Mä Fakt ass och, dass sech eis Situatioun duerch déi Kris bedéngt, duerch eng Rei strukturell Ännerungen an deene leschte fënneg Joer net positiv entwéckelt huet, mä bei der Schold negativ entwéckelt huet. An duerfir musse mer géigesteieren. Do hu mer mat 2013 en éischten Effort gemaach, an deen Effort muss an deenen nächste Jore weidergoen.

Ech géif gären zum Budget och soen, dass selbstverständlech d'Steierpolitik dozou een Deel ass. Ech hunn lech an der Debatte gesot, dass et schwiereg ass, esou Etüden ze maache wéinst dem Mangel u Fachkräften, fir esou eppes ze maachen. Ech huelen och gären déi Iddi op, déi gesot ginn ass, dass een esou Saachen och kéint studéieren loossen zum Beispill vun der Universiteit oder vun anere Gremien.

Et ass och an deem Kontext, wou ech d'accord sinn am Numm vun der Regierung, déi Motioun, déi d'Kollege vun deene Gréngen a vun der DP erabruecht hunn, unzuhuelen. Ech soe just, dass si ganz schwiereg Aarbechten, dass sinn Aarbechten, déi vill Zäit an Usproch huelen, an duerfir géif ech versichen, dat am Laf vum nächste Joer ze maachen, mä ech wëll mech net millimetergenau festleeën.

Ech géif och d'Kollege bieten, an der leschter Zeil net ze schreiwen «le budget de l'année 2013», mä «2014», well deen «budget de l'année 2013», da misste mer e fir den Owend fäerdeg hunn, an den Owend brénge mer et ganz sécher net fäerdeg. Mä onofhängeg dovu kënne mer als Regierung mat där Motioun liewen.

E lescht Wuert vläicht, well dat awer wichteg ass fir d'Lëtzebuurger Land, well et ass e puermol hei gesot ginn, dass d'Finanzplaz 30% vum PIB ass, dass se wichteg ass, an ech hunn a menger Ried gëschter Moien och op dee Strukturwandel op der Finanzplaz higewisen, an net notament op den Aspekt vun der Bankenunioun. A vu dass mer déi Décisiounen hënt am Conseil vun de Finanzministere geholl hunn, géif ech just gären zwee Wieder doriwwer haut hei soen, als Informatioun och un d'Chamber.

Dat ware ganz schwiereg Gespréicher, ganz schwiereg Verhandlungen, well en fait den Zäitraum, deen d'Stats- a Regierungschefe ginn hate fir déi Bankenunioun, oder een Deel vun der Bankenunioun, vill ze vill kuerz war a mengen Aen, fir eng wirklech déif goend Aarbecht ze maachen.

Dat Zweet, dass ass: Déi Bankenunioun, vun där mer hënt diskutéiert hunn, ass a mengen Aen keng Bankenunioun, well eng Bankenunioun - an dat war och d'Finalitéit vun hir - war fir ze kucken, eng europäesch Iwwerwaachung ze kréien, well et och soll en europäesche Rettungsmechanismus ginn, e Resolutionsmechanismus, dass, wann e Problem entsteet, net déi eenzel Staten hiren Defizit an hir Schold erhéien, mä dass et ee kéint dee Lien tëschent der Dette souveraine an der Situatioun vun de Finanzinstituter brieche.

Elo maache mer ee Schrëtt, an ech hunn d'Kommissioun stærkstens encouragéiert - e puer anerer hunn et och gemaach, mä net all -, dass deen aneren Deel, also de Resolutionsmechanismus, e gemeinsam Einlagensicherungsverfahren, dass dat och muss onbedéngt kommen. An d'Kommissioun sot, si géif dorunner schaffen, mä et ass nach net do. Fir Lëtzebuerg bedeit deen neie gemeinsamen Iwwerwachungsmechanismus eng Rei fundamental Ännerungen.

Wann ech ganz graff résuméieren, hu mer virun allem iwwer zwou Saachen diskutéiert. Éischens, wat fir eng Banke falen ënnert d'europäesch Iwwerwaachung a wat fir eng bleiwen ënner nationaler Iwwerwaachung, well et kee Konsensus gouf, fir se alleguerten ënnert déi europäesch Iwwerwaachung ze setzen.

Den Haaptkritär, dee festgehale ginn ass: Et ass gesot ginn, dass déi grouss Banken, déi, déi eng Bilanz zomm vu méi wéi 30 Milliarden Euro hunn oder méi wéi 20% vum PIB vun engem Memberstat duerstellen, dass ass an eise Fall ongeféier aacht Milliarden Euro, déi kommen automatesch ënnert d'EZB. Déi kleng Banken also bleiwen ënner nationaler Iwwerwaachung, sauf wann déi kleng Banke Filiale si vu groussen am Ausland.

Duerfir ass d'Lëtzebuurger Situatioun absolut eenzegaarteg gëschter Owend an där Diskussioun gewiescht, well mir hunn déi grouss europäesch Banken hei präsent, alleguerten, a mir hunn och vill kleng Banken hei, déi awer zu enger grousser gehéieren.

Mir mussen elo am Detail kucken, wéi vill Banken dodrënnerfalen, mä no enger éischter Aschtzung wäert et esou sinn, dass ongeféier d'Halschent vun de Banken zu Lëtzebuerg wäerten an der Zukunft ënnert der Kontroll vun

der Europäescher Zentralbank sinn an déi aner ënnert der Kontroll vun der nationaler Autoritéit. Déi national Autoritéit wäert eng ganz Rei Aufgaben am Numm vun der EZB maachen, mä d'EZB huet déi final Entscheidungsgewalt an deene Froen, déi hir iwwerdroe ginn.

Wat d'Gouvernance ubelaangt, hu mer och stonnelaang diskutéiert, well et eng gréisser Meenungsverschiddenheet gouf tëschent deenen, déi gesot hunn, hei muss mat der qualifizierter Mehrheit, mat enger Gewichtung vun de Stëmmen decidéiert ginn, an déi aner, dorënner Lëtzebuerg, hu gesot, neen, et muss ee Land, eng Stëmm sinn, well dat ass de fundamentale Prinzip, deen an de Statute vun der EZB am Vertrag iwwert d'Europäesch Zentralbank steet.

Dee Prinzip ass herno als Grondprinzip festgehale ginn. Et gëtt mat einfacher Majoritéit entscheed, mä mam Prinzip ee Land, eng Stëmm, esou gëtt also an der Zukunft an der EZB iwwer Froe vun der Iwwerwaachung entscheed. Ech ginn iwwer all aner Detailler do ewech, déi kënne mer an der Finanzkommissioun eng Kéier decidéieren (veuillez lire: diskutéieren). Well dat, wat mer de Moien decidéiert hunn, dat geet elo nach an d'Diskussioun mam Europaparlament, mä ënnert de Finanzministernen hu mir also deen Accord fonnt.

Dat ass eng substanzuell Ännerung, déi fir Lëtzebuerg méi bedeit wéi fir aner Länner, an duerfir muss mer an der Émsetzung, déi bis spéitstens Mäerz 2014 wäert iwwert d'Bühn goen, dat also ganz genoe, och parlamentaresch, hei zu Lëtzebuerg suivéieren. Ech wäert also mat de Kollege vun der Finanzkommissioun nach méi wéi eng Kéier d'Geleeënheet hunn, doriwwer ze diskutéieren.

Fir d'Kontributiounen zu der Budgetsdebatte wëll ech all de Kolleegen hei en häerzleche Merci soen. Et sinn ëmmer nëtzlech Debatten, a meng Erfahrung ass, dass déi Debatten net nëmme fir deen Dag nëtzlech sinn, mä virun allem fir dee Budget an déi Budgeten, déi duerno kommen. Well dat ass Budgetspolitik, déi kann een ni op engem Moment gesinn, déi muss een ëmmer an enger Trajectoire gesinn, an dorunner solle mer all zesummeschaffen.

Merci.

► **Plusieurs voix.** - Très bien!

► **M. le Président.** - Merci dem Finanzminister.

Domadder wier d'Diskussioun ofgeschloss, an elo stëmme mer fir d'Éischt of iwwert de Projet de loi 6497.

Vote sur l'ensemble du projet de loi 6497 et dispense du second vote constitutionnel

D'Ofstëmme fänkt un. Fir d'Éischt déi perséinlech Stëmmen. De Vote par procuration. De Vote ass ofgeschloss.

De Projet de loi 6497 ass ugeholl mat 39 Jo-géint 21 Nee-Stëmmen.

Ont voté oui: Mmes Diane Aehm, Sylvie Andrich-Duval, Nancy Arendt (par M. Fernand Boden), MM. Fernand Boden, Lucien Clement, Mme Christine Doerner, MM. Emile Eicher, Félix Eischen, Mme Marie-Josée Frank, MM. Léon Gloden (par Mme Marie-Josée Frank), Norbert Haupt, Ali Kaes, Marc Lies, Mme Martine Mergen, MM. Paul-Henri Meyers, Laurent Mosar, Marcel Oberweis, Gilles Roth, Jean-Paul Schaaf, Mme Tessa Scholtes, MM. Marc Spautz, Robert Weber, Lucien Weiler, Raymond Weydert, Serge Wilmes et Michel Wolter;

MM. Marc Angel, Alex Bodry, Mme Claudia Dall'Agnol, MM. Fernand Diederich, Georges Engel, Ben Fayot, Claude Haagen, Jean-Pierre Klein, Lucien Lux, Mme Lydia Mutsch, MM. Roger Negri, Ben Scheuer et Roland Schreiner.

Ont voté non: MM. André Bauler, Eugène Berger (par M. Fernand Etgen), Xavier Bettel, Mme Anne Brasseur, MM. Fernand Etgen, Alexandre Krieps, Claude Meisch, Mme Lydie Polfer et M. Carlo Wagner;

MM. Claude Adam, François Bausch, Félix Braz, Camille Gira, Henri Kox, Mmes Josée Lorsché et Viviane Loschetter;

MM. Jean Colombero, Gast Gibéryen, Jacques-Yves Henckes et Fernand Kartheiser;

M. Serge Urbany.

Gëtt d'Chamber d'Dispens vum zweete Vote constitutionnel?

(Assentiment)

Dann ass dat esou decidéiert.

Da komme mer elo zur Ofstëmmung iwwert de Budget fir d'Joer 2013.

Vote sur l'ensemble du projet de loi 6500 et dispense du second vote constitutionnel

D'Ofstëmme fänkt un. Fir d'Éischt déi perséinlech Stëmmen. De Vote par procuration.

An och hei ass de Vote ofgeschloss mam selwechte Resultat, 39 Jo-géint 21 Nee-Stëmmen.

Ont voté oui: Mmes Diane Aehm, Sylvie Andrich-Duval, Nancy Arendt (par Mme Christine Doerner), MM. Fernand Boden, Lucien Clement, Mme Christine Doerner, MM. Emile Eicher, Félix Eischen, Mme Marie-Josée Frank, MM. Léon Gloden (par Mme Diane Aehm), Norbert Haupt, Ali Kaes, Marc Lies, Mme Martine Mergen, MM. Paul-Henri Meyers, Laurent Mosar, Marcel Oberweis, Gilles Roth, Jean-Paul Schaaf, Mme Tessa Scholtes, MM. Marc Spautz, Robert Weber, Lucien Weiler, Raymond Weydert, Serge Wilmes et Michel Wolter;

MM. Marc Angel, Alex Bodry, Mme Claudia Dall'Agnol, MM. Fernand Diederich, Georges Engel, Ben Fayot, Claude Haagen, Jean-Pierre Klein, Lucien Lux, Mme Lydia Mutsch, MM. Roger Negri, Ben Scheuer et Roland Schreiner.

Ont voté non: MM. André Bauler, Eugène Berger (par M. Fernand Etgen), Xavier Bettel, Mme Anne Brasseur, MM. Fernand Etgen, Alexandre Krieps, Claude Meisch, Mme Lydie Polfer et M. Carlo Wagner;

MM. Claude Adam, François Bausch, Félix Braz, Camille Gira, Henri Kox, Mmes Josée Lorsché et Viviane Loschetter;

MM. Jean Colombero, Gast Gibéryen, Jacques-Yves Henckes et Fernand Kartheiser;

M. Serge Urbany.

Gëtt d'Chamber d'Dispens vum zweete Vote constitutionnel?

(Assentiment)

Dann ass dat esou decidéiert.

An dann hu mer hei nach eng Motioun, déi vun den Häre Bausch a Meisch erakomm ass.

Motion 1 modifiée

La Chambre des Députés,

- considérant la nécessité de renforcer l'équité sociale de notre système fiscal;

- considérant le manque de capacités analytiques de la fiscalité au niveau du débat politique;

- considérant la nécessité de renforcer la qualité de la planification des recettes fiscales;

- considérant la complexité particulière des politiques fiscales au Luxembourg dans le contexte de la place financière;

- considérant l'impact potentiellement considérable de l'évolution des politiques fiscales européennes sur celle du Luxembourg;

- souhaitant rendre le débat sur les questions de fiscalité au Luxembourg plus transparent et plus objectif;

invite le Gouvernement à

- mener une recherche ouverte et contradictoire avec des modèles de simulation pour les diverses propositions en matière fiscale actuellement discutées et d'analyser à cet égard plus particulièrement:

- l'effet de ces mesures sur les revenus fiscaux,

- leur impact sur la progressivité de l'imposition pour les différents déciles des tranches de revenus,

- l'impact sur le pouvoir d'achat des revenus des classes moyennes et inférieures,

- l'utilité des différentes mesures d'allègement fiscal, telles les abattements, modérations d'impôt,

- les effets possibles d'un renforcement de l'écofiscalité dans le système fiscal luxembourgeois,

- les contradictions possibles entre des mesures de la fiscalité nationale d'un côté et l'attractivité de la place financière de l'autre;

- envisager de façon concrète l'instauration au Luxembourg d'une instance d'analyse des politiques fiscales afin de disposer à terme d'un centre de compétences et une capacité d'analyse et de modélisation ouvertes et accessibles au débat politique;

- présenter à la Chambre des Députés les résultats de ces efforts lors du débat sur le budget de l'année 2014 à la Commission des Finances et du Budget.

(s.) François Bausch, Claude Adam, Félix Braz, Fernand Etgen, Viviane Loschetter, Claude Meisch.

D'Regierung huet kee Problem, déi Motioun unzuhuelen, soudatt mer par main levée doriwwer kënnen ofstëmmen.

Vote sur la motion 1 modifiée

Wien ass mat där Motioun d'accord?

Dat schéngt mer d'Unanimité ze sinn. Dann ass déi Motioun domadder ugeholl.

Mir sinn dann och elo um Enn vun eiser Sitzung vun haut ukomm. Déi nächst Sitzung si virgisi fir den 18. an 19. Dezember.

D'Sitzung ass opgehewen.

(Fin de la séance publique à 18.26 heures)